# Gemengebuet

31.
JANUAR
2025



#LIEWENZUESCH

esch

☑ = Jo
☒ = Nee
= Enthalen
= Procuratioun

# 31. JANUAR 2025

Gemengebuet

esch

31.
JANUAR
2025

Voir les votes par conseiller →

**Transkriptioun Gemengerot Esch**

**31. Januar 2025**

*Réunion à huis clos*

## 1. Questions de personnel ; décision

*Réunion publique*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis iwwer d'Medie suivéieren, ech begréissen Iech dann an der éischter Gemengerotssëtzung vun dësem Joer 2025.

E Méindeg koum eng Demande era vun der Sensibilité politique Déi Lénk, fir e Punkt op den Ordre du jour bäizesetzen, zum Sujet vun den net occupéierte Logementer um Escher Territoire. Mir proposéieren, deen dann op Punkt 9, hanner de Personalfroen, bäizesetzen.

Ech mengen, dass mer keng Procuratioun erakritt hunn a keng Entschëllegung. Dat heescht, de Conseiller, wou nach feelt, dee wäert da warscheinlech nach kommen.

A da kënne mer eigentlech direkt mam Programm starten.

## 2. Observatoire social - Seniors-Besoins Spécifiques ; discussion

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Leschte Freideg krute mer jo am technesche Gemengerot hei schonn de Rapport vum Observatoire social iwwer d'Situatioun vun de Seniore presentéiert. Gëschter gouf dat op den Assises sociales diskutéiert, wou jidderee vun eis invitéiert war a wou ech och deen een oder anere gesinn hunn.

An haut diskutéiere mir dann de Rapport an dëser Ronn. An ech ginn dofir dem Seniore-Schäffen André Zwally d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Et ass mir natierlech och eng grouss Freed, fir haut mat Iech iwwer e ganz wichtegt Theema ze schwätzen. D'Erausfuerderungen, déi eis Gesellschaft an de kommende Joren am Ëmgang mat den eelere Generatioune wäert mussen ugoen.

Eis Bevëlkerung gëtt méi al, d'Zuel vun de Leit iwwer 50 Joer geet erop, an domadder och d'Responsabilitéit, déi mir als Gesellschaft mussen droen, fir hinnen eng qualitativ héichwäerteg Liewensqualitéit ze garantéieren.

Dëse Rapport vum Observatoire social bréngt vill Informatiounen iwwer eis eeler Escher Bevëlkerung. Et ass fir eis als Politiker en Orientéierungsinstrument, wéi mir an der Zukunft Politik solle fir eis eeler Matmënsche gestalten.

De Rapport ass eigentlech e Spigelbild vun der gesellschaftlecher Entwécklung, an déi eeler Leit gehéieren dozou. Den Alter ass oft nëmmen eng Zuel, an dach wësse mir, dass d'Zäit am Liewen net onendlech ass an de Wee bis an e gewëssen eran eng Erausfuerderung ass.

Déi sechs Kapitelen, déi aus dem Rapport ervirginn, sinn, souwäit et nëmme konnt goen, ganz genau e Spigelbild vun de Joren tëscht 2013 an 2023. Also zéng Joer, déi op allen Aspekter verglach goufen a wéi sech

d'Situatioun haut an eiser dach méi moderner Welt duerstellt.

D'Adaptatiounen an eenzele Beräicher sinn noutwendeg an eng gesond Stadentwécklung si wichteg an all eis Iwwerleeunge fir eis Stad. Eleng den Zouwuess vun iwwer 5.000 neie Residenten an deem Zäitraum vun zéng Joer, dat ass analyséiert ginn. An dat ass och e Grond, e wichtege Grond, fir eis Iwwerleeungen zu eisen eelere Generatiounen ze iwwerdenken.

De Bericht huet jo net den Upsroch, fir komplett ze sinn, mee ass a senger grousser Ausriichtung eng flott Orientatioun fir déi nächst Aufgaben, déi virun eis leien.

Eng ugepasst Manéier, wéi zum Beispill de PDIS, deen ech als Interpretatioun vun eise Senioren an der Gemeng an den nei an existéierenden an neie Quartiere muss a soll eng Prioritéit ginn. Dat ass och en Deel vun der Stadentwécklung, ëm déi ee sech muss do erëm këmmeren.

Mir hunn an der Vergaangenheet bewisen, datt déi fir eis normal Iwwerleeunge bei sou Entwécklungspläng funktionéieren a musse bei eisen zukünftegen Entwécklung genausou op de Seniorsberäich upassen als eng Selbstverständlechkeet einfach empfannen.

Et ass selbstverständlech, datt mir vun neie Schoule schwätzen, Sportanlagen a villes méi, well et einfach an der Entwécklungs-DNA läit bei alle Planer, mee mir däerfen net déi eeler Leit an hire Besoin fir Wunnen an neien a sozialen Ariichtungen an de Besoin, fir um normale Liewen deelzehuelen, eis Kultur- a Sportariichtungen, wat eventuelle spezifesch Raimlechkeete fir eeler Leit, net vergiessen.

De Rapport weist ëmmer erëm drop hin, datt een Drëttel vun eiser Bevëlkerung méi wéi 50 Joer huet. Mir maachen dorënner keen Ënnerscheed tëscht dem Zivillstand, den Nationalitéiten oder aner Froe vun Ongläichgewiichter, well mir der Meenung sinn, dass jiddereen en Zesummeliewe muss erlaabt kréien.

Op eisem Territoire ginn et vill staatlech a privat souwéi och Gemengeservicer an Associatiounen täteg, déi täteg sinn. Si hunn all Dag mat deene Besoin-specifiquë vun de Leit ze dinn. Dofir sinn och frou, datt sou vill Leit aus der Zivillgesellschaft un den Assises vu gëschter deelgeholl hunn.

Aus hiren alldeeglechen Aarbechten entstinn nei Reflexiounen, nei Iddien, nei Demanden an oft nei Erkenntnisser, wéi mir besser a méi sécher eis Gesellschaft op hir Neiausriichtung an Zukunft kënne bannen.

Eisen Escher Territoire bleift net verschount vun Ännerungen an eiser Gesellschaft a mir mussen déi nei Defie fir eis eeler Leit unhuelen, an dat maache mer. An eisem Koalitiounsaccord si mir amgaangen, konsequent duerchzesetzen, a mir sinn um richtege Wee, fir dës ëmzesetzen.

De Staat huet sech och ugepasst an huet iwwer dat neit Gesetz aus dem Joer Juli 2023 sech nei opgestallt, wat mir begréissen, well nei gesetzlech Norme geschafe ginn, déi dem ganze Secteur eng besser Iwwersiicht un der Qualitéit an och eng besser Roll eigentlech zoukomme loossen.

De Covid-19 huet d'Welt verännert a mir hunn alleguerten an där Pandemie geléiert, den Eenzelen a senger Famill, déi staatlech a kommunal Ariichtungen hu misse sech organiséieren. An ech wëll och nach haut all deene Leit Merci soen, déi sech abruecht haten, fir den eelere Leit ze hëllefen. Dat war net selbstverständlech.

De Message ass verstane ginn a mir musse weider un der Qualitéit fir eeler Leit schaffen.

Aus den Assisë gëschter an der Kulturfabrik sinn zu deene véier verschiddenen Theemen an deenen eenzelen Atelieren nei Erkenntnisser komm. Ech hunn en éischte kuerzen Iwwerbléck dovunner kritt.

Mir wäerten dat dote weidergin an déi zoustänneg Kommissioun, an Der wäert natierlech och d'Konklusioune vun deem ganzen Text kréien. An da wäerte mer och versichen, an enger nächster Gemengerotssitzung kuerz op deen, op déi Zesummefaassung an déi Diskussiounen an déi Propositiounen, déi komm sinn, anzegoen.

Et ware Kritiken dobäi, et ware Suggestiounen dobäi. Ech mengen, alles war wichteg. An op deene véier Punkten, wéi gesot, sinn e puer Deeler erauskomm, déi och fir eis Gemengepolitiker wichteg sinn.

Ech hätt nach vill Iwwerleeungen ze maachen, a freeë mech awer op Är Remarken an Ustéiss an op eng fruchtbar Diskussioun. Merci villmools.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Zwally. Wie kann ech aschreiwen?

Da fänke mer u mam Här Ramdedovic an duerno mam Här Baum.

**M. Dejvid Ramdedovic (CSV)**

Merci fir de Wuert.

D'Akommes vun de Senioren zu Esch. Am Januar 2023 war d'Duerchschnëttsakommes vun der Escher Bevëlkerung 4.043 € Bruttosmonat. Am Verglach gi Seniore vu 50 Joer manner gutt bezuelt, mat 3.973 € de Mount am Duerchschnëtt, wat am Géigesaz zu der Situatioun 2013, wou se besser bezuelt goufe wéi de Moyenne.

Mir gesinn en Akommesspalt tëscht de Männer a Fraen. Ënnert de Leit fir de 50 Joer a méi war den Ënnerscheed tëscht de Männer a Frauen am Januar 2023 20 % fir Männer, géint 13,5 % fir all Escher. Dës Lück ass zënter 2013 erofgaangen.

Mir gesinn och en Akommesspalt tëscht de Lëtzebuerger Senioren an Net-Lëtzebuerger Senioren. Am Januar 2023 kruten d'Lëtzebuerger Fraen en Duerchschnëttsakommes vun 53 % méi héich wéi dat vun net-lëtzebuergesch Frauen a Lëtzebuerger Männer kruten en Duerchschnëttsakommes 56 % méi héich wéi dat net-Lëtzebuerger Männer.

Mir bemerken och en Akommesspalt tëscht den zimmleche Quartiere Brill, Al Esch par rapport zu de Quartieren Dellhéicht a Wobrécken. D'Akommes sinn am niddregsten am Brill an Akommes sinn am héchsten zu Wobrécken.

Sozial Virdeeler, Allocation de vie chère. Am Januar 2023 hu 24,4 % vun Escher Bevëlkerung vun der Allocation de vie chère profitéiert. Seniore si ganz wéineg vertrueden. Nëmme 16,3 % vun de Leit vu 55 bis 59 Joer liewen an enger Heemgemeinschaft, déi vun der Allocation de vie chère profitéiert.

Am Quartier Brill an Al Esch profitéieren duebel esou vill Seniore vun Allocation de vie chère wéi an de Quartieren Dellhéicht an Université-Belval.

REVIS, Sozial-Inklusioun-Akommes. Am Januar 2023 wunnen zu Esch 2.614 Leit an enger Heemgemeinschaft, déi vum REVIS profitéiert hunn, dorënner 30 % vu 50 Joer a méi. Am Quartier Brill an Al Esch kréie ronn 10 % vun déi Leit vu 50 Joer a méi de REVIS

par rapport zu de Quartiere Universitéit, Fettmeth a Lalleng, déi Wäerter dräimol méi niddereg hunn.

Alter- a Fréialterspensiounen. Am 1. Januar 2023 u kruten 4.652 Leit vu 57 Joer oder méi eng Alters- oder Fréialterspensioun zu Esch. Mir bemerken Ënnerscheeder tëscht de Männer a Fraen, mat vill manner Fraen déi eng Alterspensioun kréien.

Iwwerliewendepensioun, Pension survie. Am Joer 2023 kruten 1.518 Leit zu Esch eng Iwwerliewenspensioun. Eng grouss Majoritéit vun den Iwwerliewenspensiouns-Beneficiairë si Frauen, mat 92,6% am Januar 2023.

Den Undeel vun den Iwwerliewendepensioun-Beneficiairen erhéicht mam Alter. Et geet also vun 0,2 % vun der Bevëlkerung ënner 49 bis 57 % vun deen 85 Joer a méi.

Verdeelung vu Senioren an Nationalitéit zu Esch. Zuelen wat Esch ubelangt: 2013 an 2023. Op den 1. Januar 2023 hat Esch 36.609 Awunner, dorënner 12.426 Leit, déi 50 a méi Joer hunn. Bei 5.237 déi 65 a méi, dat sinn 14,3 %.

Am Januar 2023 hunn d'Auslänner 56 % vun der Bevëlkerung vun Esch vertrueden. Ënnert der Bevëlkerung vu 50 bis 59 Joer huet d'Stad Esch 37,5 % Lëtzebuerger an 62,5 % Auslänner.

Tëscht 2013 an 2023 ass den Undeel vun der Lëtzebuerger Seniorebevëlkerung erofgaangen, mat engem Verloscht vun 9 op 13 Punkten, jee no Altersgruppen. Den Undeel vun der italieenescher Seniorebevëlkerung vu 60 Joer a méi ass och erofgaangen. Den Undeel vun der portugisescher Seniorebevëlkerung ass däitlech eropgaangen, vun 22 % am Joer 2013 op 33 % am Joer 2023 fir déi vu 60 bis 69 Joer.

Wat d'Quartieren ugeet, mierke mir Ënnerscheeder tëscht der Präsenz vun de Lëtzebuerger Senioren an auslännesche Senioren. Dellhéicht schéngt de lëtzebuergeschste Quartier ze sinn, mat méi wéi 70 % vun de Senioren an der Noperschaft, géint 48,9 % um Gemengenniveau. Am Quartier Lankelz a Fettmeth si 64,5 % Seniore Lëtzebuerger.

Am Géigesaz hunn d'zentral a westlech Quartiere e méi grousst Gewiicht vun auslännesche Senioren. De Brill huet 72,6 % vun auslännesche Senioren. De Quartiere Grenz, Uecht an Al Esch hu bal 59 % auslännesche Senioren. Tëscht 2013 an 2023 gesi mir e wuessenden Undeel vun auslännesche Senioren-Awunner.

Als Ofschloss kënnen d'Ënnerscheed tëscht verschiddene Quartiere erkläert ginn duerch d'Tatsaach, datt verschidde Quartiere méi rezent sinn, wou et eng Konzentratioun vun méi jonker Bevëlkerung ass. Eeler Leit plënnere vill manner, awer si plënneren an Altersheimer. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Ramdedovic. Den Här Baum huet d'Wuert an duerno d'Madamm Ragni.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och dem zoustännege Schäffe fir nach eng Kéier de Resümmee gemaach vun deem, wat mer am leschten technesche Gemengerot e bësse méi am Detail presentéiert kruten.

A wat, mengen ech, ganz wichteg ass, datt mer déi reegelméisseg Rapporte vun deem Observatoire social kréien, well se engersäits eng Momentopnam si vun der net nëmmen, mee awer och vun der sozialer, der demografescher, der ekonomescher

Situatioun vu bestëmmte Deeler vun der Populatioun.

Mee virun allem ass et awer och d'Méiglechkeet, ze vergläichen, Entwécklungen ze gesinn. A wann een Entwécklunge gesäit, eventuell och kënnen ze anticipéieren, ze kucken, wéi et kann an Zukunft weidergoen, wat d'Besoine vun de Leit a wat doduerch och eventuell d'Besoinen an d'Investitioune muss sinn, déi d'Gemeng maache muss an Infrastrukturen a Servicer a sou virun.

An déi alleréischt, dat wat mech am meeschte verwonnert huet, dat ass – den Här Ramdedovic huet et virdru ganz kuerz ugeschwat. Dat ass effektiv d'Akommesstruktur zu Esch, wat déi eenzel Alterskategorien ugeet.

Et ass net verwonnerlech, datt, wann ee sech deen Tablo ukuckt, datt vun 20 bis 45 ginn et ëmmer Progressiounen, wat de Medianloun, de Brutto-Medianloun ugeet. An dann, an dat ass awer, mengen ech, scho spezifesch a misst eis interpelléieren, da geet et vu 45 bis 65 erof de Medianloun an den eenzelen Akommeskategorien. An da mat 65, 70 geet en erëm liicht an d'Luucht.

An dat ass awer schonn eng komesch Courbe. An et bedeit, vu datt mer e Pensiounssystem hunn, dee ganz staark un d'Revenuen aus der Beruffszäit gebonnen ass, bedeit dat, datt mer warscheinlech a 5, 10, 15 Joer, wann déi Leit an d'Pensioun ginn, de Phenomeen vu Mënschen, déi un der Limitt vun der Altersaarmut riskéieren ze liewen, datt dee Phenomeen wäert an d'Luucht goen.

Dat gesi mer elo schonn, wa mer einfach nëmmen d'Akommesstruktur vun den haut 50- , 55-Järege gesinn.

An do, mengen ech, misste mer wierklech als Gemeng e kollektiven Effort maachen, wéi mer mat där Situatioun, déi mer elo an 10, 15 Joer gesinn op eis duerkommen, wéi mer domadder ëmginn. Wat dat fir Servicer bedeit vun der Escher Gemeng. A wat dat eventuell och vun Infrastrukture bedeit.

Bei Infrastrukturen ass et esou, datt virun nach net allze laanger Zäit zu Esch eng grouss Struktur opgaangen ass. Dat ass den Elysis am Wobrécken. An ëmsou méi erstaunlech war et fir mech op jidde Fall, wéi ech am Dezember am Lëtzebuerger Wort d'Opstellung gelies hunn, wat de Loyer an de Quadratmeterpräis vun den eenzele Strukturen ass. An Elysis ass déi deierst Struktur am ganze Land.

Do kann d'Pescatore apaken. All déi, wou ee sech klassescherweis denkt, déi wieren deier, sinn déi, déi hanner dem Elysis nach zeréckleien.

An do gëtt et dann awer eng Diskrepanz tëscht der sozialer Noutwendegkeet hei um Escher Terrain op der enger Säit, an op der anerer Säit dem Ugebuet, wat geschafe ginn ass.

Domat soen ech net, datt een Elysis net hätt solle maachen, mee ech mengen, datt et an Zukunft eng gréisser Demande wäert gi bei Leit, déi eeben net 4.500 € Netto-Pensioun hunn a sech dat leeschte kënnen.

An dat, mengen ech, sollt eis wierklech interpelléieren a kucken och an Zukunft, wéi een domadder ëmgoe kann.

Mir hunn als Escher Gemeng, an de leschte Jore si Strukturen a Servicer ausgebaut ginn. De BiBBS ass ausgebaut ginn, d'Ugebuet ass och ausgebaut ginn. Ech mengen, datt dat eppes ganz Richteges an och ganz Wichteges war, fir op deen dote Wee ze goen.

Ech mengen och, datt mer sollten och d'Konklusioune vun de verschiddene

Workshoppen nach eng Kéier waarden an och dann nach eng Kéier déi Diskussioun féieren, wat nach Ausbauméiglechkeete si vun deene Servicer, déi mer zu Esch ubidden.

An op dëser Plaz dann och e grousse Merci un d'Aarbecht, déi bis elo am BiBBS och gemaach ginn ass. Ech mengen, dat huet vun eppes ganz Klengem ugefaangen, hin zu engem Ugebuet fir Senioren, dee weider an Zukunft gaangen ass.

E leschte Gedanken, dee mer nach komm ass, wéi ech mer de Rapport vum Observatoire social duerchgelies hunn. Well et geet jo och ëm Leit mat Besoins spécifiques. An ech hu mer einfach d'Fro gestallt, op Dir, Här Zwally, Zuelen hutt.

Et ass jo sou, datt d'Gemeng verflicht ass per Gesetz, 5 % vun dem Effectif misste Salariés handicapés sinn. Wéi deen Undeel op der Escher Gemeng ass. Hutt Dir do Zuelen? A wa jo, da wier ech frou, wann Der mer déi kéint matdeelen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Baum. Dann huet d'Madamm Ragni d'Wuert an duerno den Här Funck.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Fir d'alleréischt emol géif ech gären am Numm vun der gréngen Partei dem LISER Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht an déi vill Donnéeën, déi si eis mat den Observatoire-sociallen ëmmer nees op en Neits liwweren. An dann awer och all de Servicer an all de Leit, déi bei dëser Aarbecht bedeelegt waren.

D'Theema vun dësem Observatoire social geet et ëm Mënschen, wou awer ëmmer nees an eiser Gesellschaft e bësselche vergiess ginn oder mol an den Eck geschiibt ginn. A vläicht net méi sou vill un déi Persoune geduecht ginn: den Drëtten Alter oder Persoune mat spezifesche Besoinen.

Andeems mir den Observatoire social fir d'Leit am Drëtten Alter a mat spezifesche Besoinen zu Esch erausgesicht hunn, setze mir e kloert Zeechen. Dass grad dës Leit eis net egal sinn a mir nach ëmmer se als en Deel vun eiser Gesellschaft gesinn. An datt si och Bierger si mat Besoinen, sou wéi s du an ech.

Dësen Observatoire social erméiglecht eis, ze gesinn, wou bei dëse Bierger de Schong dréckt a wéi eng Besoine si am Alldag hunn. Duerch Sammele vun Date kann een déi richteg Entscheedunge fir sozial a gesondheetlech Moossnamen huelen an dës Leit besser ënnerstëtzen, a Prioritéiten an der Politik ze setzen.

D'Bevëlkerung gëtt ëmmer méi al, an et ass wichteg, sech op dëst virzebereeden, andeems een zum Beispill verschidde Servicer en place setzt oder weider Altersheemer baut.

Den Observatoire social hëlleft eis awer och, zum Beispill Ongläichheeten an de verschiddene Quartieren, souwuel bei de Revenuen, wéi bei der Allocation de vie chère, oder och nach tëscht Mann a Fra erauszefannen.

Mat dësen Donnéeë kënne mir konkreet op déi verschidde Problematiken agoen a Léisunge fir den Alldag vun dëse Mënsche sichen.

D'Prekaritéit am Alter ass en Theema, wou een net sou oft thematiséiert gëtt, an awer eng gewëss Populatioun trëfft. An och hei gesi mir ganz kloer zum Beispill, dass de Brill-Quartier

an Al Esch nees als eise méi sozial schwaache Quartier gëllen. Manner Revenu, méi héich Tauxe vum Chômage, awer och de Logement ass en Theema, wat net ze negligéieren ass.

Wat och mat dorun hänkt, dass fir vill Leit am Alter et eng grouss Suerg ass, well se zum Beispill kee Loyer méi bezuele kënnen, deemno wéi net méi schaffe kënne goen, eventuell de Partner ewechfält oder datt se sech ab engem gewëssen Alter scheede loossen, Scholden hunn an aus deem Däiwelskrees net méi erauskommen.

Erschreckend fannen ech et awer och nach hei bei dëser Thematik einfach den Ënnerscheed, deen et nach ëmmer gëtt tëscht Fra a Mann. D'Zuelen, déi eis weisen, dass et haaptsächlech Frae sinn, déi och ab engem gewëssen Alter eng méi héich Unzuel hunn, fir zum Beispill an eise Logement-sociallen ënnerbruecht ze ginn. Oder bei de Revenue manner kréie wéi d'Männer.

D'selwecht bei de Renten, beim REVIS, wou de Prozentsaz bei de Frae méi héich war, well och zum Beispill d'Fraen da méi oft als Monoparental sinn.

Bei der Pensioun, Pension de survie waren et haaptsächlech Fraen, déi dës kritt hunn, mat 96,2 %. Well an der Zäit Fraen eebe manner geschafft hunn a sech méi ofhängeg gemaach hu vun hirem Mann an deem sengem Revenu.

Gutt ass awer ze gesinn, dass och eise Service BiBBS immens erfollegräich ass bei eise Leit mat spezifesche Besoinen an och am Drëtten Alter, an dass déi verschidde Servicer, déi en place gesat gi sinn, awer gutt genotzt ginn, wéi zum Beispill den Telealarm, d'Aktivitéiten, de Repas sur Roues, den Escher Plusbus.

Ech denken, dass mer do och hei zu Esch awer scho verschidde Grondsteng geluecht hu fir d'Leit am Drëtten Alter, fir hinnen einfach och ze weisen, dass mer u si denken an dass mir als Escher Gemeng si och wëllen hei mat an eiser Gesellschaft abauen an dass mir si net vergiess hunn. An dass si och e wichtegen Deel vun eiser Populatioun sinn. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Dann den Här Funck an duerno d'Madamm Scholl.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Zwally.

Merci och dem LIST, fir d'lescht Woch déi Presentatioun. Dem LISER, pardon, fir déi Presentatioun, déi mer d'lescht Woch kritt hunn.

An et ass mer eng Freed, dass mer haut iwwer dëse Outil kënne schwätzen. Dass mer de Rapport elo virleien hunn. Dee Rapport, dee wäert de Kompass si fir eis Seniorepolitik an der Zukunft, déi mer hoffentlech all zesumme kënnen esou gestalten, wéi eis Senioren dat verdéngt hunn.

Elo sinn d'Assisen ofgehalen. Mir hunn de Rapport virleien. Déi gewielt Vertrieder schwätzen haut driwwer. An ech erënnere mech dann awer gär un déi Fro, déi ech am Budget gestallt hunn. An et war ganz einfach. Et war: An elo?

Wat ass elo op eisem Agenda, fir dat ëmzesetzen, wat mer eis wëlle virhuelen, wat aus deene Workshoppen erauskënnt? A wat si virun allem déi finanziell Moyenen, déi mer eis ginn, déi ech leider Gottes deemools am Budget net esou direkt fonnt hat?

Sief et Sujete wéi den Zivillstand oder de Fait, dass Leit eleng wunnen, hunn a wäerten ëmmer méi eng wichteg Roll an Zukunft spillen am Verglach zur Vergaangenheet. Also ass et hei enorm wichteg, dass mer elo ufänken, eis prett ze maachen, fir dësen Erausfuerderungen entgéintzewierken.

Dräi Punkte wëll ech awer ervirhiewen, wou mer eiser Meenung no direkt mussen aktiv ginn. Dat éischt ass: Kämpfe géint d'Altersaarmut. Mir riskéieren, dass ëmmer méi Escherinnen an Escher wäerten do sinn, wou heivu wäerte betraff sinn.

Dofir sollte mer direkt un de Schnellschrauwen dréinen, wou mer als Stad Esch eng Hand driwwer hunn. Mir haten dëse Sujet scho kuerz bei der Präisadaptatioun vum Repas sur Roues thematiséiert. Mir sollten dat och weiderhi reegelméisseg maachen. Well dëse Punkt jo och tel quel an Ärem Koalitiounsaccord steet, ginn ech dovun aus, dass en Iech och besonnesch um Häerz wäert leien.

Den zweete Punkt si d'Personnes à besoins spécifiques. Mir mussen eis Offer konsequent un d'Facteure wéi Gehéierschwieregkeeten, Aeproblemer oder d'Mobilité réduite upassen. Fir de Leit, alleguerten de Leit, eise Senioren, dat beschtméiglecht Liewensgefill an hirer Stad Esch ze ginn.

Den drëtte Punkt ass d'Entwécklung vun de verschiddenen Nationalitéiten am Seniorsberäich. An den Tranchë 50-69 Joer si vill Net-Lëtzebuerger an Zukunft dobäi, an och si sollen a wäerte kënne vun eise Servicer profitéieren.

Eis Gesamtoffer muss dann awer och hire Besoinen entspriechen an eventuell ugepasst ginn. Dëst souwuel op enger wirtschaftlecher wéi awer virun allem op enger sozialer Eebene.

Op dëser Plaz wëll ech awer trotzdeem dem ganz Service felicitéiere fir déi immens Aarbecht, wou se dagdeeglech am Sënn vun eise Senioren an am Sënn vun eiser Seniorepolitik leeschten. An ech sinn iwwerzeegt, datt se och weiderhi wäerte Gas ginn, fir eis Pionéierstellung an dësem Beräich weider ze erhalen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. D'Madamm Scholl an dann d'Madamm Weyrich.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguerten, fir d'alleréischt wëll ech emol dem Här Zwally an dem respektive Service villmools Merci soen.

Ech muss Iech éierlech soen, ech wär ganz frou, wann ech als Senior, wou ech dann am Fong laut dem Bericht och dozou gehéieren, mee am spéideren Alter hei an dëser Stad ka liewen. Well mer hunn all d'Outilen, hu mir elo scho ganz gutt virugedriwwen, fir eisen eelere Matbierger a Matbiergerinnen entgéintzekommen.

Ech mengen, mir erënneren eis alleguerten drun, Här Funck, un déi Canicule, déi mir eng Kéier a Frankräich haten, wou extreem vill eeler Leit dehydréiert waren a gestuerwe sinn. Mir erënneren eis un d'Covidzäit, wou eis eeler Matbierger.inne genau déi waren, déi een am Fong am meeschten do deem Virus ausgeliwwert waren an ënner deem Isolement am Fong gelidden hunn.

Eis Politik orientéiert sech och an der Kultur a Richtung Solidaritéit. Wa mer kucken, wéi d'Bibliothéik sech bis dato och schonn opgestallt huet, dass mer Bicher mat Rieder am Fong offréieren. E Service, wou d'Bicher

de Wee fannen zu eisen eelere Matbierger a Matbiergerinnen. Eisen Theater, deen do och eng fürend Roll spillt.

Ech war gëschter op den Assisen. Et huet mech gefreet, dass sou vill Leit do waren. Vill eeler Matbierger a Matbiergerinnen. Och Representantë vun de respektiven Haiser. Et ass en Theema, deen eis alleguerten iergendwann, spéider oder fréier, am Fong befaasst.

Wësst Der, wann d'Dependance méi grouss ass, d'Dependance ass ëmmer mat engem ganz grousse Käschtepunkt verbonnen. Egal wéi. Ob ee Monoparental ass an nach net al ass, spéiderhin am Alter: dat kascht. An dat ka sech numol halt net jiddweree leeschten.

An dofir sinn ech immens frou, dass mer hei effektiv dëst Orientéierungsinstrument hei hunn, fir dass mer eis Politik sou kënne gestalten, dass mer effektiv jiddwereen do ofhuelen, wou e grad ass.

Well mir, eis alleguerten ass bewosst, dass Mënschen zu hirer Verletzlechkeet, Ofhängegkeet an Endlechkeet stinn an dobäi op d'Solidaritéit vun eis all ziele kënnen.

D'Würd vun eise Senioren a vun eise Personnes à besoins spécifiques, dass mer déi och onageschränkt respektéieren, wéi och ëmmer hire gesondheetlechen Zoustand oder hir Liewenssituatioun ass.

Ech sinn immens frou, an ech ka just deem Service mäi grousse Luef ausdrécken, well mer genau an déi Richtung ginn, wou ons Fraktioun och wëll dës Politik mat ënnerstëtzen.

Här Zwally, villmools merci.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl. D'Madamm Weyrich an duerno nach den Här Bermes.

**Mme Joy Weyrich (CSV)**

Villmools merci.

Ech hu mech genausou gefreet, dass de Scheinwerfer vum Observatoire social vun Esch, an Zesummenaarbecht mam LISER, endlech op eng Grupp vu Leit gefall ass, déi oft vergiess gi bei der Gestaltung vu politesche Pläng an oft thematesch benodeelegt ginn.

Schéin ze gesinn ass, dass bei dëser Etüd och den demografeschen Aspekt um kommunalen Niveau sou beuecht ginn ass. Kloer, Seniorepolitik kléngt net direkt no Party, an dobäi wäert et warscheinlech iergendwann duerch den demografesche Wandel eis all betreffen.

De Service Senior/Besoins spécifiques huet an de leschte Joren eng enorm Aarbecht geleescht, wat d'Angebot fir d'Escher betrëfft. Insgesamt sinn een Drëttel vun den Escher iwwer 50 Joer, an d'Leit iwwer 65 Joer representéieren 14,3 %. Also scho keng ganz sou kleng Grupp.

A fir dem Här Funck scho mol en Deel vu senger Fro ze beäntweren: Schonn elo. Also, et goufe vill Initiativen an de leschte Jore geschaf, fir d'Liewensqualitéit vun de Seniorinnen an de Senioren ze verbesseren an eng sozial Isolatioun ze verhënneren.

Also, fänke mer un. Säit 2017 gëtt et den Escher BiBBS. Deen ass konsequent ausgebaut ginn. D'lescht Joer am November ass dunn d'Lallenger Antenn opgemaach ginn an de BiBBS representéiert jo souzesoen

d'Ulfafstell fir all méiglech Froen: Hëllef bei den Demarchen an der Orientéierung vun de Leit, wat d'Angeboter an déi méiglech Servicer betreffen.

En iwwerhëlt den administrativen Deel an d'Ausdeele vum Repas sur Roues, deen an eiser Gemeng en ëmmer méi grousse Succès huet. An eppes, wat och extreem gär an Usproch geholl gëtt, sinn déi individuell Rendez-vouse vum BiBBS mat den eelere Leit oder och mat de Familljen doheem an engem intime Kader, wou een all déi wichteg Froe stelle kann an och sur place gehollef kréie kann.

Aner Angeboter, déi an eiser Gemeng lafen, sinn dann zum Beispill de Smart-Phone-Café, den E-Senior 2.0, eng Kollaboratioun mam GoldenMe, e Buch op Rieder, eng Kollaboratioun mat der Escher Bibliothéik, reegelméisseg Konscht- a Fotosausstellungen, wéi zum Beispill och elo an Zesummenaarbecht mat den Archive vun Esch, den intergenerationelle Schreifatelier, eng Kollaboratioun mat der Post aktuell, fir d'Migratioun vum Token op d'LuxTrust-App. An natierlech déi berüümt Seniorefeiere vun der Marie-Astrid a vum Ariston.

Fir d'kierperlech Gesondheet ass dann och gesuergt mam Fit60+-Programm. Fitness, Yoga, Aquagym, Sophrologie an nach ganz vill méi. Also alles, wat et fir d'Preventioun vun den typpeschen Alterskrankheete gëtt.

An dann a punkto Mobilitéit musse mer dann och de Plusbus ernennen, deen net nëmmen als Ruffbus eeler Persoune vun enger Plaz op déi aner bréngt, mee och zum Beispill aner kulturell Aktivitéiten ënnerstëtzt. Sou kann och fir verschidde Spektakele vum Escher Theater de Plusbus och ausserhalb vun den normalen Horairen engagéieren.

Oder wärend der Pandemie ass de Plusbus dann och emol schnell zum Impfbus ginn an elo och nach bréngt en d'Leit dann zu wichtegen Dokters-Rendez-vousen.

Wat d'Theema Wunnen ugeet, ass hei op der Escher Gemeng ass de Service Seniors/ Besoins spécifiques dann och ëmmer méi involvéiert. A sou schaffe si och elo aktiv bei der Plangung vun der Senioreresidenz aktuell bei der Rouder Lëns mat.

A punkto Sécherheet kënnen dann och déi eeler Persoune sech fir den Telealarm umellen. De BiBBS leet se da weider un den Help oder Hëllef Doheem. An d'Escher Gemeng leet hei och finanziell bei der Installatioun bäi.

E ganz wichtege Rôle spillt dann hei zu Esch dann och de Club Mosaïque, den Escher Club Aktiv Plus, deen ënner der Gestioun vun der Croix-Rouge.

Eleng d'Brochure elo fir dëst Véierelsjoer, also vu Januar bis Abrëll, 68 Säite laang ass mat Aktivitéiten. Also schonn zimmlech interessant. A sou Saache wéi Fitnesswanderung, kreativ Workshoppen, Häkelcoursen, Bakcoursen, Kino a Kaffi. Also, et ass wierklech fir jiddereen eppes dobäi.

Ech muss dem Här Zwally a senger ganzer Ekipp an de ville Servicer, déi hanner all deem stinn, Merci soen.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Madamm Weyrich. An dann nach den Här Bermes.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci och vu mir aus nach eng Kéier. A Merci un den Här Zwally an un all déi Leit, déi hei matgeschafft hunn.

En ass wierklech komplett an et ass wierklech wichteg. An ech mengen, mir als Vollekspartei setzen eis a fir jiddereen, wéi den Här Zwally och schonns gesot huet. Also och fir déi manner jonk Leit. A besonnesch och fir déi Leit, déi e bësse méi Schwieregkeeten hunn.

Ech war selwer iwwerrascht, wéi ech dee Revenu médian gesinn hunn. An ech ginn do dem Här Baum Recht. Ech maache mer elo e bësse Suergen, Här Baum, well et ass schonn déi zweet Kéier dës Woch.

An ech muss awer drop oppassen, well e Revenu médian … déi meescht verwiesselen heianso – well ech Mathematiker sinn, soen ech dat – Médian mat Moyenne. Well Médian ass déi Zuel, dee Revenu, wou d'Hallschent driwwer läit, mee och d'Hallschent drënner.

An dat mécht mer wierklech Suergen. An dofir musse mer alles dogéint asetzen, fir deene Leit ze hëllefen a se finanziell ze ënnerstëtzen.

Ech mengen, dëse Schäfferot, dës Majoritéit huet schonns villes ëmgesat. D'Madamm Weyrich huet dat jo och erzielt, genau dat, wat souwuel am Koalitiounsvertrag wéi och an eisem Walprogramm steet. An dofir ass et eng gutt Saach.

Da wëll ech awer nach ganz kuerz op déi Statistik do, op dee Präisverglach vun de Betreiungsstrukturen drop zeréckkommen. Ech mengen, wann ech mech elo richteg ieren, 2019 war scho sou en Artikel am Reporter.lu. An deemools gouf och schonns verschidden Etablissementer ernimmt, déi ganz, soe mer, net sou bëlleg sinn.

Mee et muss een oppassen, an all deene Statistike muss een ëmmer kucken, wat matenee verglach gëtt. An dat ass heiansdo wichteg. Well et ginn oft nëmmen d'Präisser matenee verglach an et ass bei deem enge si schonns verschidde Servicer dran a bei deem aneren net. Dat heescht, et wär wierklech interessant, och sou komplett Statistiken ze gesinn.

Op jidde Fall, egal wéi wësse mer, datt et deier ass fir verschidde Leit, an dofir musse mer deem entgéintwierken an deene Leit hëllefen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes. An da fir ze äntweren den Här Zwally.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Bon, ech hunn awer elo festgestallt, dass allgemeng jiddwereen awer zefridden ass mat der Aarbecht, déi geleescht gouf an de leschte siwe Joer. Verbonnen ass dat – natierlech och e grousse Merci un de Service, deen eigentlech all Dag domadder betraut ass. An deen et och net einfach ëmmer huet. Mee awer virun allem ëmmer säi Bescht gëtt.

An ech mengen, dat ass eng flott Orientéierung och fir eis als Politiker fir d'Zukunft, dass mer kënnen op esou Leit zeréckgräifen. An och hinnen déi néideg Ënnerstëtzung an Instrumenter ginn, déi se ganz einfach brauchen, fir och kënnen hir Aarbecht korrekt an anstänneg ze maachen.

Dat zielt awer net nëmme fir eis als Gemeng, mee dat zielt dann och fir de Ministère an och

fir déi Associatiounen, déi bei eis um Terrain täteg sinn.

Ech mengen, den Här Baum huet geschwat vun den Akommessen, vun de Strukturen a vun den Ongläichgewiichter, a virun allem och, wéi kënne mer an der Altersaarmut mat agebonne ginn.

Dat ass eng gesellschaftlech Diskussioun, déi ëmmer erëmkënnt. An déi och virun allem emol generatiounsiwwergräifend zielt.

Ech mengen, dass, wann een déi Diskussioun féiert, och muss wëssen, dass den Eenzele jo onofhängeg vu sengem Akommes dach gebonnen ass mat sengem Patron, wéi en da ka säi Loun aushandelen.

Do ginn et jo dann awer déi Diskussiounen iwwer déi gewerkschaftlech Aktivitéite par rapport zu der ganz komplexer Situatioun, déi da kann entstoen, wann s de op eemol nëmme méi de Mindestloun kriss a weider näischt méi vu Primmen oder wat och ëmmer.

Dat kann dozou bäidroen, fir dass dat, wat s de schaffs, och anstänneg kann dozou benotzt ginn, fir ze liewen. Et ass eigentlech an deem Kontext ze gesinn, wéi Dir et am beschte kënnt steieren. An dofir och, déi Fro vun Altersaarmut ass ëmmer gebonne mat ville Froen.

Well wa mer an der Zäit zeréckkucken, generatiounsbedéngt, da war et fréier jo esou, dass de mat engem Akommes konnts der verschidde Saache leeschten. Dat ass duergaangen.

Den Usproch war vläicht en aneren. Haut ass den Usproch e bësse méi riseg ginn, an enger anerer Orientatioun, well d'Gesellschaft dat och fuerdert. An et geet net méi duer, wann s de eleng schaffe gees.

Haut muss de schonn deelweis och zu zwee sinn, fir dass de iwwerhaapt kanns elementar Saache wéi Wunnen, och eemol am Joer an d'Vakanz goen, an doriwwer eraus nach aner Saachen der kënne leeschten, wat fréier net de Fall war.

Dofir ass déi Affär vun deene Generatiouns-diskussiounen och e Verglach tëscht deem, wat fréier war, wat ee sech do konnt leeschten, an tëscht deem, wat haut do ass. Well een et sech haut net méi ka leeschten, wann een net zu zwee schaffe geet.

Ech mengen, eis Servicer sinn a reegel-méissegem Kontakt an deene Problematiken. Se gesi sech zwee-, dräimol am Joer. Opgrond och vun deene Froen an Demanden, déi vun de Leit kommen. An et gëtt och ëmmer dorobber reagéiert.

Dat ass sou usus ginn zënter 3, 4 Joer, wou dat doten och eng Orientatioun ass, wou jiddwereen och gär dohinner kënnt. Ech muss deene Leit och felicitéieren, well et ass net jiddwereen, dee gär an esou eng Diskussioun kënnt. Mee dat gëtt gemaach. A wéi gesot, mir sinn an där doter Richtung scho gutt opgestallt. A mir versichen awer nach, mat deenen aneren Associatiounen, anescht beieneen ze kommen.

Dir hutt d'Strukturen ugeschwat, déi bei eis um Terrain täteg sinn, fir Alters- respektiv och fir spezifesch Besoine kënnen ënner Daach ze kommen. Mir schwätze vun Alters- a Fleegeheimer, déi Der ugeschwat hutt.

Dir hutt den Elysis genannt. Mir si frou eigentlech, dass se bei eis op den Territoire kënnt. Well dat war och eng vun de Politicken, wou mer mat musse suivéieren, wéi vill Leit ginn et, wat kënne mer ubidden, wat kënne mer och an deene Strukturen ubidden. Well och dat ass eng Iwwerleeung.

An dofir mengen ech och, dass ech drop pochen, dass mer herno am Entwécklungsplang fir déi nächst 20, 25 Joer mat der Lentille Terres Rouges respektiv och mat der Metzeschmelz kënnen drop zielen an e Schlëssel fanne par rapport zu deene Leit, déi mer hunn an déi en vue vun iergendengem ab 85 Joer oder ab 83 kann an esou eng Struktur opgeholl ginn.

Well et ass schonn erstaunlech, dass engersäits mer ëmmer schaffen, fir d'Leit autonom doheem ze halen, sou gutt, wéi et och nëmme geet. Hinnen och hëllefe mat all deene Mëttelen, déi mer zur Verfügung stellen.

An ech sinn awer ëmmer erëm iwwerrascht, wann d'Moyenne 83 Joer ass, wou déi Leit op eemol dann an enger Urgence sinn, wou ab engem Moment näischt méi geet. An da si mer natierlech och frou, wa mer där hunn.

Dir hutt den Elysis vu 4.500 € geschwat. Dat ass awer, an dat muss ech mol eng Kéier och soen: do ass alles mat dran.

Mir haten de Verglach gemaach mat eisen Haiser, déi mer hunn. A mir hunn den Ufanksgehalt, oder ech soen emol d'Ufanksprestatioun, de finanziellen Deel. An da komme ganz oft nach zousätzlech Prestatiounen, déi muss de matbezuelen.

An en ass also vläicht an engem Ënnerscheed vun 200, 300 €, wou e méi deier ass, wéi wann een eigentlech an engem Ufankstariff ass, deen herno dann entsprechend bei 4.000 oder 4.200 € ka leien. Dat zu der Situatioun Elysis.

Mir sinn awer och frou, dass en do ass. An Dir wäert och gesinn, wann elo nach 2, 3 Joer ëm sinn, dann ass en e feste Bestand vun eise Strukturen hei. A mir sinn och frou, dass dat deementsprechend ass.

Dir hat, de Besoin spécifique hat Der ugeschwat. Mir hu bei eis am Salariésberäich, de gréisste Beräich vun deene Leit, wou ee ka krank ginn oder en Handicap ka kréien, do sinn effektiv méi wéi 5 %.

A bei deenen aneren, do soen ech emol Fonctionnairen, Employé-communallen, déi jo net all Witterung ausgesat sinn, wou den Aarbechtsrhythmus en aneren ass, wéi dee bei de Salariéen. Do sinn et am Moment just zwou Persounen, déi an dee Statutt falen.

Ech wëll awer och nach eng Kéier och an der Diskussioun ernimmen, wat dann heiansdo och vergiess gëtt. Dat ass, dass mir awer als Politik och déi hunn, fir déi Laangzäitchômeuren awer och hei eranzehuelen. Quitt datt se net exklusiv hei wunnen.

Se sinn einfach hei, well mer se gär integréiert hunn, well se Jore bei eis geschafft hunn a well mir hinne wëllen déi selwecht Assurance gi par rapport zu deene Leit, mat deene se wärend Jore geschafft hunn. A si sinn och doduerch finanziell gestäerkt. An dat sinn der 43. A mir wäerten och an Zukunft nach des Ëfteren heihinner kommen, fir dat weider mat ze ënnerstëtzen.

Ech mengen, d'Madamm Ragni huet geschwat vun Ënnerscheed Fra a Mann. Dat ass en Theema, wat ëmmer erëm wäert erëmkommen. Ech mengen, dofir hu mer de ganze Service, deen haut hei participéiert. Dee weess, wat fir eng Aufgab et ass an deem do Beräich, déi en ze maachen huet.

Ech mengen, d'Gesellschaft ass numol nach ëmmer dat, wat et ass. An ech mengen, d'Kulturen, se sinn net iwwerall déi selwecht. A mir schaffen natierlech och intensiv dorun, dass déi Ecarten do eigentlech net méi kënnen an och net méi solle sinn.

Den Här Funck huet e puer Remarke gemaach. Ech huelen déi mat op de Wee. Ech mengen, Dir wësst, dass mir ganz vill investéieren. Et ass eis primär Aufgab, fir doranner ze investéiere par rapport zum Besoin, dee mer eigentlech erëmfannen.

De Besoin spécifique gëtt ganz oft vergiess, well net jiddwereen ëmmer de Begrëff och erkennt. De Besoin spécifique ass bal fir jiddwereen entre-temps zougänglech.

Well d'Altersheim am neie Gesetz erëmfannen oder déi nei Strukturen erëmfannen, ass, datt een net méi kann do eragoen, wann ee 65 Joer huet. Soss war dat ëmmer esou. Do huet ee misse 65 Joer hunn, iert een en Antrag konnt stellen.

Mee haut sinn aner Leit do an haut kënne méi Jonker, déi wierklech och esou e Besoin spécifique hunn, déi kënnen och ufroen an déi kënne vun deene Strukturen och erageholl ginn.

Ech mengen, Dir mierkt jo awer och um Niveau vun der Mobilitéit, wou de Schäffe Sehovic ganz gutt drop schafft, wou mer permanent amgaange sinn, déi dote Besoine ganz einfach à jour ze setzen, wou mer nach ëmmer amgaange sinn, alleguerten déi Adaptatiounen ze maachen, déi erfuerderlech sinn, dass déi Leit sech och anstänneg kënne beweegen.

Auslännesch Matbierger. Jo, mir schaffen dorun. A mir hunn och Erfolleg. Mir gesinn opgrond vun eise Seniorsfeieren, dass ëmmer méi awer Leit kommen aus anere kulturelle Beräicher.

Déi portugisesch Communautéit, déi elo entre-temps déi italieenesch iwwerholl huet, déi ass méi oft do. An ech mengen, dass alleguerten, déi hei gebuer sinn, an déi Generatiounen, déi zu eis eigentlech sech fillen, dass déi och am ganzen, wa mer eis an 10 oder 15 Joer wäerten nach eng Kéier déi Diskussioun féieren – déi ech dann net méi wäert matféieren. Mee dann awer wäert Der gesinn, dass do méi auslännesch Leit dobäi sinn.

A Madamm Scholl, merci fir déi Orientéierungspolitik an dee Luef un d'Leit. Si freeë sech ëmmer erëm, wa se ëffentlech e Luef kréien. An ech mengen, e Merci och vun der DP-Säit aus, dass Der déi dote Politik mat ënnerstëtzt.

D'Madamm Weyrich huet eigentlech de ganze Bestand opgelëscht vun deenen Aufgaben, déi mer maachen. D'Isolatioun, an dat ass eppes Neies – do wäert ech nach eng Kéier eng Pressekonferenz zesumme mam Service maachen –, déi loung eis ëmmer um Häerz. Dat ass eng schwéier Diskussioun, well net jiddweree gär erausgeet. Mir hätte se awer gär méi an der Gesellschaft integréiert. Iwwer de Sport, iwwer d'Kultur, iwwer dat, wat hinne gefält. Dat bidde mer hinnen un.

Mir maachen awer ab Januar, ab Februar, an ech mengen, dat ass déi grouss Erneierung an déi dote Richtung, wat d'Isolatioun ubelaangt, déi SeniorTV, wou mer all 14 Deeg exklusiv eng Sendung wäerten ausstrale wärend 25 Minutte fir d'Escher Senioren.

An dat ass eis och wichteg, well ech fannen ëmmer mam Alter, dass, wann een iergendwéi duerch d'Uelzechtstrooss geet an et fënnt een net méi déi Leit erëm, déi ee soss erëmfonnt huet, well se ganz oft net méi do sinn, dass se dann awer nach an der Gesellschaft integréiert bleiwe bei deenen eenzelen Evenementer, déi mer hunn. A wa se sech dann am Fernsee alt emol gesinn an och erëmfannen, dat motivéiert se och, emol erëm eng Kéier deelzehuelen un der Gesellschaft.

Et ass nëmmen e klenge Bausteen, mee ech mengen, dat kann eis awer wierklech

och hëllefen, fir se aus der Isolatioun erauszekréien. An deementsprechend dann och ze orientéieren.

Den Här Ramdedovic huet vun deem Ongläichgewiicht geschwat, wat d'Akommes ubelaangt. Och dat, Allocation de vie chère, do ass den Här Cavaleiro, dee sech dorëm këmmert an dee sécherlech och zesumme mat senge Leit och wäert déi néideg Mesuren huelen, fir dat Ganzt opzefänken. Wa mer dann eng Kéier an eng aner Richtung ginn.

Also allgemeng, merci fir déi léif Wierder. A mir wäerten dann och deementsprechend zeréckkommen, wann den exklusiven, de ganze Rapport virläit, fir nach eng Kéier iwwer de Besoin ze schwätzen. Merci villmools.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci un e ganz engagéierte Seniore-Schäffen.

## 3.1. Pacte communal du vivre-ensemble interculturel ; présentation des principes et axes stratégiques ; discussion

## 3.2. Validation des membres du comité de pilotage local du pacte communal du vivre-ensemble interculturel ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An ech ginn elo d'Wuert weider fir den nächste Punkt. Dat ass de Pacte du vivre-ensemble un den Här Knaff.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Virun engem Joer, am Januar 2024, ass dat neit Gesetz vum Vivre-ensemble interculturel et modifiant la loi modifiée du 8 mars 2017 sur la nationalité a Kraaft getrueden.

Dëst Gesetz gesäit nieft engem Aktiounsplang um nationalen Niveau notamment e Gemengepakt vum interkulturellen Zesumme-liewe vir, dee scho vu 35 Lëtzebuerger Gemengen ënnerschriwwe ginn ass.

De 27. November 2024 ass och d'Escher Gemeng dësem Pakt offiziell bäigetrueden. An ech wéilt op dëser Plaz nach eng Kéier op e puer zentral Aspekter vun dësem Pakt, a wat dat elo fir eis Gemeng bedeit, agoen.

D'Efforte vun der Escher Gemeng, fir d'Zesummeliewen tëscht de Kulturen huet net eréischt de 27. November 2024 ugefaangen. Iert dat neit Gesetz a Kraaft getrueden ass, war Esch schonn eng vu wéinege Gemengen hei am Land, déi e Plan communal d'intégration ausgeschafft haten. Och ass Esch scho länger Zäit Signataire vun der Charte de la diversité a Member vun der Coalition européenne des villes contre le racisme.

Zënter der Adhesioun zum Pacte de l'intégration am Joer 2011 an der Entwécklung vun engem Plan d'intégration fir d'Period 2017-2020 si schonn eng Rei Mesuren an Aktivitéiten an eisem Service Egalité des chances an d'Liewe geruff ginn.

Sou ass zum Beispill d'Fête culinaire interculturelle zu enger beléifter Traditioun ginn. Eise Café des langues trëfft ëmmer nees op groussen Interessi a mat „Liewen zu Esch" hu mer säit 2024 eng Journée d'accueil, déi den neien Awunner an Awunnerinnen d'Orientéierung an eiser Stad souwéi de Kontakt mat den ëffentlechen a associativen Acteure vereinfache soll.

D'Stad Esch setzt sech ausserdeem schonn zënter ville Jore fir d'Walbedeelegung vun alle Bierger a Biergerinnen an.

Wat ännert sech elo mam Gemengepakt vum interkuturellen Zesummeliewen? Mat dem neie Gesetz dréit d'Lëtzebuerger Regierung neien Erkenntnisser am Beräich vum Zesummeliewe Rechnung. Konkreet gëtt interkulturellt Zesummeliewen hei als gesamtgesellschaftlech Verantwortung verstanen.

Domat distanzéiert sech dës Approche vun där vun der Integratioun, wou d'Responsabilitéit eleng bei der migrantescher Populatioun louch. D'Iddi vun der Integratioun baséiert nämlech virun allem op enger Upassungserwaardung géigeniwwer vun der Migratiounsbevëlkerung an d'Kultur vun der ophuelender Gesellschaft, also eng Aaart Ofleene vun esou enger Ausgangskultur, soubal ee sech an engem neie Land etabléiert.

Dëst sollt awer net d'Viraussetzung sinn, fir an eiser Gesellschaft akzeptéiert ze ginn. Villméi ass d'Iddi vun der Interkulturalitéit, datt verschidde Kulture sech kënne besser kenne léieren a sech géigesäteg beräicheren. Et ass notamment wëssenschaftlech beluecht, dass de Kontakt an d'Engagement fir e gemeinsaamt Zil d'Kohesioun an de géigesäitege Respekt fërderen.

Migratioun ass en Theema, woumat de Leit gär vu gewësse politesche Gruppéierungen Angscht gemaach gëtt. Allerdéngs dréit si noweislech zum Wuelstand vun enger Gesellschaft bäi.

De Pakt vum interkulturellen Zesummeliewe féiert also e fundamental wichtege Paradigmewiessel an, duerch deen d'Kohesioun an enger multikultureller Gesellschaft zu enger gedeelter Verantwortung gëtt. Sou ass de Gemengepakt eent vun enger Rei Instrumenter, déi en place gesat ginn, wéi zum Beispill nach de Biergerpakt, deen de Contrat d'accueil et de l'intégration ersetzt.

De Biergerpakt ka vu jidderengem, deen zu Lëtzebuerg wunnt oder schafft, an onofhängeg vun der Nationalitéit ënnerschriwwe ginn. Fir all Persoun, déi de Biergerpakt fir Esch ënnerschreift, kritt eis Gemeng 5 €. Déi kënnen a weider Moossnamen am Sënn vum Zesummeliewen investéiert ginn.

Eng weider nei Komponent vum Gemengepakt sinn direkt finanziell Contributiounen an der Héicht vun 30.000 € pro Joer fir d'Koordinatioun an de Fonctionnement souwéi zousätzlech 8.000 € pro Joer fir Aktiounen, déi der Gemeng vum Staat zur Verfügung gestallt ginn, fir d'Fraisen, déi mat der Ëmsetzung verbonne sinn, zum Deel ze decken.

Et sinn ausserdeem indirekt Finanzementer virgesinn, andeems verschidden operativ Käschten iwwerholl ginn. Doranner falen d'Realisatioun vun enger demografescher Bestandsopnam, dat heescht vum CEFIS, dem Centre d'études et de formations interculturelles et sociales, duerchgefouert gëtt, souwéi d'Moderatioun vun engem Biergeratelier.

Fir all Joer vun deene fënnef Joer Lafzäit vum Pakt gëtt en theematesche Fokus definéiert, dëst am Kader vu fënnef iwwergeuerdnete Sujeten: Politesch Bedeelegung a Biergerbedeelegung; Benevolat an interkulturell Begéignungen; Sproochen, Bildung, Formatioun; Accueil an Orientatioun an Diversitéit an de Kampf géint all Forme vun Diskriminéierung, sou zum Beispill och vis-à-vis vu Mënsche mat Behënnerung, vis-à-vis vu Fraen oder Leit, déi zu der LGBTIQ-Communautéit gehéieren.

Ech wëll hei kuerz betounen, datt d'Zesummeliewen net just eng Fro vun der Ethnicitéit an de kulturellen Originnen ass, mee och vun der Gläichberechtegung vun alle Mënschen an hirer Diversitéit, egal wat hiert Geschlecht ass, hir Genderindentitéit, hir sexuell Orientéierung, hir Hautfaarf, hiren Alter oder hir kierperlech a kognitiv Capacitéiten.

Ech wëll hei nach eng kleng Klamer opmaachen a betounen, datt ech an dësem Kader begréissen, datt d'Madamm Backes sech an der Chamber esou vehement fir eng inklusiv Educatioun a Vermëttlung vu Wäerter wéi Respekt, Toleranz, Egalitéit an Diversitéit an de Schoulen ausgedréckt huet. Loosst eis dem Haass an eiser Gesellschaft keng Plaz ginn.

Komme mer awer elo nees op eise Pakt vum Zesummeliewen zeréck. Wéi geet et dann elo konkreet weider? Déi éischt Demarche besteet haut am Vott vun engem lokale Comité de pilotage, dee sech aus engem Member vum Gemengerot, Membere vun der Commission vum interkulturellen Zesummeliewen, Membere vum Service Egalité des chances souwéi Membere vu lokalen Associatiounen zesummesetzt.

Déi gesamt Zesummesetzung vum Comité de pilotage berout op de Virgabe vum Familljeministère. Dëse Kommitee erlaabt eng kontinuéierlech a participativ Approche, e kontinuelle Suivi zu der Ëmsetzung vun den definéierte Moossnamen an och eng reegelméisseg Evaluatioun.

Seng Missioune si follgendermoossen definéiert: De Comité de pilotage a pour mission de veiller, éischtens, à la mise en œuvre du Gemengepakt, zweetens, est-ce que toutes les personnes résidentes et travaillantes dans la commune ou groupement de commune puissent participer à la mise en œuvre du Gemengepakt, drëttens, à la promotion des activités réalisées dans le cadre du Gemengepakt, a véiertens, à la mise en place d'une communication accessible à tous.

Zum Fonctionnement vum Comité de pilotage ass ze soen, dass dëse sech e Règlement d'ordre intérieur gëtt an e President oder eng Presidentin nennt souwéi e Sekretär oder eng Sekretärin. D'Sekretariat gëtt allerdéngs d'office vum Coordinateur oder Coordinatrice iwwerholl.

No dem Vott vum Comité de pilotage besteet déi nächst Etapp an enger Invitatioun, déi un all Escher Haushalt geet, fir bei enger Ëmfro matzemaachen. Dës Ëmfro erméiglecht, Meenunge vun der Escher Populatioun zu Theemae wéi d'Orientéierung vun neie Bierger a Biergerinnen, d'Sproochen, d'Bildung, d'Biergerbedeelegung, d'Benevolat, d'Interkulturalitéit, d'Diversitéit an d'Bekämpfe vun Diskriminatiounen ze befroen. Dës Befroung komplettéiert déi scho genannt demografesch Bestandsopnam.

Op Basis vun de Resultater vum Froebou wéi och vun de statisteschen Erhiewunge leet de Comité de pilotage eng éischt theematesch Prioritéit fest. No dem Choix vum éischte Schwéierpunkt, déi de Biergeratelier organiséiert, op Basis vu wellchem konkreet Aktiounen definéiert ginn.

No der Ëmsetzung vun dësen Aktiounen ass et och verflichtend, de jeeweilegen Impakt op Basis vun enger Rei quantitativen Indicateuren ze evaluéieren.

D'Evaluatioun ass ausserdeem eng Konstant an der Ëmsetzung vun dësem Pakt, wat bedeit, dass mer ëmmer nees mussen hannerfroen, ob mer um richtege Wee sinn an ob oder wéi mer eis Efforten eventuell mussen un d'potenziell Verännerunge vun de Besoinen an Demanden upassen.

Et ass och wichteg ze soen, datt d'Bierger an d'Biergerinnen zu den Haaptacteuren an dësem Prozess gehéieren, zesumme mat der Gemeng an dem zoustännege Comité de pilotage, der zoustänneger Kommissioun, de Conseillere vum Familljeministère souwéi den anere wichtegen nationalen Acteuren, wéi d'ASTI, de CEFIS, de Syvicol an de CLAE.

Dir gesitt, et handelt sech beim Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen ëm eng transversal Verantwortung, déi mir alleguerten droen: Bierger a Biergerinnen, Associatiounen, Professioneller vum Secteur vun der Interkulturalitéit an och d'Politiker an d'Politkerinnen.

Fir den operative Prozess dann och um Escher Niveau kënnen ze lancéieren, ass et dann elo um Gemengerot, d'Membere vun dem genannte Comité de pilotage ze stëmmen. Dat ass am Fong den zweete Punkt, deen direkt duerno kënnt.

An dofir proposéiere mir follgend Leit: fir de Gemengerot d'Madamm Daliah Scholl, fir d'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen d'Madamm Katia Bouchoul, d'Madamm Mirella Filippini an den Här Haythem Kamel Badamy, den Här Paulo Guedes, den Här José Ross Dayves an als Expert den Här Michel Chaine.

A fir de Service Egalité des chances d'Madamm Andreja Wirtz als provisoresch Coordinatrice vum Gemengepakt an ab 1. Februar Cheffe de service. Den Här Pol Schlottert, den à terme soll déi lokal Koordinatioun vum Gemengepakt iwwerhuelen, an den Här Claude Pereira als Sekretär vun der Kommissioun a Support fir d'Koordinatioun.

Hei kënnt Der Iech se ukucken, ech hunn Iech se matbruecht. Da kënnt Der se bewonneren. Mir hunn och nach d'Claudia Heinz dobäi, wat de Service da komplettéiert.

Fir den associative Secteur d'Madamm Olivia Brandão Peixoto, déi de Centre social et culturel portugais representéiert. An d'Madamm Joana Correia Da Fonte, déi Inter-Actions ASBL, Ensemble Quartier Esch representéiert.

De Choix vun dësen zwou Associatiounen ass op Basis vun enger Consultatioun an engem Vott vun der zoustänneger Kommissioun getraff ginn. Voilà, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen zu deem, wat elo presentéiert gouf? Mir mussen herno déi proposéiert Compositioun, déi musse mer an engem geheime Vott ofstëmmen.

Ginn et elo mol Wuertmeldunge par rapport zum Pakt u sech?

Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mer hunn de Pakt selwer, de Vott hate mer jo schonn. Mee et ass elo éischter e bëssen d'Diskussioune ronderëm déi grondleegend Prinzippien, Achsen.

An ech wéilt virausschécken, datt dee Paradigmewiessel, datt mer deen ausdrécklech begréissen, tëscht enger Approche, déi virdrun op reng Integratioun, dat heescht, eng Erwaardungshaltung un e Mënsch gesat huet, deen elo iwwergeet an e Verständnis vun Zesummeliewen, datt dat e gesamtgesellschaftleche Prozess ass.

Dat heescht, wou jiddwereen dru bedeelegt ass, wou net eng Erwaardungshaltung just vis-à-vis vun engem anere Mënsch gesat gëtt, mee wou jiddwereen, deen an enger Gesellschaft lieft, och Deel dovunner ass an Deel vun deem Zesummeliewen ass. Eng Approche, déi och vill no, mengen ech, un der Realitéit an un der geliefter Wierklechkeet vu ganz ville Leit ass.

Den Här Knaff ass och schonn e bëssen op d'Geschicht agaange vun deenen Efforten, déi d'Stad Esch ënner den ënnerschiddlechste Konstellatiounen an de leschten 10, 15, 20 Joer geholl huet op deem heite Gebitt. An ech mengen, datt eng konsequent Weiderféierung a Weiderdenken ass vun deenen eenzelen Initiativen, déi an der Vergaangenheet geholl ginn.

Ech mengen, datt eng ganz grouss Utilitéit och an deem Pakt an an der Aarbecht, déi dann elo wäert lassgoen, ouni et elo scho Saache virewechzehuelen. Mee ech mengen, datt et och fir d'Gemeng selwer a fir d'Strukture vun der Gemeng vun enger ganz grousser Utilitéit ka sinn.

Et wäerte sech Froe stelle ronderëm den Accueil generell vu Bierger hei op der Gemeng. Dat ass eng Fro, déi eis Gemengendemokratie natierlech och betrëfft. Et ass eng Fro, wat d'Participation politique ugeet. Dat sinn alles Elementer, déi, mengen ech, eng ganz grouss Wichtegkeet heiranner wäerte kréien.

An ech hu mer just d'Fro gestallt, a wéi wäit Der eng Zesummenaarbecht oder e Parallelismus gesitt zu deenen Initiativen, DemocracyNext, déi och um Niveau vun der Escher Gemeng geholl gi sinn.

Déi net genau dat selwecht, mee awer déi och eng participativ Approche hunn, déi awer och drop erausleeft, fir gemeinsam als Gesellschaft probéieren, Sujeten ze determinéieren a Proposen ze entwéckelen.

Voilà, dës puer kleng Wierder – viraus-gescheckt, datt dat hei natierlech ënnerstëtzen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum. Dann d'Madamm Scholl.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguer, ech wéilt dann och dem Här Knaff, dem delegéierte Schäffen, villmools Merci soen. A mir hunn och de ganze Service hei, d'Madamm Wirtz an d'Madamm Heinz, den Här Pereira an den Här Schlottert. E grousse Merci.

Dir musst wëssen, se sti mat groussem Häerzensblutt hanner all eise Projeten. A virun allem dann och hanner deem Pacte du vivre-ensemble interculturel. Wou et extreem wichteg ass, dass mer hei alleguerte geschlossen hanner deem Projet solle stoen.

Wa mer rezent den Debat virun zwee Deeg iwwer d'Petitioun 3198 an der Chamber konnte verfollegen an d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft observéieren, wou d'Spaltung vun de Populisten am Fong ugeheizt gëtt.

Zënter datt den Donald Trump nees als President vun de Vereenegte Staate vun Amerika gewielt ginn ass, huet ee leider scho méi dacks de Saz „Your body, my choice" héieren. Et ass gewosst, datt domat an éischter Instanz d'Entscheedungsgewalt vun de Männer iwwer de Fraen hire Kierper gemengt ass.

Fir all Persoun, déi sech als Fra identifizéiert, misst d'Erkenntnis, datt esou e Saz ouni Konsequenz kann duerch d'Welt zirkuléieren,

immens erschreckend an erniichternd sinn. Ëmmer nees schénge mer op de Punkt ze kommen, wou mer musse kollektiv beweisen, datt d'Dominanzverhältnisser an d'Objektivizéierung vun anere Mënschen net zu eiser Normalitéit dierfe gehéieren.

Andeems mer objektivizéieren, entmënschleche mir nämlech déi aner a schafen domat eng Hierarchie tëscht verschiddene Gruppen. Domat kënnt et zu enger Mir-géint-déi-aner-Mentalitéit.

Deshumaniséierung normaliséiert Gewalt uechter d'Welt. LGBT-Phobie, Rassismus, Xenophobie, Fraenhaass a Vandalismus si méiglech Konsequenze mat fatalen Auswierkungen, déi strukturell a systeemesch Diskriminéierungen an Inegalitéiten, psychologesch a kierperlech Gewalt, bis hin zu Femizid a Genozid.

Wat bedeiten dann iwwerhaapt Konzepter wéi „ee Grupp", „déi Aner", „Identitéit" oder nach „eng Kultur"? Heescht dat, datt bannent vu sollche konstruéierte Kategorien d'Mënschen all d'selwecht sinn an datt mir hinnen also kollektiv Eegenschafte kënnen zouuerdnen?

Fir dëse Phenomeen gëtt et e Wuert, dat mir all kennen. Et handelt sech nämlech hei ëm Stereotyppen. A Wierklechkeet si mir all Individuen, déi duerch eng ganz Panoplie u Facteure gepräägt sinn. Et gëtt net deen een definéierten Trait, deen de Mënsch ausmécht.

Wat ass zum Beispill eng typpesch Fra? Wat ass en typpesche Mann? D'Fuerschung weist eis, datt eng ganz Rei Varietéiten u Geschlechtsmierkmoler ginn. 1,7 % vun der Weltbevëlkerung loosse sech net kloer an déi binär Kategorien anuerdnen. An dat ass ganz normal.

Geneesou verhält et sech och mat der Virstellung vu fundamentalen Ënnerscheeder tëscht Mënsche vun ënnerschiddlechen Originnen. Och d'Konzept vun der Rass ass sozial an historesch gewuess an ass biologesch scho längst widderluecht.

Alteritéit en tant que tel huet fir d'éischt emol keng Bedeitung. D'Synonymmer vum Wuert Bedeitung sinn zum Beispill Benennung oder Bezeechnung. Et gëtt en einfache Prinzipp, deen eis vlaicht am Alldag, a wa mir déi aner Bezeechnung da benennen, net ëmmer bewosst ass.

Fir Benennungen a Bezeechnunge kënnen ze äusseren, déi duerno zu Kategorië ginn, gehéiert Muecht. Fir anerer als manner wäertvoll kënnen ze bezeechnen, opgrond vu Geschlecht, Ethnicitéit, sexueller Orientéierung, Alter, kognitiven a kierperleche Fäegkeeten an Eegenschaften oder Validitéit, dozou gehéiert nach eng Kéier Muecht.

Mir dierfen net vergiessen, datt dës Kategorien, déi d'Mënsche scheinbar vuneneen trennen, net vun der Natur gi sinn, mee am Striewen no Muecht an Dominanz wuerzelen.

Am Mee 2024 huet de Forum vum Zesummeliewe vum Familljeministère de Fokus op den Antirassismus an d'Geschicht vum lëtzebuergesche Kolonialismus geluecht. Jo, och Lëtzebuerg huet eng Kolonialgeschicht. An et ass de Kolonialismus, deen d'Weiche fir déi Weltuerdnung geluecht huet. Jo, et ass méi einfach, eng Persoun ze dominéieren a Gewalt géint se ze applizéieren, wann een hir hir Subjektivitéit ofschwätzt.

Dacks stécht hanner deem Haass, der Diskriminéierung an der Gewalt d'Angscht, eppes ewechgeholl ze kréien. Wuelstand, Privilegien oder eebe Muecht.

Ënnerdréckung a Gewalt däerfen awer net d'Äntwert sinn. D'Etüd „Being black in Europe" huet gewisen, datt Lëtzebuerg nach wäit vum

Musterschüler ewech ass, wann et ëm den Antirassismus geet.

Migratiounshannergrond an Hautfaarf sinn nämlech hei am Land den heefegsten Diskriminéierungsgrond. Esou hu 57 % vun den Afro-Descandanten an der leschter Etüd uginn, opgrond vun hiren Originnen Affer vun Diskriminéierung ginn ze sinn.

An Europa ass all drëtt Fra vu geschlechterspezifescher Gewalt getraff. Lëtzebuerg ass ënner den Topp 5 vun den europäesche Länner, wou d'Gewalt géigeniwwer vu Fraen ausserhalb vun der Bezéiung am héchsten ass.

Laut enger Rapport vun de Vereenten Natioune sinn am Joer 2023 85.000 Fraen a Meedercher weltwäit ëmbruecht ginn. An de meeschte Fäll vun hirem Partner oder vun engem Familljemember.

Déi meescht Gewaltdote gi vu Männer aus, souguer och d'Gewaltdote géint Männer. Laut dem Observatoire de l'égalité ass dëst och zu Lëtzebuerg net anescht.

Am November huet Transgender Europe bericht, datt op d'mannst 350 Transgender-Persounen am Laf vum vergaangene Joer ëmbruecht gi sinn. Majoritéit vun den Affer sinn Transgender-Fraen. Och d'LBG-Phobie ass laut dem Rapport vun 2023 vun der ECRI, der Europäescher Kommissioun géint Rassismus an Intoleranz, nach ëmmer eng Realitéit hei zu Lëtzebuerg.

Dëst si just e puer Zuelen an Ablécker, déi däitlech maachen, firwat mir mussen eng Politik a Projeten entwéckelen, déi de Leit déi virdru genannt Ängscht virun der Alteritéit ze huelen.

Eis Politik muss sech op Toleranz, Oppenheet an Egalitéit baséieren, fir géint Virurteeler, Ongerechtegkeeten, Diskriminéierungen a Gewaltdote virzegoen.

Wann ee sech gestéiert oder bedrot fillt vu feministeschen, antirassisteschen oder queerem Aktivismus, da sollt ee sech ausserdeem déi follgend Fro stellen: Geet et dann iwwerhaapt ëm mech? Firwat fillen ech mech attackéiert? Kann ech net einfach akzeptéieren, datt eng aner Persoun eng aner Realitéit huet wéi ech? Muss ech déi Persoun an hire Choix mat mir a mengem eegene Choix vergläichen?

Et ass nämlech esou, datt Mënschen, déi sech fir hir Rechter asetzen, an der Reegel net vum Wonsch gedriwwe sinn, anerer eppes ewechzehuelen. Nee. Si wëlle just respektéiert ginn, wéi si sinn an déi selwecht Rechter a Chancen hunn.

Si wëlle sech am ëffentleche Raum, an hirem Doheem, an hirem sozialen Ëmfeld an op hirer Aarbecht akzeptéiert a sécher spieren.

Nee, de Kampf fir d'Fraerechter ass net gläich Männerhaass. Och ass eng gender-queer Identitéit souwéi eng sexuell Orientéierung, déi net der Heterosexualitéit entsprécht, keng Attack vis-à-vis vun heterosexuellen an Cisgender-Identitéiten.

Wa mir eis op globalem Niveau ukucken, wéi wichteg Fortschrëtt nees réckgängeg gemaach ginn a wéi Diversitéit an Inklusioun zu Theeme gemaach ginn, déi ëmmer méi polariséieren, da gesi mer, wéi fundamental wichteg et ass, datt mir eis Verantwortung als Gemengerot eescht huelen an eiser Sensibiliséierungs- an Educatiounsaarbecht mat enger transversaler Approche nokommen.

Strategien an Aktiounspläng, pedagogesch Projeten, ëffentlech Veranstaltungen zur Bewosstinnschafung, Kommunkatioun an och Formatioun si Piliere vun den Aktivitéiten, déi zu dësem Zweck schonn e feste Bestanddeel zu Esch sinn.

Mir hunn eis Maison de la Diversité. Eis Maison de la Diversité ass effektiv e Projet, deen an dëser Form nach eemoleg, am Fong och an Europa, ass.

Déi aktuell Tendenzen, déi een an der internationaler Politik bemierkt, weisen eis kloer, datt d'Sujete vun der Maison de la Diversité fundamental wichteg sinn an déi d'Opmierksamkeet an d'Visibilitéit, déi hinne mat engem dediéierten Haus zoukënnt, méi wéi verdéngen.

Wat de elo de Pakt vum interkulturellen Zesummeliewe ubelaangt, do soen ech, den Här Knaff huet effektiv och scho gesot, d'Escher Gemeng huet scho säit 2017 e kommunalen Integratiounsplang. An 2014 si mer der ECCA, der Europäescher Koalitioun vun de Stied géint Rassismus, bäigetrueden.

Sou huet si awer mat der Adhesioun zum Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen 2024 en Zeeche gesat, dass si de Paradigmewiessel, deen op nationalem Niveau ugestouss ginn ass, an hir Lokalpolitik wëll integréieren.

De 27. November huet d'Stad Esch de Gemengepakt vum Zesummeliewen ënnerschriwwen. Wat ass elo den Ënnerscheed tëscht engem Integratiounspakt an dem Pakt vum Zesummeliewen?

De Pakt vum Zesummeliewe setzt op gedeelt Verantwortung souwéi op de Respekt an d'Akzeptanz vun der Diversitéit, fir e friddlecht Mateneen, an net just Niefteneen, ze liewen, musse mir kulturell Ënnerscheeder oder aner Ënnerscheeder tëscht de Mënschen net ausradéieren.

Et ass ze einfach an ze kuerz geduecht. Ze mengen, datt eng Persoun, déi net nei an e Land kënnt, hir Identitéit muss ofginn a sech komplett upasse muss. Nee.

Et ass un der bestoender Gesellschaft, ze verstoen, datt eng national Grenz kee Marqueur vun Heterogenitéit ass, an där Diversitéit bannent enger Natioun eppes ganz Normales ass. Mir sinn alleguer Individuen. Egal, wou mer hierkommen, wéi e Geschlecht mer hunn, wéi eis Genderexpressioun ass, eis sexuell Orientéierung oder och eis Validitéit.

Identitéit setzt sech aus ville Facteuren zesummen, ass dynamesch an evolutiv. Esou ass et d'Aufgab vum Gemengepakt, fir d'Zesummeliewe gemeinsam u géigesäiteger Akzeptanz, interkultureller Kompetenz a sozialer Kohesioun ze schafen.

Dir Léif alleguer, Differenz ass keng Bedroung, Differenz ass mënschlech. Ech soen Iech Merci.

**M. Pierre-Marc Knaff & M. André Zwally**

Très bien!

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Madamm Scholl.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Jo, vläicht fir unzefänken, wéilt ech gär wëssen, well ech hunn dat am Fong geholl, d'Saach mat där Politik vun deene Pakten am Fong geholl net genau sou verfollegt.

Ech wollt zum Beispill wëssen, wéi vill Gemengen dat, och dee Wee ginn, fir e bëssen och kënnen ze vergläichen, wéi eis

Situatioun hei zu Esch par rapport mam Rescht vum Land am Fong geholl ass.

A vläicht och, wat mech géif interesséieren, ass, ob dat eng Initiativ ass, déi baséiert op dëser heiter Regierung oder ob dat eng Initiativ ass, déi wou scho vill méi laang am Fong geholl géif lafen.

Elo wann ech hei fäerdeg sinn, wann een do d'Äntwert huet, fir mer dat kënnen ze ginn. Dat géif mech an engem gewësse Sënn interesséieren.

Elo fir op dat Gesotent, op dat bis elo Gesotent e bëssen zeréckzekommen. Ech fanne perséinlech, datt mir als Lëtzebuerg am Fong geholl scho relativ vill maachen, wat d'Integratioun ubelaangt an och d'Immigratioun.

Ech wëll drun erënneren, datt – ech mengen, Dir hutt et vläicht och gelies –, datt déi neist OECD-Studie bleet, datt mir Nummer 1 sinn an allen OECD-Länner vun de Leit Residenten. Also vun de Residenten, déi wou net hei am Land gebuer sinn, si mir bei 51 %. Also fürend weltwäit. Also vun op jiddefalls Membere vun den OECD-Länner.

Ech mengen, dat ass schonn e Beweis dofir, datt mer doutsécher net, solle mer soen, do ze restriktiv, eng restriktiv Politik hätten. A fir do nach méi wëllen an déi Richtung ze schaffen, fannen ech einfach onsënneg. Also dat läit, dat liicht mir net an.

Elo ass virdrun och vun der Madamm Scholl geschwat ginn – si huet dat Wuert an de Mond geholl: Rass a sou weider a sou fort. An dat wär da beluecht, datt dat, dat wär widderluecht. Dat géif et net ginn. Ech schwätze léiwer vun Ethnien. A biologesch Ethnië ginn et nach haut. An déi wäerten et warscheinlech och ëmmer ginn.
Also verschidde Saache ginn einfach ... verschidde Stupiditéite ginn einfach gesot, wou ech wierklech net kann, wou en normale Mënsch mat Mënscheverstand net kann einfach dat alles akzeptéieren.

Mee haut si mer an enger Gesellschaft, wou am Fong geholl jiddwer Courant, wann deen eemol majoritär ass, dann nicke se alleguerten – enfin, déi meescht –, nicke leider vill Leit einfach alles of, nëmme well iergendeen eppes behaapt, wat net wouer ass.

Wat hate mer dann nach? Jo, sech identifizéieren. Sech identifizéieren ass natierlech wichteg. Mee an Amerika geet esou wäit, an dat ass kee Witz, datt se sech als Geschlecht identifizéieren zum Beispill als Kichelchen. Ech mengen, iergendwann emol geet et e Stéck ze wäit.

*(Interventiounen)*

Fir mech ass et effektiv esou ... et deet mer leed, mee elo sinn ech drun.

Fir mech ass et effektiv esou, datt et zwee Geschlechter ginn. Et gëtt Mann a Fra, an et ginn nach verschidden – jo, wéi soen ech. Dat ass et schonn ëmmer ginn. E Restprozentsaz, wann ee wëll hunn, kierperlech, déi wou eebe kierperlech net esou gebaut sinn, datt ee se kann als Mann oder Fra bezeechnen.

Mee dat ass eng infim, also kierperlech gesinn, en infinen Deel vun eiser Gesellschaft. A fir do de ganze Konstrukt vu Mann a Fra op d'Kopp ze geheien, fannen ech och net zilfürend. Dat ass a mengem Sënn net richteg.

Jo, dann hu mer nach, wéi gesot, hate mer jo nach vun der Immigratioun a vun der Aarbecht dozou, fir déi zouzeloossen, an ob iwwerhaupt dat Wuert „Integratioun", ob dat iwwerhaupt dat richtegt Wuert wär. Ob een net sollt aneschters schaffen an deem Sënn.

Ech fannen, wann een aneschters schafft, dat heescht, an déi Richtung, wou Dir anscheinend elo hei wëllt goen, da schaffe mer éischter Parallelgesellschaften. Ech fannen nach ëmmer, datt, wat fréier och gemaach ginn ass a wou ganz vill Leit elo hautdesdaags an eiser Gesellschaft liewen, déi wou vun aner Kulturkreesser, also op jiddefalls vun anere Länner kommen. Net Kulturkreesser besser gesot.

Ech denken do haaptsächlech un eis italieenesch a portugisesch Immigratioun. Wou souwuel eng gutt Integratioun och e Stand fonnt huet. Firwat solle mer dee Prozedere a Fro stellen, dee wou am Fong geholl en erfollegräiche war? Dat gesinn ech och net onbedéngt an.

Wann ech elo géif an en anert Land wëlle wunne goen, da wär et fir mech ganz normal, datt ech géif mech versichen, bei deene Leit, sou wäit et geet, anzefügen an net ëmmer onbedéngt Saachen ze fuerderen, iert ech iwwerhaupt déi Faveur gemaach hunn, fir mech op deem Gebitt, wou ech da géif wunnen, ze integréieren.

*(Interventioun)*

Dat wollt ech dozou soen.

Jo, an dann, wéi gesot, déi Saachen, déi kënnen och dozou féieren ënner anerem – et ass elo een Detail hei, wou mer elo afält – wéi am Sport zum Beispill. Datt da verschidden Athleeten, wou am Fong geholl männlech Konstitutioun hunn, Präisser am Fong geholl fir sech beusprochen.

Dat heescht, déi gewannen dann all déi Courssen. Natierlech ass dat da kee Wonner, wa se kierperlech als Mann – e Mann sinn am Fong geholl an däerfe bei de Frae matmëschen, wéi ee seet, a kënnen dann do natierlech hir kierperlech Kraaft dozou benotzen, fir am Fong geholl ze fuddelen. Nëmme well si sech gesinn als eng Fra.

Dat ass elo ee Beispill. Wann een dat do géif deklinéieren, do kann een nach bestëmmt aner Saache fannen, déi wou och an déi Richtung ginn. Mee fannen, et ass souguer eng Gefor ...

*(Ënnerbriechung)*

Et deet mer leed, ech sinn elo amgaangen. Et deet mer leed, dat ass fir mech elo eng Gefor am Fong geholl och fir d'Fraleit.

Et ass net am Fong geholl esou, datt dat heiten an déi Richtung – dat ass fir d'Gläichberechtegung. Am Fong behënnert dat déi meescht Fraleit éischter, datt et se géif bevirdeelegen.

Fir mech ass nach ëmmer esou, datt eng gesond Gesellschaft eng harmonesch Famill soll erméiglechen. An eng harmonesch Famill, menger Meenung no, säit Mënschegedenke besteet nach ëmmer haaptsächlech aus Mann a Fra. Wann Dir eppes Aneres mengt ...

*(Ënnerbriechung)*

Ech weess net, wéi Dir gezillt gi sidd an Ärem, an Ärer Famill.

*(Diskussiounen)*

Oder wéi Dir ...

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Entschëllegt, Här Schmit. Maacht wannechgelift viru mat Ären Ausféierungen.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci villmools. Da maachen ech viru mat mengem Auféieren.

*(Interventiounen)*

Mee ech wëll soen, mer sinn alleguerten héchstwarscheinlech, wou mir hei sinn, alleguerten hei op deem heiten Dësch hate warscheinlech eng Mamm an e Papp, stellen ech mer mol, géif ech emol unhuelen. A wann dat net esou ass, da kënne mer dat jo soen, dann ieren ech mech vläicht. Mee bon.

Jo, da kommen ech zum Schluss zu der heiter Säit. Zu der heiter Ausso. Zum Schluss vun deem heiten Theema.

Et ass och fir mech net einfach, well ech mierke jo, datt ech ...

*(Interventiounen)*

Datt et net einfach ass. Mee ech fannen déi Saachen, wou ech hei soen, si richteg. Ech fannen, se sinn ... dat ass net onbedéngt eng Offense.

A wann een dat net einfach normal ka soen, da si mer och schonn an enger, op engem komesche Wee. Déi Leit, wou jo ëmmer gär alles inklusiv gesinn an alles zouloossen, missten dann och kënne Meenungen zouloossen, déi wou net onbedéngt hir sinn.

Wann Der géift kucken, wat Är Eltere vläicht geduecht hunn zu deenen Theemaen an Iech a Fro stelle mat Ärer Meenung, wou Dir selwer hautdesdaags doriwwer hutt, da kéint ee vläicht emol ganz paradoxal Saachen do erausfannen.

Op jiddefalls ech wëll dann domat, solle mer soen, domat ofschléissen. An ech muss zwar nach just eng Bemierkung maachen, déi mer och virdrun iwwert eis al Zeen, eis Seniore geschwat hunn.

Natierlech musse mer do Moossnamen ergräifen. An do sinn ech och an deem Prinzipp net dogéint. Mee ech wëll Iech awer trotzdeem drun erënneren, datt nach net viru laanger Zäit d'Repas-sur-Rouen erhéicht gi si vun der heiter Majoritéit.

Bon, nëmme fir dat nach an de Raum ze werfen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech soen Iech Merci, dass Der zu engem Schluss komm sidd. An elo huet den Här Faltz d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech wëll, deem doten Interventioun wëll ech als Ouverture maachen, dass mer vläicht eng Kéier sollten iwwer d'Srooch- an iwwer d'Schwätzzäit nodenken. Mir sinn och alleguer bereet, eis Schwätzzäit anzeschränken, wa mer dat dote kéinten evitéieren.

Här Schmit, dat dote fält ënnert en Theema „Irr und Wirr". Dat ass, e Flipper ass net sou séier an der Kéier wéi dat, wat Dir elo vun Iech ginn hutt. Éischtens emol war et komplett laanscht d'Theema. Also Dir hutt elo och nach iwwert den Theema 2 geschwat. Also ech hunn esou eppes nach ni héieren.

Ech hunn esou eppes nach ni héieren. Irr und Wirr.

Also wann dat doten déi Interventioune sinn, wou Dir eis elo permanent hei wëllt langweilen – am Fall, datt ech elo natierlech hei fir d'Majoritéit schwätzen. Also da géif ech wierklech wëssen ...

*(Ënnerbriechung duerch den Här Bernard Schmit)*

Et ass mäin Tour!

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Schmit, mir hunn Iech all nogelauschtert. Elo lauschtert Dir no.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Voilà, elo lauschtert Der no! Ech maachen och e bësse séier.

Mee wann dat doten déi Aart a Weis ass, wéi mir eng Escher Politik hei solle féiere mat Ären dommen, ënnerbeliichten Ausféierungen, also da brauche mer eis net ze wonneren, wann an Zukunft deen heite ganze Gremium lachhaft ass. An dat ass just wéinst Iech. A wéinst soss guer näischt.

Jo, an ech schumme mech, dass ech Deel vun enger Oppositioun sinn, wou Dir hei matschwätzt.

Voilà, dat ass gesot.

*(Akkustesch Zoustëmmung)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Voilà, merci, Här Faltz. Den Här Bermes huet d'Wuert.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Faltz.

Ech wëll just eppes heibanne soen: Mir sinn hei tolerant. An Toleranz a Respekt gëtt groussgeschriwwen. An et ass ...

*(Ënnerbriechung duerch den Här Bernard Schmit)*

Wannechgelift, et ass u mir!

Här Schmit, Dir kënnt och eng Kéier roueg si wéi all déi aner och, wann Dir schwätzt! Wannechgelift!

An ech mengen, ech géif mer als Vertrieder vun iergend eppes mer Froe stellen, wann de ganze Schäfferot an de ganze Gemengerot, Oppositioun wéi Majoritéit, sech an engem Theema eens gëtt a just géint een ass ... an dofir soen ech: ech kann dat hei net méi nolauschteren, wëll och net méi doriwwer schwätzen.

Merci,Här Faltz. Merci all deenen hei fir hir Interventiounen. An Toleranz soll groussgeschriwwe ginn. Merci, datt mir dat maachen.

*(Akkustesch Zoustëmmung)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Bermes. D'Madamm Ragni huet d'Wuert.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci un den Här Faltz, merci un den Här Bermes fir déi hei Interventioun.

Also ech sinn einfach nëmme geschockt. Geschockt iwwert déi Fakenews, déi hei verbreet ginn, wou vläicht op TikTok oder wat och ëmmer gesi gi sinn, dass ee sech als Kichelchen identifizéiere kann. Also ech kommen aus dem Erstauen net eraus a mengen, ech wier iergendwou am Disneyland oder Phantasialand, wou een iergendwellech Märercher hei gezielt kritt.

Dann: eng harmonesch Famill. Dat war dat allerbescht. Eng harmonesch Famill, wou eng Fra an e Mann do sinn.

Mengt Dir wierklech, Här Schmit, dass iwwerall an de Familljen, wou eng Fra an e Mann Mamm a Papp sinn, dass d'Kanner do iwwerall glécklech sinn? Datt se do zur Harmonie bäidroen, fir e glécklecht Familljeliewen?

Do sidd Dir op der ganzer Spuer op der falscher Linn!

E Kand brauch Léift. A Léift kann et souwuel vun enger Fra wéi vun engem Mann kréien. Oder vun zwou Fraen oder vun zwee Männer.

Ech sinn an där Beruffswelt an ech hunn esou Familljen. An deene Kanner geet et net méi schlecht wéi alleguerten deenen anere Kanner.

Eng harmonesch Famill ass eng Famill, wou Léift doheem herrscht. Net, wou eng Mamm an e Papp sëtzt, déi sech dann owes um Kaffisdësch zerstreiden, déi an d'Scheedung ginn, wou d'Fra an de Mann awer net méi zesumme sinn, wou d'Kanner net méi bei den Eltere liewen, mee da bei engem vun den Elteren, wou de Papp näischt méi wëll wësse vun de Kanner.

Ass dat fir Iech eng harmonesch Famill?

Also, deet mer leed, Dir musst Är Definitioun a virun allem wat Der vun Iech gitt wierklech iwwerdenken. Wann ech géif gesot kréien, dass ech mech géif schummen, fir en Deel vun der Oppositioun ze sinn, well Dir dra sidd, da musst Der wierklech nach eng Kéier alles iwwerdenken.

Här Schmit, mir hunn heibannen, déi meescht vun eis heibannen hu Kanner. A mir wëssen net, wéi hir sexuell Orientéierung wäert sinn. An ech hoffe fir Iech, dass Är Kanner dann Ärem Wonsch kënnen nogoen, well soss dinn déi Kanner mer wierklech leed.

*(Akkustesch Zoustëmmung)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Baum freet e Fait personnel.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Hei ass virdru gesot ginn, datt mir jo warscheinlech alleguer bei enger Mamm a bei engem Papp grouss gi sinn.

Bei mir stëmmt dat net. Ech sinn net bei menger Mamm grouss ginn an ech sinn och net bei mengem Papp grouss ginn. An ech mengen, datt ech awer Deel vun dëser Gesellschaft sinn. Merci.

*(Akkustesch Zoustëmmung)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Ofschléissend dann d'Äntwerte vum Här Knaff.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci all fir den – also net all. Mee merci awer fir déi groussendeels positiv Bemierkungen.

D'Escher Politik géint Diskriminatioun, fir Égalité des chances fousst op enger grousser Majoritéit hei am Gemengerot, sou wéi dat ëmmer de Fall war, zënter mer ugefaangen hunn, geziilt Politik fir d'Égalité des chances ze maachen. An et ass och parteiiwwergräifend ëmmer weider un de selwechten Ziler geschafft ginn.

An ech mengen, an där Hisiicht war et och am Fong de gréisste Succès vun der Escher Politik, datt mer bal 20 Joer konnten ouni den ADR hei am Gemengerot zesumme fir d'Égalité des chances, géint Diskriminatiounen a fir e friddlecht Zesummeliewen hei schaffen.

An d'Resultat war eeben eise Pakt, dee mer eis selwer ginn haten, an elo d'Adhesioun zu deem Pakt, dee soll nach iwwergräifend zu den anere Gemenge gemaach ginn.

Ech hoffen och, datt d'Escher net düpp sinn, datt se nogelauschtert hunn, wat d'Gefore sinn, deemno wat ee wielt. Datt dat trotz allem nach ëmmer fragillt, dat fragillt Gemauers, wat mer opgebaut hunn elo, datt dat ëmmer erëm kann zerbréckelen, deemno wéi enge Leit een d'Méiglechkeet gëtt, ze decidéieren.

Sou datt ech am Fong frou sinn, datt d'absolutt grouss Majoritéit nach ëmmer zu eiser Politik vum Vivre-ensemble steet, datt de Paradigmewiessel och begréisst gëtt, deen dat neit Gesetz gemaach huet.

En neit Gesetz, dat ausgeschafft ginn ass aus der aler Regierung eraus a wat elo eeben duerno pouffinéiert ginn ass an op d'Instanz bruecht ginn sinn a promulgéiert ginn ass eebe mat der neier.

Mee ech mengen, och do war eng ganz grouss Kohesioun, wéi et soll virugoen. Sou datt dat, wéi gesot, eppes ass, wat och national ofgewäägt a ganz largement gedroe ginn ass vu jiddwerengem.

Wéi gesot, grad, wann Der Iech dann där Zuel soll gleewen, Här Schmit, datt mer elo 51 % Immigratioun zu Lëtzebuerg hätten. Grad dat ass e Grond, firwat mer sollte kucken, all friddlech an am Respekt mateneen zesummen ze liewen. Dat war de Schlëssel souwisou nach ëmmer vum Erfolleg vu Lëtzebuerg. A sou soll et och bleiwen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

Dann deele mer d'Ziedelen aus fir de Vott.

**[Vott]**

Mir hunn 18 Mol Oui an ee Mol Non.

Ech huelen och d'Suggestioun oder d'Umierkung vum Här Faltz mat an eng Commission des présidents, woubäi ech net mengen, dass mer onbedéngt, mer kënnen, awer net onbedéngt nëmme mussen iwwer d'Riedezäite schwätzen, mee éischter, wéi mer iwwer den Inhalt schwätzen. Wéi mer dat zesumme responsabel hei an dëser Ronn uginn.

## 4. Charte communale de développement de l'activité physique et des sports « Meng Gemeng lieft Sport » ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei den nächste Punkt. Dat ass d'Charte communale de développement de l'activité physique et des sports. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Mir hunn eng Charte haut virleien, „Meng Gemeng lieft Sport". Am Kader vun eisem Sportfërderprogramm ass definéiert, wéi eng mënschlech Ziler a Besoinen duerch de Sport kënnen ënnerstëtzt ginn.

Spillen a Sport si fundamental mënschlech Besoinen a spillen an alle Kulturen eng wichteg Roll. Sport ëmfaasst all Forme vu

kierperlecher Aktivitéit, déi zu kierperlecher Fitness, mentalem Wuelbefannen a sozialem Austausch bäidroen.

Duerch sportlech Aktivitéite gi Wäerter wéi Respekt fir de Géigner, Unerkenne vu Reegelen. Disziplinn, Fairplay an Teamgeescht op spilleresch Aart a Weis vermëttelt a geléiert. Zousätzlech ka Sport méi wéi all aner Aktivitéit d'Mënschen onofhängeg vun hiren Originnen an hirer Relioun matenee verbannen.

Och am Beräich vun der Inklusioun kann de Sport eng wichteg Roll iwwerhuelen. Sport ka souwuel d'individuell Perséinlechkeets-entwécklung vu Kanner a Jugendlechen a Leit am Erwuessenenalter ënnerstëtzen, wéi och d'sozial, kulturell an ekonomesch Entwécklung vu Gemeinschafte férderen oder de friddlechen Austausch tëscht Kulturen erméiglechen.

Op Basis vun dësen Aspekter gesäit d'Stad Esch an der Férderung vum Sport e weesentleche Bäitrag, fir eng gesond an aktiv Bevëlkerung ze erreechen. Dëst gëtt och am aktuelle Koalitiounsaccord vun de Majoritéitsparteie festgehalen.

Beweegung ass wichteg fir déi physesch a mental Gesondheet vun alle Bierger a Biergerinnen. Sport ass net nëmme gesondheetsférdernd, mee hëlleft och bei der Integratioun an Inklusioun vu Kanner a Jugendlechen. Duerch Sport kënnen nei sozial Kompetenzen ugeléiert ginn, Frëndschaften entstoen a Wäerter wéi Fairness, Disziplinn oder Respekt vermëttelt ginn.

Eise Sportférderprogramm steet deemno ënnert dem Motto „Sport fir jiddereen". Och wann d'Stad Esch e gutt funktionéierende Sportservice an och eng Sportskommissioun huet, si mir virun zwee Joer op de Wee gaangen, op den Zuch vum Sportkoordinator opzesprangen.

Souwuel de Service selwer wéi och d'Usprécht ginn ëmmer méi grouss. Do ass et net verkéiert, wann eis Cheffe de service eng zousätzlech Hëllef an der Persoun vun engem Sportkoordinator kritt.

Ab dësem Joer ginn et nei Krittären, souwuel fir d'Gemengen, de Sportkoordinator selwer an de Sportsministère. Dofir steet haut emol an enger éischter Phas d'Charte communale du développement de l'activité physique et des sports „Meng Gemeng lieft Sport" um Ordre du jour.

Mat dëser Charte engagéiere mir eis weider, fir Sportsprogrammer unzebidden, wou all Escher Bierger a Biergerin sech sportlech betätege kann. Nieft der LASEP, dem Youth Sport School Sport, dem Fit60+, de Programmer „Intégration par le sport" a „Sport pour tous" wäerte mir nach eng Kéier d'Sportsoffer fir eist Personal op de Leescht huelen.

Fir d'Rentrée 2025/2026 wäert och de Mid-Ager-Programm fir Leit tëscht 25 a 55 Joer starten. Domadder bidde mir Sportaktivitéite fir all Alterskategorien an eiser Gemeng un.

D'Gemeng engagéiert sech, d'Acteuren ze ënnerstëtzen, déi am Beräich vun der kierperlecher Aktivitéit an dem federéierte Sport täteg sinn. Eis Veräiner ze ënnerstëtzen, sief et mat Subsiden, Konventiounen, Manpower, Material fir gréisser Sportsmanifestatiounen, sief et mat Infrastrukturen a Stand setze respektiv neier bauen – dovunner de COHS3, den Turnsall Bruch-Schoul, nei Lafpisten, neie syntheeteschen Terrain an, ech mengen, ech hunn dat schonn eng Kéier virgestallt, alles, wat investéiert gëtt am Joer 2025 fir de Sport.

Nieft der Charte gëtt et och nach eng Konventioun, wou nach eng Kéier

d'Engagement vun der Gemeng a vum Staat, d'Missioune vum Sportkoordinator an déi finanziell Participatioun vum Staat opgeleëscht sinn.

Leider kënne mer un där Konventioun eréischt am nächste Gemengerot stëmmen, well déi aktuell Versioun laut Sportsministère nach op den definitiven Accord vum Inneministère waart.

Ech wëll awer schonns haut bekannt ginn, dass déi finanziell Participatioun vum Staat mat dëser Konventioun ännert a vill méi héich wäert ausfalen.

Déi finanziell Participatioun läit bei 80 % fir déi nächst dräi Joer a gëtt da progressiv ëm 10 % vu Joer zu Joer erof. Ab dem néngte Joer stabiliséiert déi Zomm sech, déi da finanziell Hëllef sech nëmme méi bei 20 % fir déi kommend Jore wäert apendelen.

Ech bieden Iech also, dëser Charte zouzestëmmen. An d'Konventioun, wéi gesot, déi wäerte mer dann an enger nächster Sitzung proposéieren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Zwally, fir déi Explikatiounen.

Jo, ech denken, déi Charte ... also op der enger Säit ass esou eng Charte ënnerschreiwen, mir engagéieren eis fir hei a fir do. An ech mengen awer, an dësem Fall ass dat net onwichteg, well jo déi Persoun vun deem Sportkoordinator do an d'Spill kënnt, deen ...

Ech denken, an der ganzer Diskussioun vun deene ville Sportsclibb, déi mer hunn, mat deene ville verschiddene Besoinen och, dass et do wichteg ass, dass mer do als Sportsclibb en Usprochpartner hunn.

Well Dir wësst et selwer, dass déi Interaktioun oder déi Sitzungen, wou dann d'Sportsclibb sech mat der Politik gesinn, dach awer rar geséit sinn. Dat ass numol sou. Dat ass och net ze verhënneren.

Mee ech mengen einfach, dass déi do Persoun deen dote Kontakt vill méi einfach ka maachen an Zukunft.

Ech wëll awer och vläicht hoffen - a nee, ech wëll net hoffen, mee ech hoffen, dass et vläicht awer och eng Initialzündung ka sinn, fir ee vun de Punkten aus Ärem Koalitiounsaccord, dee mir oder eis natierlech ganz wichteg ass, dat ass eeben well deen op eisem Walprogramm stoung.

Dat ass déi administrativ Hëllef, déi jo och soll am Sportservice ugesidelt sinn, fir d'Sportsclibb da faktesch och bei administrativen Tâchen ze ënnerstëtzen. Well d'Charte dat jo och seet, dass Dir Iech engagéiert, de Clibb d'Liewen einfach ze maachen oder, wéi gesot, se och doranner ze ënnerstëtzen.

Ech mengen, Dir hutt schonn e wichtege Schrëtt gemaach mam Programm Clubee, wou ech mengen, wann ech meng Confrèren a Consoeuren, mat deenen ech schwätzen, dass dat wierklech eng Plus-value ass a wierklech vill scho vereinfacht huet.

An awer gëtt d'administrativ Aarbecht net manner. An et sinn dann awer Benevollen, déi dat maachen. An déi Benevolle ginn ëmmer méi al a se ginn ëmmer manner. Ech mengen, dat wësse mer all. Dat gëllt

fir d'Sportsclibb, et gëllt awer och fir d'Kulturclibb. Also dat ass fir alleguerten d'ASBLen, déi sech an deem Volet ënnerstëtzen.

Dofir wär ech frou, wann do eng kleng Initialzündung an där doter Richtung géif opgoen. Ech mengen, dat wär am Besoin vun de Clibb. An ech mengen, do géift Der och vill Retour kréien, positive Retour kréien. Ech soen Iech villmools Merci. A mir stëmmen dat natierlech och mat.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci. Wann et soss keng Wuertmeldunge méi ginn, dann huet den Här Zwally d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, ech mengen, et ass fir eis och wichteg. D'Wuert selwer „Sportkoordinator" seet jo schonn alles. E Koordinator, dee sech fir e bestëmmte Beräich interesséiert an deen eebe versicht, opgrond vun deene ville sportleche Aktivitéiten, déi mir op eisem, a Clibb, déi och täteg sinn, ganz einfach soll koordinéieren.

Mir mierken, dass nach d'Zesummesetzung vun all deenen, déi ee mol kann zesummesetzen, fir ze soen, wat feelt Iech alleguerten. Dat engersäits sinn emol d'Infrastrukturen, déi gekuckt ginn, an anerwäerts ass den administrativen Deel natierlech och ëmmer eng Diskussioun.

An ech kann nëmme soen, wat ech schonn an de Budgetsdiskussioune gesot hunn. An den neien Infrastrukturen, do wou dann de Sportservice hikënnt, do ass och dofir gesuergt ginn, fir dass dann déi Sportsclibb, déi do sinn, e Büro kréien.

Dat eleng kann net nëmme fir déi néng sinn, déi einfach do agéieren herno. Mee et geet och dorëms, dass mer se alleguerten agebonne kréien.

Déi administrativ Aufgaben, déi haut sinn, si sécherlech net méi déi, déi fréier waren. D'Benevolle ginn ëmmer manner, mee dat ass net eleng do de Fall. Dat ass och fir all eis Associatiounen, déi an alle Beräicher täteg sinn.

Mee ech kéint mer awer virstellen, dass mer zesumme mam Service, wann e bis eng Kéier sur place ass an de Sportkoordinator komplett och do integréiert ass a seng Aarbecht ophëlt, dass mer den administrative Volet eng Kéier kënne ganz einfach uschwätzen.

Mir sinn och der Meenung, dass mer do kënnen hëllefen. Et muss ee just ëmmer aschätzen an agrenzen, wou d'Hëllef speziell gebraucht gëtt.

Wann Der e Keessjee hutt oder wéi och ëmmer, dee wëll dat net. Ech mengen, do si jo och Obligatioune par rapport zu hire Generalversammlungen an zu hire Statutten, déi se hunn. Mee mir kënnen do kucken, ob mer e Pilotprojet kënne starten, dee mer duerno och kënnen ausweiten.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 5.1. Règlement-taxe applicable à la Bibliothèque municipale ; modification ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Taxereglementer.

Do hu mer als éischt en Taxereglement, wat d'Bibliothéik betrëfft. Do gëtt eebe proposéiert, fir e Pasage anzefügen, dass, wann do e Client en Dokument verléiert oder beschiedegt, dass dann eng Stroftax ze bezuelen ass. Entweeder sou wéi den Akafspräis vum Dokument war, respektiv 25 €, wann den Akafspräis net erauszefannen ass.

Do huet och d'Commission juridique nach e Wuert bäigesat an d'Formulatioun. Ech géing Iech bieden, dann déi dernière, d'lescht Versioun en compte ze huelen, sou wéi d'Kommissioun eis se ënnerbreet huet.

Gëtt et Froen oder Wuertmeldungen dozou? Dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 5.2. Règlement-taxe applicable à la vente de sachets de nourriture pour animaux au Escher Déierepark ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dat nächst Taxereglement, dat betrëfft d'Friesstute fir d'Déieren, déi am Déierepark accessibel sinn.

Bon, se goufe bis elo verdeelt oder et konnt ee sech zerwéieren. Dat war elo zéng Joer laang de Fall, mat awer engem Resultat, dass een awer Gaspillage huet, dee festzestellen ass, respektiv dass Offall doduerch entsteet, deen eng Kéier duerch de Gaspillage nach méi ass.

An dowéinst ass elo d'Propos, fir eng Tax anzeféieren, dass déi Tut zukünfteg dann 1 € soll kaschten. Ausname si Visitte vu

Gruppen, zum Beispill Maison-relaisen oder Schoulklassen. An och Ausname wier fir d'Gäscht an de Bamhaiser.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? D'Madamm Agovic.

**Mme Enesa Agovic (LSAP)**

Merci.

Also just kuerz zwou, dräi Froen, wéi dat an der Theorie géif ausgesinn. Gëtt dat en Distributeur oder gëtt dat an de Bamhaiser verkaf? An ass dat och just méiglech, per Cash ze bezuelen? Oder sinn do scho ganz konkreet Saachen ausgeschafft?

Voilà, merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Also et ass esou geduecht, dass dat am Bamhauscafé verkaf gëtt. Dann ass jo nach, virdrun ass déi Bud, déi heiansdo op ass, wann een zu Momenter weess, dass méi Leit op den Déierepark kommen.

A mat deenen übleche méigleche Bezuelmëttel. Also och bis elo kann ee jo Saachen do kafen, wou och net ëmmer d'Demande da bedeitend grouss ass. An dann och do sinn et dann déi normal Manéieren, souwuel mat der Kaart wéi Cash.

Ech weess net, ob elo nach d'Iddi ass, fir en zousätzlechen Automat opzestellen oder net. Am Moment war nach sou eng Klapp do, wou ee sech konnt zerwéieren, wou bis elo nach eng Solutioun gesicht gëtt.

Voilà, ech mengen, den übleche Werdegang wéi all déi aner Saachen, déi do verkaf ginn. Och zu Präisser, déi ënner 1 € heiansdo sinn.

Wann et soss keng Froe ginn, au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ⊜ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann hu mer nach en drëtt Taxereglement. Mir hunn ... pardon, richteg. Här Schmit, wëllt Der Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, ech soe Merci.

Ech hunn am Fong geholl ëmmer fonnt, datt et ganz agreabel war an datt een déi konnt am Fong geholl gratis kréien. An dofir sinn ech, bei där Mesure hei weess ech och net, ob se dann onbedéngt verhënnert, datt do elo vill manner, solle mer soen, Dechete géife ronderëmgeheit ginn.

Also dofir déi Abstentioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

## 5.3. Règlement-taxe applicable à la vente du livre « Metzeschmelz » ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei dat nächst Taxereglement. An zwar hu mer bäigedroen oder gehollef bei der Publikatioun vun engem Buch iwwer d'Metzeschmelz.

An do huet d'Stad Esch dann och eng ganz Rëtsch Bicher elo kritt, déi mir géingen zum Verkaf ubidden. Zum Beispill an der Infofabrik soll dat de Fall sinn. Do musse mer e Präis festleeën. An heifir gi 55 € proposéiert.

Ginn et Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 6.1. Bail emphytéotique avec BENU Village ASBL ; résiliation d'un commun accord ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer elo bei bëssen en trauregen Dossier à la fin du compte. Nämlech der Resiliation d'un commun accord vum Bail emphytéotique mat der BENU ASBL.

Et war am Gemengerot 2017, wou d'Buergermeeschtesch Vera Spautz deemools déi éischt Konventioun mat der BENU ASBL hei am Gemengerot zum Vott gestallt huet. An de BENU huet sech duerno entwéckelt, bis dann elo Enn vum Joer 2023 verschidden Evenementer stattfonnt hunn.

Den 12. Dezember 2023 ass d'BENU ASBL vum Tribunal d'arrondissement an eng Liquidatioun deklaréiert ginn. De 26. Dezember, just viru Mëtternuecht, hu verschidden Deeler vum BENU-Village aus och nach haut onerkläertem Grond Feier gefaangen; Läschaarbechten, déi dräi Deeg gedauert hunn.

Relativ schnell no der Annonce vun der Liquidatioun an nom Brand gouf d'Stad Esch vu verschiddenen Interesséierte kontaktéiert. Dat waren op der enger Säit d'Konstruktiounsfirmen an Techniker, déi nach op Bezuelunge gewaart hu vu BENU an dunn dës Rechnunge wollten un eis als Stad weiderginn.

Op der anerer Säit war et awer och d'Personal vu BENU wéi schonn aner ASBLen, déi prettstoungen, fir mat enger änlecher Ënnerstëtzung vun der Stad, déi géing undaueren, eeben op där doter Plaz weider Aktivitéite wéilt realiséieren.

Wat eis awer virun allem wichteg war, dat war den Echange, dee mer mat der Liquidatrice haten, déi hirersäits, an dat wollt ech och soen,

se huet dat och formuléiert, dass se scho fonnt huet, dass mer Drock op si gemaach hunn, fir an deem Dossier virunzekommen. An ech sinn dann awer frou, dass mer relativ schnell, innerhalb vun e puer Méint, dës Resiliatioun, sou wéi se hei formuléiert ass, konnten opsetzen.

Ech ginn elo net op de ganze Bail emphytéotique vun Dezember 2019 an. Deen hat Der am Gemengerotsdossier. Ech mengen, déi wichtegst Elementer si ganz einfach, dass d'Stad Esch de Proprietär vum Terrain ass an alles, wat drop gebaut gouf, alles, wat dropgestallt gouf, d'Propirietéit vun der BENU ASBL war.

Dass d'Durée eeben deemools bis Enn 2046 war. An dass nom Oflaf vun där Durée d'BENU ASBL den Terrain an engem Terrain hätt missen zeréckginn, sou wéi en initial och vun der Stad zur Verfügung gestallt ginn ass. Dat heescht, ouni iergendeppes drop.

Wat elo an der Resiliatioun festgehalen ass, dat ass, dass de Bail de commun accord op de 5. Juli opgekënnegt gouf. Dat ass deen Dag, wou mer de Schlëssel vun der Liquidatrice kritt hunn. Dat war zu engem Moment, nodeems d'Vente aux enchère stattfonnt huet.

All d'Scholden, déi BENU nach vis-à-vis vun der Stad Esch huet, déi sinn opgeläscht am Akt. D'Stad Esch iwwerhëlt an enger éischter Phas d'Käschte fir d'Ofrappe vun den Elementer, déi beim Brand beschiedegt goufen, a vum Ewechhuele vum Dreck.

Dat läit och einfach op der Hand aus Sécherheetsgrënn, well mer wëllen dee Site sou schnell wéi méiglech erëm securiséieren. An dann ass et esou, dass awer en contrepartie mir, wann nach Assurancen eppes géinge bezuelen, mir dat da géingen als Stad kréien.¨

Des Weidere renoncéiert d'Stad, dass de BENU, d'ASBL, de Site erëm am Originalzoustand muss bréngen, well mir dat jo dann iwwerhuelen. Mir iwwerhuelen déi Elementer, déi net beschiedegt goufen. Mir kënnen déi ofrappen oder ëmnotzen.

A schlussendlech iwwerhuele mer keng Scholden oder keng ufalend Bezuelungen, déi nach en lien mat deenen Elementer wieren, déi um Site stoungen.

Dëst bedeit, dass tatsächlech elo mol alles ewechgeholl gëtt, wat eeben nach e Sécherheetsrisk duerstellt. An da gëtt eng Analys gemaach, fir ze kucken, wat nach um Site kann erhale bleiwen, wat nach an engem Zoustand ass, deen akzeptabel wier. Och, ob een de Site eventuell misst anescht amenagéieren. Also fir de ganze Site erëm an den Zoustand ze bréngen an och ze depolluéieren.

Do si Schätzunge vu bis zu 330.000 €, déi am Raum stinn, déi mer och an den Akt aschreiwe gelooss hunn, fir nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass dat eigentlech och indirekt Scholde wieren, déi d'BENU ASBL par rapport zu eis hätt.

Et war eis wierklech wichteg, ëmmer erëm, dat hunn ech elo dräimol betount, déi Fro, dass mir a kengem Fall Scholde vun där ASBL géingen iwwerhuelen.

Elo kéint een nach froen, ob mir nach iergendeng Zuel oder iergend eng Zomm, iergend e Montant ausbezuelt kréie vun der BENU ASBL, oder vun der Liquidatrice. Dat wäert net de Fall sinn.

D'Liquidatrice huet ëmmer erëm betount, dass dat wichtegst wier, dass se als éischt géing d'Paien ausbezuelen, déi nach opstinn, un d'Leit, déi do geschafft hunn. An dat ass och eng Logik, där mir eis total ugschloss hunn an déi net a Fro gestallt hunn, déi mer absolutt deelen.

Elo ass déi nächst Fro, ob mer da kënne muer ufänke mat ofrappen oder net. Dat ass och nach net de Fall. Well d'Police judiciaire huet de Site nach ëmmer net fräiginn. Dat heescht, et lafen och nach ëmmer weider Enquêten, wéi et zum Brand op der Plaz konnt kommen.

D'Devisë sinn awer gestëmmt. D'Firmen, déi sollen ofrappen, sinn au courant a kënne lancéiert ginn, soubal mer de Go da kréien.

Fir mech ass et eigentlech eng Enttäuschung, déi haut da mat dësem Vott u sech awer verbonnen ass. Et ass eng Enttäuschung par rapport zu de Leit, déi hannert der BENU ASBL stoungen, déi eigentlech och no der ganzer Liquidatioun sech net méi un eis adresséiert hunn, déi sech net méi gewisen hunn, déi sech net a Fro gestallt hunn.

Ech konnt souguer aus der Press eraus liesen, dass ee vun de Membere vum CA, wann ech dat richteg verstanen hunn, op d'Vente aux enchères gaangen ass, fir do nach Elementer opzekafen. Ech beschreiwen net, wéi ech dat do fannen.

Et ass eng Enttäuschung par rapport zu der Persoun, et ass awer virun allem eng Enttäuschung par rapport zu der Cause. Well natierlech ass déi Iddi fir Economie circulaire an do en Hub oder e Projet phare hei zu Esch entstoen ze loossen, war déi richteg, ass elo och nach ëmmer richteg.

An déi Leit, déi de Projet sou an de Sand gesat hunn, déi schueden eigentlech der Cause méi wéi soss allen aneren. An dat ass wierklech ze bedaueren.

Wéi et virugeet, dat hu mer och schonn e puermol gesot. Dat heescht, wann de Site bis geraumt ass, wann d'Analys bis gemaach ass, wat nach méiglech ass, ob dat herno dann einfach en Terrain oder dat en Terrain ass, wou nach verschidden Elementer dropstinn. Da wëlle mer en Opruff maachen, wou mer eis adresséieren un ASBLen, wou mer eis awer och adresséieren u verschidden Träger.

Ech kéint mer virstellen, dass Aarbechtsbeschäftegungsmesuren interesséiert vläicht wieren. Ech kéint mer virstellen, dass verschidde staatlech Träger, déi Projete mat Jonken hunn, interesséiert wieren. A sou weider. Ob een deen Terrain dann nach kéint notzen.

Well den Terrain ass eigentlech ze flott a respektiv ze wichteg, well en dee Lien herno mécht tëscht dem Zentrum, der Rouder Lëns, fir deen herno kënnen ze mobiliséieren.

Ginn et Wuertmeldungen dozou? Den Här Tonnar huet eng Fro.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Ech géif et wichteg fannen, dass Der dohannert sidd, dass déi Assurancen do bezuelen. Dat si jo awer déck Montanten. An dofir huet ee jo awer eng Assurance.

Ech liesen hei, dass do eng bekannt Lëtzebuerger Assurance engagéiert ass. Souwuel fir de Proprietär wéi fir den Emphytéote. Da géing ech Iech awer invitéieren, do ferm dohannert ze bleiwen, dass déi och dee Schued do bezuelen. Oder op d'mannst, wat muss ofgerappt ginn, wat jo och e stolze Montant ass.

An dann nach eng lescht Remark, fir Iech ze weisen, wéi gutt ech alles gelies hunn. Op der Säit 5 musst Der verbesseren, ganz uewen, dass „mille septcentsvingt Euro vingtneuf Centimes". Dat kënnt der net an der Schrëft „vingtneuf" an den Ziffere „20" schreiwen. Sou dass Der musst aus der Null eng Néngtche maachen. Voilà.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech soen Iech Merci fir deen Detail. De Mётteg solle mer ënnerschreiwen, da gëtt dat direkt gemellt.

Den Här Schmit huet nach d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, ech soen Iech kuerz Merci fir d'Wuert. Et dauert och net laang.

Am Fong geholl wollt ech soen, datt déi heite Saach trotzdeem, obschonn, wann een och d'Dokumenter kuckt, awer nach ëmmer relativ onduerchsichteg ass. Mir wäerten, ech wäert mech hei eng Abstentioun maachen. Well am Fong geholl déi Clarités net do ass, wou misst do sinn.

Natierlech bedauere mir dat och. Mee ech wéilt awer nach eng Kéier hei dann d'Occasioun, solle mer soen, op d'Occasioun zeréckgräifen, fir nach en, wéi ech dat scho wéi vill Mol gemaach hunn, global en externen Audit vum ganze Kulturberäich fuerderen.

Ech fannen, déi Saachen, déi Affären hänken alleguerte mateneen. An do misste mer wierklech vill méi Kloerheet hunn, datt mer wëssen, wou d'Responsabilitéite leien. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et soss nach Wuertmeldungen? Den Här Faltz.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, ganz kuerz.

Nee, ech denken, wat BENU jo dann awer, déi Economie circulaire, déi ass hei e puermol elo schonn ugeklongen. Ech weess elo net, wéi d'Efforte vum Schäfferot elo an déi Richtung gaange sinn, mee ech mengen awer, dass mir eis nach ëmmer sollte staark maachen, fir sou en Instrument oder sou en Operateur oder wéi och ëmmer, dass mer wëllen en Aktivposten an der Economie circulaire sollen unzéien.

Ech mengen, dat ass elo méi wichteg wéi iergendwellch ekonomesch Gedanken. Also Suen oder Gewënn als Gedanken ze hunn. Mee einfach seng Moral an där Verflichtung, déi mer op eis nächst Generatiounen hunn, dass mer do eis awer staark maachen, dass sou Projeten awer weiderhin hei Fouss kënne faassen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir wäerten déi Resiliatioun matstëmmen, well et d'Grondlag ass, fir iwwerhaapt kënne virunzefueren. Wa mer déi Resiliatioun net maachen, dann hu mer nach ëmmer eng Emphyteos mat enger ASBL, déi jorelaang warscheinlech Geriichtsprozesser huet. An dat géif näischt anescht bedeiten, wéi datt mer géife sécher wärend Joren am Zentrum eng Brooch behalen.

Dofir mengen ech, ass dat hei de richtege Wee.

Ech géif mech awer och dem Här Faltz uschléissen, datt an den iwwerleeungen, wéi et weidergeet, datt d'Economie circulaire do,

mengen ech, wierklech sollt eng primordial Attentioun kréien. Dat heescht, et soll am ideale Fall an deem Beräich sinn, wou mer zumindest als éischt sichen, fir erëm ekonomesch Aktivitéiten do unzezéien.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Den Här Sehovic hat nach d'Wuert gefrot.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech géing gär den Här Schmit froen, wat dann elo an deem heiten Dossier onkloer wier fir hien. Well de Schäfferot eigentlech hei mat e puer Reprisen, mengen ech, an de Gemengerot komm ass, fir maximal Transparenz, mengen ech, an deem doten Dossier walten ze loossen.

Mir ass net bekannt, dass den Här Schmit zu iergendengem Zäitpunkt bei iergendenger vun deenen Diskussiounen hei am Gemengerot eng Fro gestallt hätt. Mir ass och net bekannt, dass et schrëftlech Ufroe vum Här Schmit géing ginn.

Sou dass ech mech wierklech froen, wou elo nach d'Incertituden an deem heiten Dossier géinge leien. Well mer hei wierklech aus Iwwerzeegung och maximal Transparenz dès le départ walte gelooss hunn.

Par rapport zu de Remarke vun de Virriedner mengen ech, an dat huet den Här Buergermeeschter och schonn a sengen initialen Explikatiounen ugedeit. Mir hu weiderhin eng Prioritéit op den Developpement vun eiser Stad als Hub fir Économie circulaire.

Mir hu jo och nach eng ganz Rei aner Acteuren, déi um Territoire haut schonn aktiv sinn. Mir hu mat Facilitech en Tiers-lieu, dee sech do ronderëm organiséiert. Mir hunn eng ganz Rei vun Associatiounen an Aarbechtsbeschäftegungsinitiativen, déi sech enorm engagéieren.

A mir hunn och vun der Stad Esch en neie Projet, wou mer zum Beispill bei der Renovatioun vun eise Gebaier kucken, wéi eng Materialie mer kënnen erhalen. Déi mer net ewechgeheien, mee déi mer da verschenken op enger Onlineplattform.

Sou dass et weiderhin den Usproch vun der Stad Esch ass, fir Pionéier ze sinn an der Économie circulaire. Mir si jo och am Beräich vum Klimapakt eng vun de wéinege Gemengen, déi an deem Beräich och zertifizéiert ass.

An ech mengen, dass et op deem dote Site, an dat huet den Här Buergermeeschter och scho gesot, duerchaus d'Ambitioun gëtt, fir och weider Économie circulaire ze maachen, agebett awer och, dat wëll ech kloer soen, an déi urbanistesch Iwwerleeungen, déi den Iwwergang musse maachen duerno tëscht dem gewuessene Stadkär an engem neie Quartier.

An do gëtt et ganz vill Opportunitéiten. An do wäerte mer och le moment venu drop zeréckkommen.

*(Interventioun Här Bernard Schmit)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Jo, ech géing Iech eigentlech ... Dir wëllt jo bestëmmt herno Är Abstentioun begrënnen, an do kéint Der dat jo da mat abannen. Soss géingt Der dräimol schwätzen. Dat ass e bësse vill, oder?

*(Gelaachs)*
*(Interventioun Här Bernard Schmit)*

Ech mengen, dass et net virgesinn ass.

Okee.

Jo nach eng Äntwert par rapport zu den Assurancen. Dir hutt ganz Recht, Här Tonnar. Mir bleiwen do och hannendrun.

Déi grouss Fro, déi sech awer am Moment nach ëmmer stellt, dat ass natierlech d'Responsabilitéit vum Brand, déi als éischt ze klären ass, éier mer weider Demanden do kënne stellen.

An dowéinst äntweren ech lech nach als éischt, Här Schmit. Mir sinn hei net am Beräich vun der Kultur. Mir sinn hei am Beräich vum Développement économique gewiescht. De Service, dee sech drëms gekëmmert huet, an enker Zesummenaarbecht mat eisem Ëmweltservice.

Voilà, dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ⊜ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Schmit, Dir wëllt Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, d'Abstentioun, well menger Meenung no sinn trotzdeem, Här Sehovic, vill Onkloerheeten tëscht deene verschiddenen Acteuren. Als eenzege Beräich wëll ech nëmmen obvious soen, datt d'Enquête vun der Police nach net ofgeschloss ass. An datt dat alles och en Afloss an d'Gestioun vun deem heiten Dossier natierlech och abréngt.

Ech weess, et ass net onbedéngt, wéi gesot, wat ech zu der … am Fong geholl hat ech virdrun nach eng Kéier gefrot, fir deen externen Audit ze kréie vun der ganzer Kulturzeen, well am Fong geholl vum Kulturberäich …

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir sinn eis eens, dass dat en anere Sujet, Här Schmit!?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, ech weess. Dir hat mer dat jo gesot.

Ech hu just wëlle soen, datt ech déi Opportunitéit wollt just notzen, fir dat nach eng Kéier no vir ze drécken. Well ech scho wéi vill Mol déi Ufro gemaach hunn an nach ni eng konkreet Äntwert oder Äusserung dozou kritt hunn. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wann Der do nach eng Kéier méi genee Froen hutt, kënnt Der déi och schrëftlech un de Schäfferot adresséieren, wann Der mengt, dass Der déi Äntwerten net kritt hätt, déi Der lech gewënscht hutt.

Dir hutt verschidden Opportunitéiten, sou wéi de Règlement d'ordre intérieur et virgesäit, wéi Der kënnt Froen un eis adresséieren.

## 6.2. Convention avec l'association Transition Minett ; avenant pour l'exercice 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Voilà, da komme mer bei d'Konventioun 6.2 mat Transition Minett. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Et ass eng vun den Associatiounen, déi notamment am Beräich vun der Économie circulaire aktiv ass. Et geet hei eigentlech ëm den alljärlechen Exercice, dee mer all Joer eng Kéier musse maachen, fir den Avenant zur bestoender Konventioun mat Transition Minett ASBL ze verlängeren. An an där Konventioun sinn dann d'Modalitéite vun der Zesummenaarbecht festgehalen.

Transition Minett exploitéiert eng Rei vu gesellschaftlechen Tiers-lieuen um Escher Territoire: d'Mesa, Facilitech, Jardin-communautairen um Breedewee, op den Nonnewisen.

Mobiliséiert awer och e Collectif citoyen pour le climat, wou d'Biergerinnen a Bierger u sech op Eegeninitiativ zesummekommen an zesumme sech ganz konkreet Gedanken doriwwer maachen, wéi se kënne selwer aktiv ginn an der Transitioun, wéi se och kënne Matmënsche mathuelen, hir Noperen, hir Famill a sou weider.

Si geréieren zesumme mat EBL och eng Plattform, déi „Gutt Geschier" heescht, déi ech schonn e puermol ernimmt hunn an ëmmer erëm wäert ernimmen. Well Der do kënnt Geschier, wat Der punktuell braucht, fri doheem vläicht eppes ze fläcken, gratis ausléinen.

An donieft och nach eng ganz Rei aner Aktivitéite ronderëm d'Économie circulaire: Transition énergétique, Souveraineté alimentaire, d'Sensibiliséierung an och d'Participation citoyenne.

Am Joer 2025 kommen e puer nei Projeten op eis duer. Notamment en Interreg-Projet, wou och d'Stad Esch e gewësse Kofinanzement mécht. En Interreg-Projet, fir grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht am Beräich vun der Transitioun ze verstäerken.

Transition Minett ass ee vun de Partneren, mat deene mer och zesumme mam Service de la Promotion économique an dem Service écologique – an Dir gesitt, dat ass en Dräiergespan, wat et ëmmer erëm gëtt a wat gutt funktionéiert a wou ech houfreg drop sinn, dass Ekonomie an Ekologie sou no beienee sinn hei an der Stad Esch.

An deem doten Dräiergespan wäerte mer de Cargobike-Projet an der Uelzechtstrooss lancéieren dëst Joer.

Si hëllefen der Stad Esch och bei der Organisatioun vun den Assises du Pacte Climat. A mir sinn am Schäfferot amgaangen, Gedanken doriwwer ze féieren, ob mer den Tiers-lieu Mesa kënne weider ausbauen. Dat si Projete fir 2025.

D'Transitioun huet zu Esch säin Doheem, an dorop si mer houfreg. An dowéinst bieden ech ëm Ënnerstëtzung fir deen doten Avenant.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen zu der ...? Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Mir haten elo just rieds, wéi wichteg et ass, dass mer un déi zirkulär Economie denken. An trotzdeem mengen ech awer, mir schwätzen hei vu ganz ganz ville Suen, déi déi Organisatioun, déi déi ASBL hei kritt. Nieft deene Sue kréie se, den Här Sehovic huet elo just gesot, d'MESA als Commerce, mengen ech, wou se zur Verfügung gestallt kréien. Oder musse se do Loyer bezuelen?

*(Confirmatioun Här Meris Sehovic)*

Zur Verfügung gestallt kréien. De Facilitech. Och deen Terrain am Breedewee.

An awer denken ech, dass mer hei Suen e bëssen an d'Blannt era stëmmen. Et wär net schlecht, well apparament gëtt et dat och, dass mer deen Aktivitéitsbericht dann awer géife kréien.

Nach eng Kéier: Mir schwätze vu véiermol sou vill Budget wéi d'Sportsclibb hei alleguerte wärend engem Joer kréien. Dat ass net näischt. Dat ass u sech mäi Verglachspunkt.

An dofir wär et awer net schlecht, wa mer en Aktivitéitsbericht hätten, wéi vill Leit sinn do ugestallt, wéi vill ... voilà. Dat géif déi Zomm jo dann e bëssen ënnerstëtzen.

An awer wéilt ech, wéi gesot, net onbedéngt eng Kritik, awer e klengen Ustouss maachen. Dir wësst ganz genau, mir wëssen alleguerten, déi mer fir déi Transitioun hei kämpfen – an ech zielen eis jo emol och elo dozou –, wéi schwéier dass et ass, wann een de Visuell net stëmmt.

Dir musst mer elo e bësse vertrauen, ech si schlussendlech den Noper vun deem communautaire Gaart. Ech géif dat elo mol als Unschmuck betitelen.

Ëmmer erëm ass dee Gaart och fest zou, och wa Leit hannendru schaffen. Ëmmer erëm stinn Autoe bannendran. Sou dass et e bëssen dohierkënnt, wéi wann et sou en normale Gaart um Gaalgebierg wär.

An ech mengen, dass dat awer net de Sënn an Zweck ass a sou Momenter. Dass dat méi Kritik opwerft, wéi et dann herno soll de gudde Message herno eriwwerkommen.

D'selwecht gëllt och mat der Terrass. Mir wëssen alleguerten, d'Terrass vum MESA, wéi streng dass d'Gastronomen an der Uelzechtstrooss, an zu Recht, bewäert ginn, dass hir Terrass soll anstänneg ausgesinn, dass dat soll geraumt ginn, dass se hir Miwwelen am Wanter sollen erageholl ginn.

Hei stinn e bëssen delabréiert – ech sinn och e Fan vu Palettemiwwelen, mee déi heiten hunn awer elo schonn e bësse Joren um Bockel. Déi gesinn e bëssen aus wéi dohinnergeheit. Da géif ech deen Ustouss elo mol an déi do Richtung maachen, de Visuell e bëssen ze fleegen.

A mir wäerten och dëse Vott just eng Abstentioun maachen. Mir wäerten et awer elo net nach eng Kéier duerno, wéi gesot, rechtfäerdegen. Well ech soen d'Rechtfäerdegung elo direkt hei.

En Aktivitéitsbericht bei esou groussen Zomme wier wierklech wichteg. Also dofir,

komm, mir gesinn et als e Warnschoss an déi Richtung, dass mer do vläicht elo e bëssen um Steierrad dréinen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech ginn dem Här Sehovic d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech hunn elo gespaant den Erklärungen nogelauschtert. Wat elo den Zoustand vum Jardin communautaire ugeet, bezéiungsweis vun der Terrass vun der MESA, et muss ee sech bewosst sinn, dass se effektiv an der Économie circulaire ënnerwee sinn, also net neit Geschier kafen, mee Paletten aus alem Holz a sou weider dat Bescht maachen.

Dat huet eng gewëss Ästhetik, déi vläicht net jiddwerengem gefält.

Bon, mir wäerten awer natierlech oppassen, dass déi Associatioun, sou wéi all Associatioun, sech awer un d'Reegele vun der Salubritéit, vun der Hygiène a vun der Sécherheet, déi mer imposéieren, hält.

Ech war eigentlech an der Iwwerzeegung, dass de Rapport d'activité Iech géing virleien. Ech ginn Iech nämlech Recht an Ärem Raisonnement a géing dowéinst, bevir Der domat eng Abstentioun motivéiert, wat ech awer géing schued fannen, e schlecht Signal wär fir d'Transitioun, déi mer awer hei eigentlech ëmmer méi oder manner unanime awer konnte matdroen, géing ech proposéieren, de Punkt vum Ordre du jour erofzehuelen, fir da kënnen déi néideg Dokumentatioun, déi et gëtt effektiv, wéi Der gesot hutt, déi och dann, mengen ech, largement justifiéiert déi Ënnerstëtzung, déi d'Stad Esch mécht.

An dowéinst meng Propos, dann de Punkt vum Ordre du jour erofzezéien, déi noutwendeg Erkärungen ze liwweren. Vläicht och nach eng Kéier an der zoustänneger Kommissioun eng Kéier ze diskutéieren.

An zeréckzekommen, wann hoffentlech dann oppe Froen och beäntwert wären a wou mer erëm kënnen awer wierklech mat grousse Majoritéiten dat doten ënnerstëtzen. Ech mengen, dat wär wichteg an och e wichtegt Signal par rapport zur Transitioun an all deenen Acteuren, déi do engagéiert sinn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech kucken op d'Fraktiounssprriecher. Okee.

Der Form halber musse mer dann awer ofstëmmen. Da stëmme mer elo doriwwer of, ob mer dee Punkt do kënne vum Ordre du jour vun haut erofhuelen. Dat heescht de 6.2.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 6.3. Contrat de mise à disposition du local sis 120, rue de l'Alzette à la Chambre de Commerce ; prolongation ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Contrat de mise à disposition mat der Chambre de Commerce. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Dat hei ass jo e Punkt, wou mer och eis net eens sinn. Et geet drëm, datt mer e Lokal ulounen, wou mer en Deel un d'Chambre de Commerce gratis zur Verfügung stellen, fir datt si do kann hir Missioune vu Consultatioun maachen. Dat ass op 120, Rue de l'Alzette, den hënneschten Deel, wou mer do zur Verfügung stellen.

Et ass eng Plattform, déi vill benotzt gëtt vu Leit, déi sech wëllen zu Esch nidderloosse oder am Süden nidderloossen, wou se sech kënnen déi néideg Renseignementer huele kommen.

Ech mengen, et ass gutt, datt et zu Esch esou eng Antenn vun der Chambre de Commerce ass. Mir mengen och, datt dat eng Plus-value fir d'Attraktivitéit vun der Stad ass. An dofir wollte mer hinnen och weider fir eng Durée vun zwielef Méint déi Lokaler zur Verfügung stellen.

Ech géif Iech bieden, deem Contrat d'approbation de mise à disposition zouzestëmmen. Tout en sachant datt en Deel vun eis net domadder averstanen ass.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Madamm Braz huet d'Wuert.

**Mme Liz Braz (LSAP)**

Jo, merci fir d'Wuert.

Ech ginn nach eng Kéier e bëssen op déi selwecht Punkten a wéi och schonn d'lescht Joer, well mer do keng Äntwert kritt hunn. A säitdeems ass eis och net vill méi kloer, wat am Fong déi Reegele sinn, déi d'Gemeng sech gëtt, wa se e Lokal à disposition setzt.

Wie kritt et fir e symboleschen Euro? Wie kritt et fir e Loyer, deen ee ka vertrieden? A wie kritt et einfach fir näischt? Dat schéngt e bësse sou à la tête du client am Moment ëmmer verdeelt ze ginn.

Et wär einfach wichteg, wa mer eis do géife kloer transparent Reegele setzen, wie fir wéi e Loyer eligibel ass, wann e vun der Stad Esch Gebailechkeete kritt.

Dir sot, dat heite wär e grousse Succès, och fir d'ganz Südregioun. Dann ass et mir ëmsou méi onkloer, firwat een dat nach ëmmer muss fir näischt à disposition ginn, wann et esou e Succès ass.

Grad wann ee bedenkt, dass mer vun enger Chambre de Commerce schwätzen, déi 2022 eleng duerch hir Memberschaftsfraisen iwwer 50 Milliounen erakritt huet.

Ech mengen, do hätte mer besser, déi Sue vläicht éischter a kleng Betriber zu Esch ze setzen a Leit, déi sech an d'Independance stierzen, deenen d'Méiglechkeet ze ginn, vläicht déi éischt Méint hire Buttek fir e ganz niddrege Loyer kënnen zu Esch ze féieren.

An där Hisiicht wär et och fir eis nëtzlech, eng Kéier wierklech e Rapport vun deem Buttek ze gesinn, vun där Lokalitéit ze gesinn, fir ze wëssen, wéi eng Aktivitéiten do poursuivéiert ginn a wéi vill Leit och wierklech vun där Offer do profitéieren. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Bermes an duerno den Här Baum.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Mir ënnerstëtze voll a ganz déi Initiativ, wat wierklech wichteg ass. Ech mengen, datt déi besteeënd Commercen, awer och déi nei Commercë sech berode loossen an dat Ganzt fir d'Attraktivitéit hei zu Esch ze steigeren, dofir ass dat enorm wichteg.

Ech géif awer och bieden de Schäfferot, no engem Joer vläicht e Rapport ze gesinn, wat alles geschitt ass, wéi eng Berodunge komm sinn. Da kann een nämlech och erklären, firwat een der Chambre fir näischt dee Lokal zur Verfügung stellt. An dat wär och immens wichteg, fir de Leit hir kleng Zweiwelen ewechzehuelen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Baum huet d'Wuert. Merci, Här Bermes.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech gehéieren dann och zum Deel vun deenen, déi déi heite Konventioun oder deen heite Kontrakt de mise à disposition e bësse méi kritesch gesinn.

D'Madamm Braz huet ganz zu Recht gesot, d'Chambre de Commerce, dat ass elo keng kleng ASBL, déi een ënnerstëtzt, mee déi huet e Joresëmsaz vun iwwer 50 Milliounen Euro. Nach bis viru véier Joer hate se méi Ugestalltener wéi d'Chambre des Députés, sou datt ee sech wierklech d'Fro stelle kann, ob et d'Aufgab vun engem Acteur wéi der Escher Gemeng ass, hir kommunal Gebailechkeete gratis zur Verfügung ze stellen.

Dat ass den éischte Gedanken. Den zweeten ass, effektiv, an do sinn ech och ganz beim Här Bermes, wa mer sou Saache maachen, mengen ech, ass dat mannst, datt een och do sou eng Zort Rapport d'activité awer, mengen ech, erwaarde kéint.

Eleng nëmme fir kënnen anzeschätzen, a wéi wäit dat Deel vun enger gesamter ekonomescher Strategie och ass, déi eng Stad Esch sech gëtt a wat doduerch eventuell eng ze rechtfäerdegend Plus-value kéint sinn.

An den drëtte Gedanken ass, et sinn awer ëmmer erëm kuerzfristeg, ganz kuerzfristeg Verlängerungen, déi mer maachen. Ech mengen, déi lescht, déi ass iwwer sechs Méint gaangen. Elo geet et dann erëm eng Kéier iwwer zwielef Méint.

Dat heescht, wann dat wierklech en integrale Bestanddeel vun enger méi grousser Strategie vun der Stad Esch wier, da géif ee sech och virstellen, datt do, souwuel vun der Säit vun der Chambre de Commerce wéi och vun der Säit vun der Escher Gemeng, och méi laangfristeg Zesummenaarbechte sinn, an net ëmmer Verlängerunge ronderëm e puer Méint.

Dat wäert dann och de Grond sinn, firwat ech dat hei leider net matstëmme kann.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

An den Här Schmit huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Am Fong geholl muss ech soen, ass d'Argumentatioun vun de Sozialisten, am Fong geholl ass schonn eppes dohannert.

Ech géif also mäi Walverhalen ... ech stëmmen dat heite mat. Mee ech géif awer och, solle mer soen, de Wonsch äusseren, wann dat nach eng Kéier sollt verlängert ginn, datt een éischter sollt e Wee goen, fir do awer Loyer ze froen.

Et ass wouer, datt eis Keese schonn net, solle mer soen, randvoll sinn. A mir hunn och net ëmmer onbedéngt eppes ze verschenken. Also dat wär meng Äusserung dozou.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Dann huet elo den Här Knaff d'Wuert, fir ze äntweren.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Also ech verstinn och, datt verschidde Leit oder verschidde Membere vun eisem Gemengerot déi Konventioun net wëlle matstëmmen.

Mee et muss een awer dozou soen, datt e Lokal ass, wat mir och ulounen. Et ass e Lokal, wou deemools d'Stad Esch gelount huet. Dat war och eng Locatioun, déi gemaach gi war fir Esch2022 vun der deemoleger Koalitioun. Well do sollt d'Ekipp vun 2022 dragesat ginn.

Dat heescht, do hu mer e relativ laangfristege Bail ënnerschriwwen. An do huet awer d'Ekipp vun 2022 decidéiert, anzwousch anescht sech ze implantéieren. Dat heescht, mir haten dat Lokal, dat mer gelount hunn, a mir hunn eng Léisung dofir gesicht, wéi mer et kéinten utiliséieren.

Well dee Bail, dee war ënnerschriwwen, a mir hunn du gesot, mir géifen e Popup-Store dramaachen. E Popup-Store, deen effektiv méi laang am Fong Locatioune permettéiert wéi de Popup-Store, dee vis-à-vis ass.

An do war awer een Deel hannen, dat heescht, den hënneschten Deel, wou deemools och d'Direktioun vun der Agence immobilière souz, deen ass net gënschteg fir de Commerce, well en eebe keng Vue op d'Strooss huet, well ee seng Produiten net kann exposéieren.

A wéi dunn d'Ufro ass vun der Chambre de Commerce, do hu mer gesot, mir hunn nach dat doen, wou mer lech kéinten drasetzen. An dat war effektiv geduecht och als Provisorium, iert mer géife vläicht eng Plaz fannen, déi e bësse méi den Uspréch och vun der Chambre de Commerce géif gerecht ginn.

A wéi gesot, mir géifen hinnen dat da gratis zur Verfügung stellen, well et awer och net ganz sou einfach ass. Dat heescht, et muss een duerch e Buttek goen, oder duerch zwee Butteker goen, fir duerno hannen dann déi Consultatioune kënnen ze maachen, wou et dann och en Deel awer vun, net vu Sécherheet, mee vun Intimitéit permettéiert. Well jo dann awer Leit komme mat Projeten, déi d'Leit näischt uginn.

Dat heescht, et ass den hënneschten Deel vun engem Lokal, wat mer am Fong geholl gelount haten a wat mer do gemengt hunn, mir sollten hinnen zur Verfügung stellen. A well et awer net ganz kamoud ass, a well mer wierklech d'Utilitéit vun der Presenz vun der Chambre de Commerce agsinn hunn, géife mer hinnen dat gratis zur Verfügung stellen, well mer och wollten, datt se géifen, wéi gesot, e Satellitt op Esch kréien, well mer geduecht hunn,

dat wär e gutt Signal fir d'Commerçanten, fir d'Ekonomie zu Esch, datt d'Chambre de Commerce och bei eis present wier.

Dat ass de Grond, firwat datt et gratis war. De Grond, firwat datt et kleng, also net grouss Duréeë sinn, wou mer hei verlängeren, ass, datt mer nach ëmmer no engem gëeegente Lokal sichen, wou mer d'Chambre de Commerce kéinten erasetzen, an engem bësse méi seriöe Kader. An dofir maache mer d'Mise à disposition ëmmer nëmmen iwwer kleng Duréeën.

Also weeder si sinn honnertprozenteg frou mat där Léisung, wéi se elo sëtzen, nach mir. Mir hätte scho gär, datt se e bësse méi pignant sur rue hätten, datt se e bësse méi en vue och wären. Dofir ass am Fong de Fait, datt mer hinnen do kee Loyer gefrot hunn.

Wat dee Rapport d'activité ugeet, dee wäert ech Iech beschafen an dee wäert ech Iech zäitno zoukomme loossen. Alleguerten. Well se si ganz äerdeg a se hunn dat Dokument och certainement scho prett. Dat heescht, ech kann Iech dat direkt kuerzfristeg zoukomme loossen.

*(Interventioun Madamm Liz Braz)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Hei gëtt et keng Nofroen.

Dir kënnt héchstens eng Abstentioun begrënnen.

Dann au vote.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ⊜ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☒ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Madamm Braz, wëllt Der Är Abstentioun begrënnen?

**Mme Liz Braz (LSAP)**

Gänz gär. Villmools merci fir d'Wuert nach eng Kéier.

Sou wéi ech d'Erklärungen elo héieren hunn: Dat heescht, hannen ass d'Chambre de Commerce, vir sinn zwee Popuppen. Ech wollt am Fong doropshin nofroen, wéi e Loyer dann déi Popuppen an dem selwechte Gebai géife bezuelen. Ob dat dann och fir näischt ass oder ob déi ...

*(Interventioun Här Pierre-Marc Knaff)*

Okee. Voilà, hat ech mer bal geduecht.

Dat heescht, an dëser Hisiicht, ech fannen et bal nach méi schlëmm, dass mir dat Gebai als

Gemeng lounen, fir et da gratis weider un eng Chambre de Commerce ze ginn. Dat fannen ech u sech elo wierklech ... ech hätt am léifsten dogéint gestëmmt. Ech wollt d'Wuert nach eng Kéier huelen.

Mee un der Hisiicht gi mir als Gemeng enger Chambre de Commerce am Fong e Subsid, fir hei kënne gratis Büroen ze féieren. Dat fannen ech speziell.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, fir Är Begrënnung.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Sou ass et natierlech net.

Mir hunn net gelount mam Zil ...

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dat do ass och net virgesinn, Här Knaff.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Wéi dann? Dat kann et awer net sinn. Also ech muss awer kënnen d'Wuert als leschten hunn.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Maach de Mikro aus.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Ass mer och egal.

*(Gelaachs)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Nee, de Vott ass gemaach.

Mee d'Madamm Braz kann awer, wa se Prezisioune gär hätt, natierlech eng Fro un de Schäffe stellen, sou wéi et an der Prozedur virgesinn ass, oder respektiv an d'Servicer einfach nofroe goen oder am Sekretariat nokucken. Well do hu mer bestëmmt déi Contrat-de-baillen, déi eng Kéier hei am Gemengerot duerchgeholl goufen, wou ee kann aliesen.

### 6.4. Convention Vélo Union Esch ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer elo zum nächste Punkt. Dat ass d'Konventioun mat der Vëlounioun Esch.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Dat ass en Avenant zu der Konventioun, déi mer alljoers hei leien hu mat der Vëlosunioun, déi och am Kader vun der Flèche du Sud ofgehale gëtt. Déi ass vum 28. Mee bis den 1. Juni a wou mir dann och traditionell d'Schlussetapp hei zu Esch hunn.

Bon, et si just Klengegkeeten, déi adaptéiert goufen. Mir hunn, anstatt 25 Blummebouquete ginn et dëst Joer der 30. A mir hunn natierlech och den Asaz vun eise Leit opgestockt. Vu fënnef sinn et der zwee, vun enger Camionette op zwou Camionetten.

Do wéilt ech Iech dann och bieden, deem zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Froen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 6.5.1. Convention « aides à la pierre » Lot 3SE Nonnewisen ; décision

### 6.5.2. Convention « aides à la pierre » PAP Nonnewisen – infrastructures ; avenant ; décision

### 6.5.3. Convention « aides à la pierre » Lot 6N Nonnewisen ; avenant ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer zu der nächster Konventioun. Dat sinn der allen dräi, déi an engem Sënn d'Residenz 3SE an den Nonnewise betreffen. Dowéinst proposéieren ech, déi och zesummen duerchzehuelen.

Dirwësst, mer bauen zesumme mat der SNHBM eng Residenz mat 30 Sozialwunnengen an den Nonnewisen. Et handelt sech ëm Wunnengen, déi no Fäerdegstellung dann och an eise Parc locatif opgeholl ginn.

Déi éischt Konventioun, do geet et ëm d'Aide à la pierre, déi mer vum Ministère zeréckkréien. An dësem Fall kréie mer 10,95 Milliounen Euro erëm vun engem Devis iwwer 15,24 Milliounen Euro. Dat si quasi 75 %.

Wou ech awer heibäi betoune wëll, dass dat virun allem dorunner läit – net dass herno da gesot gëtt, a, gesitt Der, et kritt ee jo ëmmer 75 % – dass dat virun allem dorunner läit, dass mir an dësem Fall scho Proprietär vum Terrain sinn an dee mat eraginn an do dann net Hëllefen dofir mussen zeréckkréien. Sou komme mer dann op déi Prozenter.

Déi zweet Konventioun, dat ass en Avenant zu der Konventioun vum 6. September 2024, Aide à la pierre, wou d'Infrastrukture gereegelt ginn. Do kënnt Der Iech erënneren, do hate mer hei eng Konventioun, wou et drëms gaangen ass, fir d'Konventioune vum ganze Quartier Nonnewisen ze reegelen a fir do d'Hëllef, déi mer vum Staat zeréckbezuelt kréien, ze definéieren.

An deemools war ofgemaach ginn, dass dat elo e Stand da wier an dass fir zukünfteg all weider Strooss oder all Projet, deen dobäi kënnt, dann eenzel ëmmer erëm den Avenant géing gestëmmt ginn. Hei ass elo en Avenant, wou mer dann 1,16 Milliounen Euro Participatioun fir d'Infrastrukture kréien.

An dann déi drëtt Konventioun, déi ass och en Avenant zu enger Konventioun vum 6. September 2024. Deemools goung et ëm de Lot 6N.

Et ass esou, dass de Lot 3SE keng ënnerierdesch Parkingen huet, mee dass Locatairen hei d'Méiglechkeet hunn, eng Parkplaz am 6N unzelounen. Dofir gëtt dann hei zousätzlech eng Participatioun vum Staat fir déi Parkplazen, déi am 6N sinn. An do kréie mer nach eng Kéier 259.000 €. Viraussiichtlech gëtt de Lot 3SE Enn 2024 fäerdeggestallt.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 6.6. Convention relative à la Konschthal ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da kënnt d'Konventioun relativ zu der Konschthal. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

An där Konventioun, do geet et drëm, datt mer Sue kréie vum Ministère fir d'Renovatioun vun der Konschthal, bis zu engem Maximum vun 2.705.350,00 €. D'Konventioun hu mer ënnerschriwwe mam Ministère de la Culture. Et ass eng normal Konventioun, déi eeben, wéi gesot, d'Participatioun vum Staat zu deem Kulturprojet bäidréit. Et si Suen, déi mer kréien. Ech géif Iech bieden, deem zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Froen heizou oder Wuertmeldungen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 6.7. Convention de collaboration Night Life Bus ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Konventioun fir den Night Life Bus. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Den Night Life Bus ass e Succès. Dat gesi mer un der Croissance vun de Passagéierzuelen. Wou mer musse soen, dass am leschte Joer, wa mer virun engem Joer ongeféier e Schnëtt hate vun 2.000 Passagéier pro Mount, mer elo éischter eigentlech scho bei 2.500 Passagéier pro Mount leien. Dat heescht, déi Offer, déi gëtt ugeholl.

D'Gemeng Schëffleng ass un eis erugetrueden, fir sech quasi un eiser Offer unzedocken. A mir hunn dat eigentlech eng gutt Iddi fonnt. Mat där heiter Convention de collaboration géinge mer beim Night Life Bus an der Praxis véier nei Arrête bäisetzen. Zu Schëffleng Denis Netgen, an der Niddeschgaass, virum Stadhaus an an der Cité Emile Mayrisch. An an der Suite dovunner géinge mer och eng Laaschteverdeelung vun de Käschte maachen, wou 75 % vun de Käschte vun der Stad Esch géinge en charge geholl ginn a 25 % vun der Gemeng Schëffleng.

Ech bieden ëm Är Ënnerstëtzung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**

## 7.1. Transactions immobilières Acte de base Résidence Mont Blanc (6N); décision

## 7.2. Transactions immobilières ; Règlement de copropriété Résidence Mont Blanc (6N); décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer zu den Transactions immobilières. Déi betreffen an dësem Fall d'Residence vum Mont Blanc, dat, wat mer virdrun ëmmer de 6N genannt hunn.

Bon, ech presentéieren Iech eigentlech als éischt déi zwee éischt Dokumenter an duerno déi aner Konventiounen an duerno déi aner Transaktiounen zesummen.

De 7.1. an de 7.2., dat sinn Dokumenter, déi mer produzéieren als Documents de base. Dat ass op der enger Säit en Akt, deen herno applizéiert gëtt fir alleguer déi aner Acte-de-venten, déi herno ënnerschriwwe ginn.

An dann e Reglement fir d'Koproprietéit, deen hei definéiert gëtt, wou dann och alleguerten déi zukünfteg Proprietären duerno mussen ënnerschreiwen.

Et versteet sech, dass dee Règlement de copropriété de selwechten ass. Bei dem Akt, et kéint ee verschidden Akte maachen. Mee doduerch, dass mer hei den Acte de base als Grondlag huelen, hu mer dann eng gewëss Uniformitéit awer an eisen Dokumenter.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ Enesa Agovic
- ☑ Marc Baum
- ☑ Pascal Bermes
- ☑ Tammy Anna Broers
- ☑ Bruno Cavaleiro
- ☑ Steve Faltz
- ☑ Pierre-Marc Knaff
- ☑ Sacha Pulli
- ☑ Mandy Ragni
- ☑ Dejvid Ramdedovic
- ☑ Bernard Schmit
- ☑ Daliah Scholl
- ☑ Meris Sehovic
- ☑ Christian Weis
- ☑ Joy Weyrich

**7.3.1. Transactions immobilières ; Acte de vente entre la Ville et Madame A.L. ; décision**

**7.3.2. Transactions immobilières ; contrat de location emplacement intérieur Résidence Mont Blanc (6N) - Mme A.L. ; décision**

**7.4. Transactions immobilières ; Acte de vente entre la Ville et Madame H.; décision**

**7.5. Transactions immobilières ; Acte de vente entre la Ville et Monsieur et Madame K-M; décision**

**7.6. Transactions immobilières ; Acte de vente entre la Ville et Monsieur et Madame M.S.; décision**

**7.7. Transactions immobilières; Acte de vente entre la Ville et Monsieur et Madame M-M; décision**

**7.8. Transactions immobilières ; Acte de vente entre la Ville et Monsieur N.; décision**

**7.9. Transactions immobilières ; Acte de vente entre la Ville et Madame C.; décision**

**7.10. Transactions immobilières ; Acte de vente entre la Ville et Monsieur L.; décision**

**7.11. Transactions immobilières; Acte de vente entre la Ville et Monsieur et Madame T.R.-F.; décision**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann hu mer Transactions-immobilièren.

Mir hunn elo dofir missen de viregte Vott hunn, fir dass eebe kënnen d'Akten, sou wéi se eis virleien, stëmmen.

Dir hutt an Ärem Dossier néng Akte gehat, déi alleguerte Logementer da kafen an dem Mont Blanc. Dat sinn Appartementer, déi tëscht 66 oder 101 m2 hunn, déi fir e Präis verkaf ginn tëscht 396.000 a 515.000 €.

Zwou Famillje kafen och eng Parkplaz mat. Et ass een Acquereur, dat ass dann och en Akt, dee mer stëmmen, dee lount eng Parkplaz bei eis un.

Et ass esou, dass d'Akten, déi mer haut stëmmen, alleguerte schonn unanime hei an de Gemengeréit vum 22. November oder 20. Dezember gestëmmt goufen. Dat waren ëmmer d'Compromisen, wou mer hei gestëmmt hunn.

Gëtt et Froen oder Wuertmeldungen zu dësen Akten? Au vote.

- ☑ Enesa Agovic
- ☑ Marc Baum
- ☑ Pascal Bermes
- ☑ Liz Braz
- ☑ Tammy Anna Broers
- ☑ Bruno Cavaleiro
- ☑ Steve Faltz
- ☑ Pierre-Marc Knaff
- ☑ Sacha Pulli
- ☑ Mandy Ragni
- ☑ Dejvid Ramdedovic
- ☑ Bernard Schmit
- ☑ Daliah Scholl
- ☑ Meris Sehovic
- ☑ Christian Weis
- ☑ Joy Weyrich
- ☑ André Zwally

**8. Questions de personnel**

**8.A.1. Création d'un poste de Chief resilience Officer, dans le statut de l'employé communal dans le groupe d'indemnité A1, sous-groupe scientifique et technique, auprès du service Resilience**

**8.A.2. Création d'un poste de gestionnaire financier dans le statut du fonctionnaire dans le groupe de traitement A2, sous-groupe administratif, auprès du service Logement**

**8.A.3. Création d'un poste de gestionnaire administratif dans le statut du salarié à tâche intellectuelle assimilé au groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif, auprès du service écologique**

**8.A.4. Création d'un poste de chauffeur au sein du service Hygiène dans le statut du salarié**

**8.A.5. Création d'un poste de chauffeur au sein du service Enseignement dans le statut du salarié**

**8.B. Décision de classement de Monsieur J.-P. H., enseignant dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire**

**8.C.1. Réduction du stage de Monsieur Q.M., fonctionnaire dans le groupe de traitement C1, sous-groupe administratif**

**8.C.2. Réduction du service provisoire de Madame C.O., employée communale dans le groupe d'indemnité C1 engagée auprès du service Logement**

**8.C.3. Réduction du service provisoire de Monsieur D.S.A., employé communal dans le groupe d'indemnité A2 engagé auprès du Département des Affaires économiques**

**8.D.1. Prolongation de stage Monsieur C.M., fonctionnaire B1 technique, Circulation**

**8.D.2. Prolongation de stage Monsieur Q. M., fonctionnaire C1 administratif, Hygiène**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An da komme bei d'Personal. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech proposéieren, dass mer et maachen, wéi mer dat allkéiers maachen. D'Creation- a Suppression-de-posten.

Do ass Kreatioun vun engem Poste vum Chef de résilience, deen dann direkt dem Buergermeeschter ënnerstallt gëtt, am Statutt vum Employé communal.

An der Coordination sociale am Service Logement maache mer eng Kreatioun vun engem Gestionnaire financier, am Statutt vum Fonctionnaire.

Dann hu mer am Service écologique, wou mer eng Creation de poste maachen am Statutt vum Salarié à tâche intellectuelle als Gestionnaire administratif.

Dann hu mer bei den Travaux municipaux am Service Hygiène, wou mer eng Creation de poste maache vun engem Chauffeur. An da gläichzäiteg, wann deen an d'Pensioun geet, och eng Suppressioun da maachen.

Am Service Enseignement ass et identesch. Do ass et e Chauffeur de bus, deen herno an d'Pensioun wäert goen. An dofir wäerte mer dann elo och eng Kreatioun maachen an herno dann eng Suppressioun.

Dann hu mer eng Decision de classement ze maachen. Dat ass am Conservatoire. Deen erfëllt dann och alleguerten déi Konditiounen, déi domadder verbonne sinn.

Reduction-de-stagen, et sinn der am Ganzen dräi Stéck. Jeeweils zwee Stéck, déi zwielef Méint eng Reduktioun kréien, an ee mat fënnef Méint. Déi erfëllen och alleguerten déi Konditiounen.

Sou dass mer dann nach zum Schluss Prolongation-de-stagen ze stëmmen hunn. Dat sinn zwee Leit, déi eigentlech net konnten an d'Admission défitinive vum Exame goen, well déi nach net vum Inneministre organiséiert goufen.

Ech géif Iech da bieden, deem zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Zwally.

Zwou kleng Saachen, wou ech just nofroe wëll. Deen een ass beim Resilienz-Officer. Mir fannen dat eng wonnerbar Initiativ, dass mer op dee Wee ginn, dass mer relativ séier op dee Wee ginn.

Ech mengen, kuerz virun de Wale krute mer de Resilienzplang virgestallt. Deemools hu mer et belächelt als Walkampfobjet, dee soll benotzt ginn. Ech sinn awer frou, dass et elo a boer Mënz ëmgesat gëtt.

D'Fro, déi sech awer eis gestallt huet, ass, wéi reit déi Persoun sech herno an. En hänkt direkt ënnert dem Buergermeeschter. Dat gëtt där Persoun den néidege Stellewäert an eisem Organigramm, oder an engem Pseudo-Organigramm, wéi een dat och wëll soen.

De Punkt fir eis ass eebe wichteg ze wëssen, soen ech elo mol: Wéi steet e par rapport zu deenen anere Servicer? Well dat ass jo warscheinlech eng Persoun, déi herno serviceiwwergräifend muss Decisioune matdroen. Wéi soll dat herno ausgesinn? Wéi grouss soll de Service herno ginn?

Ech mengen, wa mer vu Resilienz schwätzen, a mir hu schonn driwwer geschwat, do ass et net nëmmen da Stroum, Waasser, Informatik, mee do geet ëm alles. An dat heescht, do muss mat ville Servicer ronderëm geschafft ginn.

An deem Resilienzplang stoung dran, dass e Comité de résilience wäert aberuff ginn oder dee constituéiert gëtt oder dee

scho constituéiert ass. Gëtt dann dee Resilienzofficer den Haaptmann vun deem Kommitee? Wéi fanne se sech do erëm? Iwwergräifend vun de Servicer geschwat.

Mee da kommen ech op en anere Punkt vun dëser Woch, deen awer, mengen ech, och e puer Schlagzeilen an de Medie gemaach huet. Dat ass dee vum neie Gehälteraccord, deen ënnerschriwwe ginn ass. An ech mengen, dass et wichteg ass, iwwer d'Personalkäschten ze schwätzen au delà vun der Budgetsdiskussioun, wou all Mënsch se opgräift.

An eng Saach ass kloer: Et ass gutt, dass dee Gehälteraccord do fonnt ginn ass, mee wat huet dat fir en Impakt op eise Budget? Wat kascht dat d'Stad Esch? Mir wëssen, dass alleguerten d'Kollektivverträg, déi mer hunn, och un dee Punktwäert gelinkt sinn. Wat bréngt dat mat sech?

Ech hat an der Budgetsdiskussioun gefrot, sinn an deenen 142 Milliounen, déi ugi sinn, Indextranchë mat dran. Ech weess, Här Zwally, Dir hat mer gesot, dass ech eng schrëftlech Fro sollt eragin, fir ganz Explikatiounen ze kréien.

Ech wollt awer just emol sécherstellen, ob dee Gehälteraccord sou an där Form an zu deem Datum och virgesi war. Well wann ech elo einfach pauschal géing 2 % an engem éischte Joer dobäirechnen, da wäre mer bei 3 Milliounen, déi dat supplementaire sinn. Wann ech dann eng Indextranche dobäirechnen, wäre mer bei 7 Milliounen.

An et geet do u sech ëm zwee Haaptpunkten. Et geet drëms, dass mer op der enger Säit d'Investissementsfäegkeet vun der Stad Esch domadder nach eng Kéier hannerfroe mussen; wat fir Projete mer kënne maachen am ordinären Deel.

An den anere Punkt ass, dass et ëmsou méi wichteg gëtt, dass mer d'Organisatioun vun der Stad Esch, vun dem Personalwiese vun der Stad Esch, domadder ëmmer méi an den Detail sollte plangen, virausgesinn.

An dofir, wéi gesot, ech loosse mech ganz gär hei vun Iech déi Explikatioune ginn. A wann net, kënne mer och, wann Der déi Zuelen haut net hutt, an engem nächste Gemengerot doriwwer informéiert ginn. Et wär wichteg, dass mer dat hei als Gemengerot alles hätten. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck. Dann huet den Här Baum d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Also ech mengen, datt déi Posten alleguer, wéi se beschriwwe sinn, fannen definitiv eis Zoustëmmung.

Ech hu mer änlech Froe gestallt wéi den Här Funck, wat de Resilience Officer ugeet. Well dat muss jo eppes Transversales sinn, wann et funktionéiert. An da muss ee jo och kucken, wéi d'Verbindunge mat deenen anere Servicer ass.

Wat de Gehälteraccord ugeet, sou mengen ech, datt ee ganz allgemeng mol muss begréissen, datt en zustane komm ass an datt déi 2 % dëst Joer eppes ass, wat wichteg ass.

Et ass wichteg fir d'ganz Ekonomie, well mer wëssen, datt och vun der Fonction publique ëmmer eng Signalwierkung ausgeet, fir op aner Beräicher, op de Privatsecteur, op d'Verhandlungscapacitéite vun de Gewerkschaften am Privatsecteur. An dofir ënnerstëtze mir och absolutt dee Gehälteraccord.

Wat de Budget ugeet, bon, do wees evidenterweis de Schäfferot méi wéi ech. Mee d'Erfarungswäerter, et war ëmmer sou, datt d'Personalkäschten am Budget mat relativ pessimistesche Prognose gerechent ginn, wat d'Indexéierung ugeet.

Dat heescht, et ginn an der Reegel méi Indexe matgerechent, wéi der herno an der Wierklechkeet erfalen. Sou datt, wann een de Réalisé herno mat de Personalkäschte vergläicht, stellt ee fest, datt am Réalisé net grad sou vill Personalkäschten ufalen, wéi budgetiséiert gi sinn.

A mäi klengen Dëmmche seet mer, datt den Här Fleming do dat och scho matgeduecht huet.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Okee. Soss keng Wuertmeldungen? Dann huet den Här Zwally d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, merci fir déi eenzel Froen.

Ech mengen, wa mer de Plang vun der Resilienz huelen, deen eng Kéier presentéiert gouf, ass fir eis ganz kloer, datt mer eng gewëss Importenz brauchen. Och eng gewëss Qualifikatioun, déi och nach ganz nei ass, mee déi eis awer alleguerte wierklech vill wäert bréngen. An dee wäert natierlech ënnert dem Buergermeeschter stoen.

Deem seng Aufgab ass jo herno dann, d'Koordinatioun doranner ze maachen. An ech mengen, au fur et à mesure, sou wéi en d'Erfarunge kritt, sou wéi dann och Servicer do sinn, déi dat akzeptéieren, dass et ee gëtt, deen och mat an d'Qualifikatioun muss afléissen a seng Meenung kënne soen, op wat dass ee soll oppassen.

Sou dass mir eigentlech indirekt ënner Schäfferot gesinn. An och vun deem seng Instruktioune kritt. An am Fall, wou awer da géif e bësse Widderstand, dofir sidd Dir jo awer dann do, fir mat anzewierken.

Also ech mengen, mir sinn eis bewosst, wat fir eng Importenz dass eigentlech deen A1, deen herno dann do ass, kritt.

An et wäert net dobäi stoe bleiwen. Wann s de herno wierklech eppes wëlls opweises hunn, da bleiwe mer net bei engem Fra oder Mann stoen, mee da wäert schonn eppes Aneres zousätzlech dobäikommen.

Wat elo déi Adaptatiounen ubelaangt. Jo, et ass richteg, dass mer ëmmer virsiichteg si mat deem, wat mer ëmmer an de Budget setzen. Well mer och net ëmmer wëssen, wat d'Kollektivverträg, wéi se ofgeschloss ginn. Wéini dass se ofgeschloss ginn.

Ech mengen, mir haten hei scho Perioden, wou mer dräi Joer duerno dann domadder konfrontéiert goufen – réckwierkend. An et gëtt ëmmer e bësse Sputt gelooss, fir ze soen, okee, dat doten, dat fänke mer op an dat versiche mer dann och sou opzefänken. Och wann et heiansdo als Index méi einfach ass.

Mee wat och net ëmmer wouer ass. Och wann oft gesot gëtt, hei, den 1. Januar, a se ass eréischt am Juli. Dat si Suen, déi mer gespuert hunn. Musse mer och kënne sou betruechten. Mir hu genuch Suen, fir dat doten opzefänken, wa mer eis da mussen dorun associéieren. An dat wäert absolutt kee Problem sinn.

An dann nach zu de Creation-de-poste soen ech, et ass jo och bei der Personalpolitik esou, dass mer heiansdo och Poste kreéieren, déi mer schonn agerechent hunn, mee awer nach keen drop sëtzen hunn. A wann s de keen drop sëtzen hues, brauch s de en net ze bezuelen.

Dat mécht eis dann och eigentlech e klenge Sputt, wou mer da kënnen anerwäerts domadder den Ekiliber fannen. An deem Sënn, Här Funck, hoffen ech, an och Är Band, dass Der domadder zefridde sidd.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech ergänzen nach, Här Funck, par rapport zu deem Kommitee, deen definéiert gouf an der Resilienzstrategie. Also dee gëtt iwwerschafft an där Form, wéi et elo an der Strategie definéiert gouf.

Dat ass eigentlech net de Wee, wou mer eis anescht geduecht hunn, fir do weiderzegoen. Well dat sech awer scho ganz op technesch Servicer bezunn huet, wat awer net deem gerecht gëtt, wat de komplette Kontext vun der Resilienz eigentlech misst hierginn. Dofir gëtt dat frësch definéiert.

Okee, dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 9. Logements non occupés sur le territoire de la Ville d'Esch-sur-Alzette (point mis à l'ordre du jour par la sensibilité politique Déi Lénk)

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt, deen den Här Baum op den Ordre du jour setze gelooss huet.

Här Baum, Dir hutt d'Wuert fir Är Ausféierungen. Duerno reagéiert de Schäfferot, dann de Gemengerot, ofschléissend Dir nach eng Kéier.

Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och de Kolleege vum Gemengerot, fir datt mer dee Punkt hei um Ordre du jour hunn a kënnen diskutéieren.

Ech schécken direkt virewech a warnen de Schäfferot, datt ech eppes ganz ganz Geckeges maachen. Ech wäert nämlech Motioune presentéieren. Déi Motiounen, déi kënnen lech och elo schonn, mat enger onendlecher Gentillesse, vum Sekretariat verdeelt ginn. Ech wäert a mengen Ausféierungen drop agoen.

Et geet ëm e Sujet, iwwer dee mer dacks hei diskutéieren. Deen e Sujet ass, deen d'Escher Gemeng direkt concéiert, a wou d'Escher Gemeng och ee vun den Haaptacteuren ass. Oder ee vun den Acteuren ass. Dat ass nämlech de Logement zu Lëtzebuerg. An an deem Fall hei de Logement zu Esch.

A mir wëssen alleguer zënter Joerzéngte quasi, datt mer an enger Logementskris sinn, déi sech an de leschten zwee Joer nach eng

Kéier e bësse verschoben huet doduercher, datt effektiv d'Präisser, fir Wunnengen ze kafen, kuerzfristeg erofgaange sinn. Souguer deelweis staark erofgaange sinn. Awer gläichzäiteg duerch héich Zënsen et quasi zu engem Stëllstand op deem Marché komm ass.

Gläichzäiteg dozou sinn d'Loyeren awer weider kontinuéierlech geklommen. Dat ass d'Situatioun, an där eist d'Land dran ass. Dat ass eng Situatioun, an där och Esch dran ass. An d'Fro stellt sech natierlech: Wat maachen?

An et ginn zwou grouss Äntwerten, wat ee maache kann, fir géint d'Logementskris virzegoen. Dat eent ass, neie Wunnraum schafen. Dat heescht, knapp gesot, et muss ee bauen. An déi aner Mesure ass, bestoende Wunnraum, deen et gëtt an deen awer net benotzt gëtt, fir deen ze mobiliséieren, fir en ze viabiliséieren, fir en de Leit zougänglech ze maachen.

Dat si grosso modo déi zwou grouss Pisten, déi een huet. An d'Stad Esch huet an der Vergaangenheet, an och an der rezenter Vergaangenheet ëmmer nees erëm op deene Beräicher Verantwortung iwwerholl.

Mir si Bauhär vun engem neie Quartier Nonnewisen. Mir hunn en eegene Stock, en eegene Parc immobilier, dee relativ considerabel ass. 25 % vun alle kommunale Sozialwunnengen hei am Land sinn um Escher Territoire. An et geet och virun, an et ass och richteg, datt et virugeet. Datt dee Stock och weider an d'Luucht geet, well d'Demande ass einfach riseg.

Ech wëll awer mech elo op den Deel Leerstand konzentréieren, well dat eng Fro ass, déi een och op dräi Niveauen deklinéiere kann. De Leerstand um Gemengenniveau – dat heescht, Gemengegebaier oder Gemengelogementer, déi selwer eidel stinn –, de Leerstand an eiser Gemeng vun aneren ëffentleche Gebaier, vu staatleche Gebaier, an de Leerstand um private Marché.

A besonnesch inspiréiert sinn ech ginn duerch d'Ausso vum Buergermeeschter, déi en am Dezember 2023 gemaach huet, wou e gesot huet an engem Interview mam 100,7, datt mer eis zu Esch nees erëm mussen drop konzentréieren, dat ze erhalen, wat mer hunn.

An et ass ëm de Logement gaangen. En huet d'Fro gestallt kritt, wat sinn elo d'Prioritéiten, geet et weider an den Ausbau vum Stock. An do huet e ganz zu Recht geäntwert, mir hu scho Konventiounen, mir hunn eis schonn engagéiert, fir an den nächste Joren, notamment op der Rouder Lëns, selwer kommunal Wunnengen ze schafen.

Dat, wat elo eng Prioritéit muss sinn, dat ass de Leerstand. Also dat, wat mir elo zu Lëtzebuerg, zu Esch hunn, fir deen an d'Rei ze setzen.

Dat sinn Aussoen, déi ech op jidde Fall nëmmen ënnerstëtze kann, well se, mengen ech, och richteg sinn.

Ech mengen, an der Budgetsdebatt huet de Buergermeeschter och scho gesot, datt innerhalb vun dem leschte Joer de Leerstand vu Wunnengen, déi am Besëtz vun der Escher Gemeng sinn, datt deen och schonn erofgaangen ass. Dat heescht, datt seng Ukënnegung, déi e gemaach huet, och schonn, zumindest deelweis, Friichte gedroen huet. Datt et awer nawell e weidere Leerstand zu Esch gëtt.

Fir d'Bild komplett ze maachen, mengen ech, muss een och soen, datt de sech wäert vergréisserende Stock vu kommunale Wunnengen, datt parallell dozou d'Gemeng d'Initiativ geholl huet, fir e Projet op d'Been ze stellen – REAL heescht deen, deen och an engem Comité de pilotage, wou all politesch Parteie vertruede sinn, fir dat ze begleeden.

E Projet, dee mer och schonn e puermol hei diskutéiert hunn.

Mam But, och herno zu engem performante Service Logement ze kommen. Net nëmmen zu engem Service Logement, mee datt d'Aktivitéit, déi gesamt Aktivitéit ronderëm de Logement nach méi performant kann assuréiert ginn. Wëssend, datt mer e grousse Stock doranner hunn.

Dofir wier eng éischt Motioun, déi Der virleien hutt, wier d'Propos oder d'Iddi, fir en Instrument ze schafen, wat eng Previsibilitéit an der Erschléissung vun deem am Moment net occupéierte Wunnraum ass, deen am Besëtz vun der Stad Esch ass.

Ech mengen, datt dat en Instrument ka sinn, wat déi Wichtegkeet an déi Prioritéit, déi mer deem géife bäimoossen, kann Ausdrock ginn. Eng Zort Inventar, wat et sécherlech och elo scho gëtt, mee wou een doraus e Planungsinstrument och mécht. Wou een ofliese kann, wéi d'Entwécklung och an Zukunft soll weidergoen.

A wou een doropshin natierlech och eng gewëss – wéi kann ee soen? Deen en Drockmëttel huet, datt déi Prioritéit, déi ee sech gëtt, och dann herno ëmgesat gëtt. Oder ëmmer erëm kann à jour halen, wou mer dann an deem gemeinsam formuléierte Wonsch vun der Erschléissung vu kommunalem Leerstand, fir do weiderzegoen.

Ech hu gesot, et gëtt de kommunale Leerstand, et gëtt awer och den ëffentleche Leerstand. Den ëffentleche Leerstand, dozou zielen och verschidden aner Acteuren, wéi de Fonds du Logement. An der zweeter Motioun hunn ech mech awer op de Staat, an dësem Fall Bâtiments public, konzentréiert.

Mir wëssen alleguer, datt déi fréier Gendarmerie an der Nordstrooss, also och iergendwou am Häerz awer vun der Stad Esch. Dat ass e ganz grousst Immeuble, wou am Moment sechs Wunnhaiser, sechs Habitatiounen eidel stinn. Se stinn awer net nëmmen elo eidel, mee se stinn zënter ganz ganz laanger Zäit schonn eidel. Joren.

Ech sinn de Moien nach laanscht gaangen, an de Stand, den Erhalt vun deem Gebai gëtt sécher net doduerch besser, datt zënter Jore Fënsteren deelweis do opstinn.

Dat heecht, do wier et d'Invitatioun un de Schäfferot, fir bei der Regierung oder bei soss ëffentlech-staatlechen Instanzen ze intervenéieren a si dozou ze motivéieren oder ze beweegen, fir e Projet dorauser ze entwéckelen, datt dee Leerstand am Zentrum vun Esch awer och engem Projet zougefouert gëtt a ka viabiliséiert, also och mobiliséiert ginn.

Déi drëtt Motioun zum Leerstand betrëfft de private Leerstand. Och doriwwer hu mer an der Vergaangenheet schonn e puermol diskutéiert.

D'Bewosstsinn, datt et eng Verflichtung gëtt, fir an enger Wunnengskris net einfach nëmme kënnen als Privatbesëtz mat senger Wunneng ze maachen, wat ee wëll, hat och scho virun iwwer zéng Joer eng iwwerwältegend Majoritéit hei am Gemengerot. 2012 ass eng Tax votéiert ginn op eidelstoende Wunnengen, déi en halleft Joer drop och vum Minister de tutelle, also dem Interieur, validéiert ginn ass.

An zënterdeem net méi opgehuewe ginn ass. Oder, wat heescht hei, net méi. Eng Tax ass agefouert ginn. Se ass validéiert ginn. Mee se ass ni opgehuewe ginn.

Doropshin huet den Interieur a senge Remarken zu de Comptes administratifs vun de Jore 2015, 2016, 2017, 2018, 2019, 2020, 2021

ëmmer erëm Remarke gemaach. De Schäfferot an de jeeweilege Kompositiounen huet och ëmmer erëm dorobber geäntwert.

Am leschte Rapport, dee mer, mengen ech, am November diskutéiert hunn hei am Gemengerot, huet den Interieur wierklech insistéiert, datt do eppes geschéie muss.

Et ass och geäntwert gi vum Buergermeeschter, oder vum Schäfferot op déi Remarke vum Interieur, jo, datt si sech éischter Stullgang um nationalen Niveau erwaart hätten, feststelle mussen, datt do awer net wierklech eppes virugeet a sech doduercher och gesot hunn, mir kucken, en eegene Projet dozou ze entwéckelen.

An et muss ee soen, datt effektiv d'Virlag, fir eng national Grondlag ze schafen, de Gesetzesprojet 8086, deen deposéiert ginn ass, wou och all d'Avisen zënter iwwer engem Joer do sinn, mee wou et effektiv net virugeet. Zënter iwwer engem Joer ass dee Projet net méi traitéiert ginn.

De Staatsrot huet och säin Avis dozou ofginn. Zwou éischter harmlos Opposition-formellë gemaach, déi, mengen ech, séier aus dem Wee ze raume wieren. Mee mer stelle fest, et geet einfach net virun.

A gläichzäiteg hu mer eng Tax, déi misst applizéiert ginn. An d'Gemeng ass am Handlungszwang, wann een dat sou soen däerf. Dat heescht, d'Gemeng muss eppes maache mat der Situatioun. Sou wéi de am Ament besteet, ka se net weidergoen.

An dofir bezitt déi drëtt Motioun sech doriwwer, deem Verspriechen och eng Timeline an e Planing ze ginn. Nämlech d'Opfuerderung un de Schäfferot, fir eng Refonte vun deem Règlement-taxe eis nach virun der Summervakanz ze proposéieren.

Dat hätt nämlech och de Virdeel, datt een dat nämlech an d'Äntwert un de Ministère scho kéint gi fir d'Konte vun 2023. Datt Der sot, mir hunn dru geschafft. Dat an dat ass geschitt. Mir hunn am Gemengerot eppes presentéiert. An ech mengen, datt dat och am Interêt vum Schäfferot wier, fir dem Interieur Satisfaktioun ze ginn.

Dir gesitt, et sinn dräi schonn, mengen ech, duerchaus pertinent Motiounen, déi ech hei presentéiert hunn. Ech mengen, datt se kann déi allgemeng Zoustëmmung fannen. Et si Mesuren, wou mer nach eng Kéier géife soen, et ass wichteg fir eis als Escher Gemengerot, datt mir och deen ee Volet am Kampf géint d'Logementskris, nämlech de Leerstand, aktiv ugoen.

Voilà, ech soen Iech an dëser éischter Etapp Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Baum. Ech reagéieren dann am Numm vum Schäfferot.

Wou ech de Bréif krut a gelies hunn, dass Der géingt eebe froen, déi Privatwunnengen, déi eidel stinn, déi vun der Gemeng, déi eidel stinn, an déi vum Staat, déi eidel stinn. Bon, et hätt een och kënne resuméieren, all Wunnengen, déi eidel stinn. Well mer wierklech do elo alleguer d'Acteuren dann awer iergendwéi viséiert hunn, déi concernéiert sinn.

Dir kënnt mer gleewen, dass mer am leschte Joer zu verschiddene Momenter eis dohinner gesat hunn an eis Gedanke gemaach hunn, wéi kënne mer déi Tax applizéieren. An dat awer an der Logik, wéi kënne mer iwwerhaapt de Filter maachen, fir ze ënnerscheeden oder déi Lëscht ze kréie mat deene Wunnengen, déi dann herno ze taxéiere wieren. Fir deen Etat des lieux ze froen, deen Der frot.

Et ass esou, wann een den Etat des lieux wéilt maache vun allen eidel stoende Wunnengen, Logementer an der Stad Esch, da misst een eigentlech esou virgoen, dass een als éischt emol e Plang huet. E Plang vun der ganzer Stad Esch, wou all eenzele Bien, all eenzelt Logment drop ass.

Da misst een ufänken, fir eigentlech ëmmer e Filter doriwwer ze leeën. Schicht fir Schicht ofzeschaffen, fir dann ze kucken, fält deen dote Bien, fält deen dote Logement ënner Logement non occupé, sou wéi mir et verstinn, fir dann do kënnen den Tri ze maachen.

Elo muss ech lech soen, dass den éischte Problem doranner besteet, dass mer zwar e Regëster hunn, de Régistre des immeubles hunn, wou mer kënnen drop opléschten, wat fir Immeublë mer zu Esch hunn, déi autoriséiert sinn.

Ech muss lech awer soen – deen hunn ech mer och zéie gelooss vun de Servicer –, dass et do awer schonn enorm Schwieregkeeten dra gëtt. Dass et do enorm Schwieregkeeten dra gëtt, dass do zum Beispill och Eenzelzëmmeren an Altersheemer a Centre-d'acueillen als Eenzelwunnengen opgeléscht sinn.

Dass do zum Beispill, wann d'Affektatioune gewiesselt hunn – ech ginn lech e Beispill, deen an der Jean-Pierre-Michels-Strooss. Do gëtt et déi Residenz Lumière. Do waren eng Kéier Wunnengen dran, entre-temps sinn Dokterpraxissen erakomm. Dokterpraxissen oder de CHEM huet Büroen dra kritt. Déi sinn alleguerten dann an där Lëscht mat opgefouert als onbewunnt Logementer.

Et sinn Espaces communs, déi mat opgezielt ginn. Et gi souguer deelweis Späicheren nach an deem Regëster opgezielt. Dat heescht, dat ass eigentlech d'Basis, op där ee misst schaffen, fir dann no an no déi Filteren drop ze leeën.

An dann ass et esou, dass déi Donnéeën – verschiddener hu mer, mee déi sinn awer ganz kloer, wa mer einfach Donnéeën aus eise Programmer zéien, sou wéi mer se wëllen zéien, da läit et op der Hand, dass falsch sinn oder net kënne richteg sinn. Oder op d'mannst Problemer op deenen Adressen da bestinn.

Ech ginn lech einfach e Beispill. Mir hunn hei zu Esch da verschidde Stroossen, do hu mer méi autoriséiert Menagë wéi mer autoriséiert Logementer hunn. Mir hunn awer och zum Beispill a verschiddene Fäll nach net de Cadastre vertical.

Dat huet sech zwar duerchaus verbessert a mir sinn eigentlech méi à la hauteur wéi zu deem Moment, wou d'Reglement gestëmmt ginn ass. D'Taxereglement.

Mir hunn nach net déi komplett Lëscht, sou dass et och kéint sinn, dass mer nach verschidde Logementer net erfaasst hunn. Verschidde Späicheren, déi ausgebaut goufen, net erfaasst goufen. A sou weider.

Dat heescht, do muss ee wierklech hei virgoen an et misst een do an en Exercice goen, wou ee wierklech déi Adressen, déi herno no dem Filtrage nach iwwereg bleiwen, eenzel, een nom anere misst ofschaffen.

Wou een och misst Informatioune bei d'Leit siche goen, déi deelweis privat Informatioune sinn, déi mir als Gemeng guer net kënnen hunn oder och net mussen hunn. An och d'Grondlag, fir déi Informatiounen nozefroen, eigentlech d'Taxereglement wier. Dat heescht, wou en immensen Opwand domadder verbonnen ass.

Dat ass verbonnen och mat der Definitioun vun der eidel stoender Wunneng, wou ee sech do muss eens sinn. Do huelen ech einfach eist Taxereglement vun 2012, wat da gestëmmt gouf: „Sont soumis les immeubles bâtis ou

les parties d'immeubles bâtis destinés au logement ou à l'hébergement de personnes et qui ne sont pas occupés ou utilisés effectivement.

L'état de non-occupation d'un immeuble résulte du fait qu'aucune personne n'y est inscrite sur les registres de la population ou qu'aucune personne n'y est recensée en qualité d'occupant d'une résidence secondaire pendant une période de 18 mois consécutifs."

Schonn eleng aus der Definitioun ergëtt sech zum Beispill déi Schwieregkeet, dass et hei zu Lëtzebuerg déi Form vun enger Umeldung vun enger zweeter Residenz net sou gëtt, wéi et se an anere Länner gëtt.

An dann och déi Fro ass: Wéi kann een dat do dann elo kontrolléiere goen? Wéi kéint een dat dote wierklech da feststellen? Mir ginn dovunner aus, dass et Wunnengen zu Esch ginn, wou eng zweet Residenz ass vu Persounen. Mee dovunner hu mer keng Trace an dat kréie mer net gemellt.

A sou kéint ee weider Elementer aus dem Taxereglement huelen, déi jo da maachen, dass déi Wunnengen net géingen an d'Defintioun vun enger eidel stoender Wunneng falen. Zum Beispill, wann e Proprietär seng Wunneng fir seng Kanner reservéiert wärend zwee Joer oder wann eng Ierfschaft opsteet oder wann e Proprietär an eng Seniorenariichtung geet. Och Informatiounen, déi mir net d'office musse gemellt kréien a wou mer misste siche goen.

Oder ech ginn Iech en anert Beispill, wat och am Taxereglement nach net berücksichtegt ass. Mir hunn zum Beispill aner Wunnformen haut an Esch. Mir hunn awer eng 190 Wunngemeinschaften an Esch. Dat däerf een och net vergiessen.

An do ass zum Beispill och nach d'Fro, schwätze mer do da vun enger WG als net bewunnt, wann d'Zëmmeren all occupéiert sinn oder net.

Dat sinn eng ganz Rëtsch Detailer, déi een eigentlech do misst nosiche goen, wou sech d'Schwieregkeete vun der Definitioun stellen. A wou sech d'Schwieregkeeten dovunner stellen, wéi mer kënnen deen Tri da maachen an déi Informatioune kréien.

Ech sinn eigentlech ëmmer Fervent gewiescht, dass mer sou eng Tax sollen hunn. Souwuel um lokalen Niveau, mee am léifsten op nationalem Niveau. Ech hunn dat och an der CSV ëmmer vertrueden. D'CSJ huet dat ëmmer revendiquéiert.

An eigentlech sinn ech e bësse rose mat deene Leit, déi deemools dat Reglement an de Gemengerot ginn hunn. Déi deemools engem Gemengerot erzielt hunn, hei hutt Der e Reglement, dat ass prett. Wann Der dat dote stëmmt, da kënnt Der eng Tax ophiewe loossen. Well dat war ganz einfach eng Ligen, déi deemools d'Majoritéit un de Gemengerot weiderginn huet.

Well dat war zu kengem Moment méiglech. An dat muss een dann einfach och unerkennen, dass dat eigentlech e Feeler war vun där Majoritéit. A mir elo an der Situatioun sinn, wou sech d'Fro stellt, wéi suedele mer dat Päerd.

Suedele mer et ganz nei, andeems mer d'Päerd changéieren an en anere Suedel drop setzen? Loosse mer d'Päerd all am Stall? Oder probéiere mer, et vun hannen ze suedelen, andeems mer probéieren, d'Reglement iergendwéi unzepassen?

Dowéinst, ech mengen, dass mer d'Taxereglement mussen iwwerschaffen, dass mer et sou an dëser Form net kënnen applizéieren. Dass mer eis och d'Fro musse stellen, ob mer dat Taxereglement eventuell

ofschafen an duerch en anert Reglement géingen ersetzen.

Et si schonn Iwwerleeunge gefouert ginn. Ech géing awer ongär elo hei duerch déi Motioun den Delai vum éischte Semester 2025 festhalen, well ech mengen, dass mer do net prett si mat der finaler Léisung a mat der richteger Léisung.

Och nach meng Hoffnung besteet, oder déi Nofro awer nach ze maachen ass vum nationalen Niveau, déi Tax, déi d'ailleurs zënter Joren an engem Koalitiounsaccord steet, an awer och déi national Regierung ni agefouert kritt huet op hirer Base. Dass mer dat awer och nach géingen nofroen.

Dat heescht, ech kéint mer virstellen, oder géing gär déi Motioun matstëmmen, sous condition, dass mer allerdéngs dee Passus „au cours du premier semestre 2025" géingen eraushuelen.

Well ech gär awer géing déi Etappe richteg ofschléissen, an d'Kommissioune goen, mat deem Grupp, wou mer souwisou am REAL zesummeschaffen oder an der Commission des présidents géingen dat doten diskutéieren, éier mer et hei an de Gemengerot huelen. Doweinst proposéieren ech eeben do, d'Motioun ze stëmmen, awer déi puer Wierder do erauszehuelen.

Da kommen ech bei de Staat. Do kéint ee jo elo mengen, do klicke mir am Computer op iergend e Programm an da gesi mir, wat de Staat eidel stoen huet. Dat ass net de Fall.

Mir kënne par rapport zum Staat e Plang zéien, wat fir Terainen dem Staat gehéieren. An da misste mer och fir do dann déi eenzel Terrainen nosiche goen, wat dann dorop gebaut ass.

An dann ass et eng Fro vun der Definitioun, erëm eng Kéier vum Staat. Well Dir hutt selwer gesot, de Staat ass de Staat. Heescht dat elo just d'Administratiounen. Heescht dat och d'SNHBM? Heescht dat och de Fonds du Logement? Heescht dat Societéiten, Organisatiounen, an deenen de Staat bedeelegt ass? Ech géing un d'CFL denken zum Beispill, déi Terrainen huet hei an der Escher Gemeng.

Och do misst een dann eigentlech higoen an dat dann och Schrëtt fir Schrëtt klären.

Ech proposéieren dofir, dass mer déi Motioun, déi Der frot oder virstellt par rapport zu de Wunnengen an der Rue du Nord, déi mer all kennen – well dat sinn déi visibelst, déi do stinn –, dass mer där zoustëmmen.

Allerdéngs géing ech da gär nach e Passus bäisetzen –wat elo witzeg ass, dass elo ech dat fuerderen, oder dass mir als Schäfferot dat bäisetzen.

Mee dass mer do wierklech nach géinge bäischreiwen, dass mer zousätzlech dozou de Staat awer och nach froen, eis eng Lëscht ze gi vun deene Bienen, déi zu Esch eidel stinn, net occupéiert sinn an déi hinne gehéieren. An dat am breetste Feld, wann nëmme méiglech.

An dann ass et awer relativ einfach, fir den Etat de lieu ze zéie vun de Gemengewunnengen, déi eidel stinn. Dat ass relativ einfach.

Ech wëll ënnerscheeden tëscht dem Parc locatif an de Logementer fir d'Vente. Wat de Parc locatif betrëfft, sou si mer haut op den Dag Proprietär vun 38 eidel stoende Sozialwunnengen.

Vun deenen 38, déi eidel stinn, sinn der entre-temps fënnef renovéiert, sou dass déi an den nächsten Deeg, Wochen u Locatairë ginn. Dat heescht, da si mer nach bei 33 Wunnengen. Vun deenen 33 Wunnenge sinn der 16 am Moment a Refektiounsaarbechten.

Dat heescht, net sou grouss Chantieren. A bei véier weideren, do hu mer méi grouss Chantieren, déi grad lafen.

Dat heescht, mer sinn eigentlech bei 13 Wunnengen, déi nach opstinn, wou kee Projet drop ass. Aus Grënn, déi entweeder budgetär sinn, well mer net ze vill wollten asetzen.

Obwuel déi richteg Äntwert eigentlech ass, well mer och wollte kucken, dass eis Servicer dat no an no ofgeschafft kréien an et kee Wäert huet, Saachen an de Budget ze schreiwen, wa mer wëssen, dass sou vill Dossieren do leien a sou vill ze schaffen ass, dass et net an dësem Joer 2025 ofgeschafft kritt.

Dat heescht, fir déi 13 Wunnenge muss een dann op 2026 oder drop verweisen, bis do eng Renovatioun méiglech ass.

Ech wëll soen, wou mer am Dezember 2023 d'Budgetspresentatioun haten, do war déi Lëscht net bei 33, mee bei 58 Wunnengen zu deem Moment. Dat ass opgeschafft ginn.

Ech wëll awer och soen, dass mer verschidde Wunnengen, 19 goufen der renovéiert oder ganz renovéiert. An dass och nach verschidde Wunnenge vun der Lëscht erofgeholl goufen, wat domadder ze dinn huet, dass eigentlech déi Lëscht zu engem Moment och falsch opgeblät ginn ass.

Dir kennt alleguer d'Lokal an der Bieleser Strooss, wou d'Post dra war. Dat klengt Postgebai. Ma wou dat eidel ginn ass, huet deemools de Bauteschäffen, Logementschäffen decidéiert, dorauser e Logementsprojet ze maachen.

Elo ware mer sur place kucken. An dat ass e Lokal ouni eng Dusch, ouni e Buedzëmmer. Et ass e Lokal ouni eng Kichen, ouni Amenagementer, ouni eng Fënster, déi Liicht géing eraginn. Bon, et ass Tresor dran. Dat ass vläicht e Plus.

Mee mir hunn awer gesot, okee, dat doten ass e Projet, wou en immensen Opwand wier an och e finanziellen Opwand wier, fir doraus e Logement ze maachen. Par conter kann een dat awer als dat erëm benotzen, wat et war.

Mir maachen eng Bürosfläch draus, wou ee kéint enger Startup oder enger Societéit, déi Bürosfläch brauch, zur Verfügung stellen. An dann hu mer zwar kee Logement, mer hunn et awer sënnvoll genotzt.

Et goufen aner Haiser an der Rue de l'Eglise nieft der Schoul, wou fréier de Schouster dra war. Dat ass zum Beispill an d'Lëscht opgeholl ginn als e Bien, wou soll erëm Logement dran entstoen. Wann Der eragitt, gesitt Der, dass et einfach muss ofgerappt ginn.

A mer hunn eigentlech fir eis iwwerluecht, dass mer dat erëm zu dem initiale Projet zeréckginn. Dat heescht, wa mer et souwisou mussen ofrappen, an da benotze mer et herno, dass et der Groussgaass-Schoul soll zeguttkommen. Dat heescht, dann entsteet do kee Logement, mee awer eng aner Plus-value fir deen dote Quartier, an notamment fir déi dote Schoul.

Par rapport zu der éischter Motioun: Déi Lëscht gëtt et. Elo géing een an der Chamber soen – do hutt Dir méi Erfarung wéi ech –, dass et superfetatoire wier. An ech proposéieren Iech einfach, dass mer Iech déi Lëscht presentéieren. Dass mer Iech déi ginn. Dass mer an eng Logementskommissioun kommen oder dass mer an eng Commission des présidents kommen. Mee ech mengen, d'Logementskommissioun bitt sech un an do déi dote Lëscht zesummen duerchginn.

Doweinst ass dann d'Demande, ob Der nach dat hei wëllt ofstëmmen. Wann net, da

stëmme mer dogéint, well et superfetatoire ass. Proposéieren ech dofir, dogéint ze stëmmen, well et superfetatoire ass.

An da gi mer bei d'Wunnengen an den Nonnewisen. Dat heescht, dat sinn déi eenzeg Wunnengen, déi mer hunn, wou mer drop waarden ... nee, wou mer wëlle verkafen, wou mer am Verkaf sinn. Mee wou de Verkaf net leeft, wéi e soll.

Do hate mer dës Woch nach eng Versammlung mam Logementsministère, wou verschidde Froen ze kläre waren. Wéi eng Subside géinge mer kréien a wéi engem Cas de figure, wa mer géingen eng aner Opdeelung maachen, wou och Locatioun mat abegraff ass.

An do wäerte elo eng Versammlung aberuffen. Ech wollt dat nach virun der Ouschtervakanz maachen, wou mer dann iwwer de 6N an de 7N géinge kucken, wéi mer dat kéinten anescht opdeelen.

Bon, dat ass elo meng Äntwert par rapport zu Äre Motiounen a par rapport zu deem, wat Der ausgeféiert hutt.

Gëtt et aner Wuertmeldungen hei am Gemengerot? Den Här Pulli huet d'Wuert.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och, Här Baum, fir d'Initiativ, dëse Punkt op den Ordre du jour gesat ze hunn.

Ech wéilt vläicht ufänken, et ass scho vill gesot ginn, dass et wichteg ass, mengen ech, dass mer e bësse sou weiderfueren, wéi mer dat an de leschte Méint gemaach hunn. Dass mer de Logement sou e bëssen als iwwerparteileche Sujet awer gesinn, wou mer eis gréisstendeels eens sinn.

Ech wéilt awer och e puer Zuelen nennen, well ech mengen, et ass och ëmmer wichteg, e puer Zuelen ze hunn, wéi d'Situatioun aktuell um Logementsmarché zu Esch ass.

Tëscht 2019 an 2022, also virun allem, wat de Locatif ugeet, sinn d'Loyerspräisser zu Esch ëm 39,8 %geklommen. Fir d'Joer 2023 weisen d'Zuelen vum Ministère de Logement, dass mer zu Esch am Locatif bei engem Meterkareespräis vun 32 € sinn.

Do si mer an enger Präisklass mat Gemenge wéi d'Stad Lëtzebuerg vu 37 €, Sandweiler 33 € , Stroossen 31 € oder och nach Leideleng mat 35 €. Also Gemengen aus dem sougenannte Speckgürtel vun der Stad Lëtzebuerg, wou vill Leit wunnen, mat natierlech engem vill méi héijen Akommes wéi dat zu Esch de Fall ass.

Fir d'Stad Esch – wéi den Observatoire social et och an sengem leschte Rapport geschriwwen huet – sinn dat awer excessif héich Loyerspräisser. Firwat? Ma mir wëssen et; d'Populatioun zu Esch verdéngt an der Moyenne vill manner, wéi dat am Rescht vum Land de Fall ass.

An dofir ass eeben och déi grouss Gefor zu Esch, dass mer an enger Situatioun sinn, wou eng Gefor vun der Gentrifizéierung ass, déi all d'Quatriere betrëfft. An dofir weist de Rapport och nach eng Kéier hin op d'Wichtegkeet vum soziale Wunnengsbau, fir iwwerhaapt enger Partie vun den Escher an Escherinnen d'Méiglechkeet ze ginn, dass se kënnen zu Esch wunne bleiwen.

Dat erklärt dann och, an den Här Baum an den Här Buergermeeschter hunn et ugeschwat, fir et sou wichteg ass, déi eidel stoend Wunnenge sou schnell wéi méiglech ze renovéieren. Fir där Urgence, an där mir eis befannen, och gerecht ze ginn. An dass mir wierklech probéieren, all Hiewel ëmzeleeën, dee mer hunn, a Courage ze weisen.

A sou e Courage ass dann natierlech och sou eng Tax op den eidel stoende Wunnengen, wou den Här Baum ugeschwat huet, déi – dat hutt Der och ugeschwat – am Gemengerot 2012 gestëmmt ginn ass a wou eeben och den Interieur eis all Joer drun erënnert, dass et net geet, dass een eng Tax stëmmt a se dann net ophieft, well dat jo och eigentlech géint de Prinzipp geet vun der Gewaltentrennung, an domat och géint den demokratesche System.

A mir kennen déi administrativ Argumenter, dass et komplizéiert ass, oder déi legal, dass et vläicht net 100 % legal ass, u verschidden Donnéeën ze kommen. A mir kënnen dat och novollzéien, mee mir sinn awer och der Meenung, dass mer wierklech eis mussen d'Moyene ginn, wéi d'Motiounen och hei fuerderen, dass mer alles maachen, fir un déi Donnéeën ze kommen, respektiv all Informatioune kréien, wat de Leerstand ugeet.

An ech warnen do virdrun, fir vläicht op déi national Steier ze waarden, déi jo um Intanzewee ass. Ech mengen, jiddwereen heibanne weess, dass ënner engem Premierminister Luc Frieden ni sou eng Steier wäert agefouert ginn. Sou naiv däerfe mer, mengen ech, awer net sinn.

Wéi gesot, Wunnen ass wéi Iessen, Schlofen ee vun eise grondleeënde Bedürfnisser. An d'Zuele weisen, déi ech virdrun zitéiert hunn, dass déi Kris ze flagrant ass, fir net all Hiewel ëmzeleeën, dee mer als Gemeng hunn. An dofir ënnerstëtze mir och déi Motiounen, déi den Här Baum virdru presentéiert huet.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Pulli.

Ginn et nach Wuertmeldungen aus dem Gemengerot? Den Här Schmit.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, déi Motioune kommen am Fong geholl net ganz onerwaart. Et ass wouer, dass scho länger de Sujet vum Wunnraum hei zu Esch eng vun eise wierklech Haaptproblematiken ass.

An ech hätt och éischter d'Tendenz, dozou Jo ze soen. Et ass, wéi gesot, just déi drëtt Motioun, wou Dir jo och gesot hutt, mat den Delaie vum éischte Semester, fir dat hinzekréien. Dat schéngt mer, Här Buergermeeschter, an dësem Fall räsonabel, wat Der do gesot hutt. Datt dat enk géif ginn.

Dofir hunn ech nach Hesitatiounen, wat déi Motioun ubelaangt, do matzestëmmen aus deem Grond.

An och natierlech weegent der Protection des données, well ech mer do net sécher sinn, an dat och wichteg ass trotzdeem, wéi ee kann, solle mer soen, gesetzlech legal a ganz konform un déi Donnéeë kommen, wou mer brauchen, fir déi Tax kënnen ze erhiewen.

Dofir sinn ech bei där enger Motioun am Zwiispalt. Bei deenen aneren zwou wär ech éischter der Meenung, datt een dozou kéint Jo soen.

Voilà, dat wär meng Stellungnam zu deem Problem.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci.

Ginn et soss nach ... vum Gemengerot keng. Dann äntweren ech awer, éier dann den Här Baum d'Wuert zum Schluss huet, éier mer ofstëmmen.

Jo, Här Pulli, dat wat Der sot, ass richteg. Ech mengen, Dir setzt Esch e bëssen an eng Insel do. Als eng Insel duer.

Ech verstinn dat och, well mer hei den Escher Gemengerot sinn an net iwwer national Loyerspräisser schwätzen. Well mer einfach iwwer dee Fait schwätzen, dass et e grousse Manque gëtt u Locatiounswunnengen, iwwerall am Lëtzebuerger Land. An dass mer do awer zum Beispill zu Esch net schlecht do stinn am Verglach mat verschiddene Gemengen. Wat een dann awer ervirhiewe sollt.

Wann et an all Gemeng vu Lëtzebuerg sou vill Locatiounswunnenge géing ginn oder proportional géing gi wéi bei eis, respektiv de Pourcentage vu Sozialwunnengen dee wier, dann hätte mer eng ganz Diskussioun hei, mengen ech. Souwuel hei wéi och um nationalen Niveau.

Dat wat den Observatoire social awer och seet, dat ass, dass et awer, trotz de Präisser, déi dann elo déi neist sinn, wou Dir uginn hutt. De leschten Observatoire social huet awer notamment gesot, dass mer och eng Differenz hu par rapport zu de Quartieren.

Well notamment d'Quartieren am Zentrum. Dat wiere Quartiers d'accueil. An ech betoune „Quartiers d'accueil" net nëmme fir Leit, déi aus dem Ausland bei eis géinge kommen, mee och eng Migratioun innerhalb vum Land stattfënnt.

at heescht, dass duerchaus Leit aus dem Land hei bei eis op Esch kommen, well se aneschters wou am Land net méi kënnen hire Loyer sech leeschten. An da vun hei eigentlech probéieren, sech erëm eng nei sozial Existenz opzebauen. An dass mir do sou e bëssen den Trampolin duerstellen, am Idealfall, wann dann dee Projet gléckt.

Dir sot, dass ënner enger Regierung Luc Frieden natierlech dat doten natierlech net géing realiséiert ginn. Ech weisen drop hin, dass et am Koalitiounsaccord stoung. Ech stellen awer fest, dass ënner enger Inneministesch Bofferding et och net realiséiert gouf, an do awer wierklech de Ball loung.

Sou an elo ginn ech d'Wuert ofschléissend un den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Merci och den Interventiounen an och Ären Erklärungen.

Ech mengen, datt mer net vergiessen däerfen, am Kontext och vun de Wunnengspräisser – déi Zentrumsquartieren, déi effektiv Quartiers d'accueil sinn, och net nëmme fir Leit, déi vu bausse kommen, mee och innerhalb vum Land. Datt een awer och muss kucken, datt et oft mat der Beruffssituatioun vun de Leit och ze dinn huet.

Dat heescht, déi zentral Quartieren hunn och de Virdeel, datt se, wat den ëffentlechen Transport ugeet, relativ gutt geleeë sinn. D'Distanzen zu de Garë sinn net grouss. Et gëtt eng Geschäftswelt. Dat brauch een. Et ass een net sou op den Auto ugewisen, wéi wann een eventuell nach zu Wäiswampech wunnt, an awer do en Auto brauch fir alles, wat ee maache muss.

Vläicht just déi Reflexioun ergänzend.

Da maachen ech elo en Exercice vum openeen duerkommen. Also ech komme ganz gär op lech duer bei der zweeter Motioun, wann Der sot, Dir hätt do gär nach en Tiret bäi, datt Der eng zousätzlech Lëscht vun all de staatlechen, para-staatlechen oder ëffentlechen Terrainen, am wäitste Sënn vum Wuert, géift – also datt de Gemengerot lech opfuerdert, déi

unzefroen. Dir kéint mer vläicht herno de Wording soen an ech mengen, do gi mer eis inhaltlech wierklech ganz séier eens.

Openeen duerkommen, déi drëtt Motioun. Ech géif da proposéieren, wann dat awer geet, datt mer soen, „à présenter au cours de l'année 2025" – dann ass et net „premier semestre »- „un projet de refonte".

Och do hutt Der dann nach eng Kéier d'Méiglechkeet, fir ze soen, sou wéi d'Reflexiounen de Moment sinn, gesäit et duerno aus, ouni datt domadder zwangsleefeg e Vott vun enger neier Tax muss verbonne sinn. Mee awer zumindest, datt ee gesäit, et geet wierklech virun.

Well et sinn elo siwe Joer einfach näischt geschitt. An ech mengen, datt wichteg ass, datt ee seet, dëst Joer 2025 geschitt eppes an et gëtt och seriö an Ugrëff geholl. Dat wier meng Propositioun, déi och, mengen ech, awer am géigesäitegen Interêt kéint sinn.

Dann déi éischt Motioun. Jo, ech verstinn Är Gedanken, wann Der sot, et ass superfetatoire. Mee ech denken, datt et vläicht net superfetatoire ass, wann een et net gesäit als eppes, wou elo d'Oppostioun eng Majoritéit kéint ënner Drock setzen. Mee datt et wierklech och en Aarbechtsinstrument ass.

An et ass jo evident, an déi Zuel hutt Der genannt, et ginn 13 Wunnengen oder Logementer, wou et am Moment kee Projet gëtt.

An ech sinn e Verteideger dovunner, datt een näischt soll draschreiwen, wou ee weess, datt et souwisou net gemaach gëtt. Well et blät d'Budgete kënschtlech op. An dat ass de Géigendeel vu Planungssécherheet.

Mee a sou engem Inventar géif ee genau dat eventuell kënnen erausliesen. Et kéint ee soen, ma souguer vun deenen 13 wësse mer elo schonn, well et geet jo drëm, d'Raison vun der Non-Occupation – wann d'Raison ass „vétusté". A wa mer wëssen, dat do muss komplett ofgerappt ginn, a wa mer et komplett ofrappen, da maache mer gär e seriöe Projet draus.

Dat wäert net déi éischt Prioritéit si vun deenen 13. Do ass éischter en anere Projet. Ech mengen, datt een dat dorauser awer erausliese kéint. An ech mengen, datt dat wierklech als Aarbechtsinstrument geduecht ass fir eis alleguer am Gemengerot, fir datt mer do den Iwwerbléck behalen.

Ech hu jo och näischt gesot iwwer d'Form, wéi dat muss kommunizéiert ginn. Dat kann duerchaus och an enger Kommissioun kommunizéiert ginn. Mer hu reegelméisseg grouss Sujeten iwwer Logement. Am Kader vun esou enger Debatt kann dat eventuell kommunizéiert ginn. Mee meng Iddi dohannert ass, datt et wierklech éischter sollt en Aarbechtsinstrument si wéi elo iergendeng politesch Revendicatioun.

An Dir hutt gesinn, bei deenen dräi Motiounen, déi sinn allen dräi relativ konkreet. Se froe konkreet Saachen. Se froen d'Nordstrooss, se froen e konkreete Plang fir déi Tax, déi kommunal Tax ze erhiewen. An ech mengen, datt dat an deem Esprit op jidde Fall geduecht a geschriwwen ass ...

Et wär immens schued, Här Buergermeeschter, wann Der géift déi éischt Motioun net mat votéieren, well et steet souguer do „saluant les déclarations du bourgmestre". Dat wier jo awer net schéin, wann Der dat net géift matstëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Voilà, da komme mer zum Vott vun de Motiounen.

Mer fänken da mat der Motioun 1 un, wou keng Textverännerunge proposéiert goufen. D'Motioun 1. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer d'Motioun 2. Do géing da proposéiert ginn, bäizefügen, „intervenir auprès du gouvernement en demandant une liste complète de toutes les habitations non-occupées sur le territoire d'Esch-sur-Alzette, dont l'État luxembourgeois est propriétaire."

Okee, au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☒ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☒ **Tammy Anna Broers**
- ☒ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☒ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☒ **Mandy Ragni**
- ☒ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☒ **Daliah Scholl**
- ☒ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☒ **Christian Weis**
- ☒ **Joy Weyrich**
- ☒ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann déi drëtt Motioun mat der Ëmformulatioun „à présenter au cours de l'année 2025 un projet de refonte du règlement de taxe en question vu de son application efficace".

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 10.1. Contrats de bail et avenants ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei déi nächst Punkten. Als éischt komme mer bei d'Contrat-de-baillen a bei d'Avenanten.

Do hu mer sechs nei Kontrakter an néng Avenanten zu de Kontrakter fir Sozialwunnenge virleien. D'Detailer hat Der am Dossier leien.

Dir gesitt, dass op Nummer 7, Op der Leier, do wäerten eng ganz Rëtsch Leit elo eraplënneren. An dësem Fall ass dat e Projet, deen elo frësch renovéiert an ofgeschloss gouf. An dat sinn dann d'Locatairen aus dem Nummer 6, fir dass mer dann am Nummer 6 kënnen ufänke mat schaffen.

Gëtt et Froen oder Remarken dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 10.2. Cimetières ; concessions sépulcrales pour l'année 2024 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer d'Concessioune fir d'Joer 2024. Dir hutt am Dossier 39 Verlängerunge vu Griewer virleien.

Kënne mer hei ofstëmmen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **André Zwally**

### 11.1.1. Devis Ecole et maison relais Brouch - projet global phase 2 - construction ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Devisen.

Do hu mer eis als Schäfferot och e gudde Virsaz geholl fir d'Joer 2025. Dat ass, dass mer verschidden Devisen, notamment wann et neier sinn a wann et awer wierklech impressionant Montante sinn, dass mer do vläicht méi am Detail eng Kéier eng Presentatioun maachen.

An den éischten Devis ass esou e Fall, wou et drëms geet, fir awer en Devis ze stëmmen iwwer 35,9 Milliounen Euro, mat engem éischte Kreditt iwwer 7 Milliounen Euro, deen an dësem Budget gefestegt ass. An do geet et ëm d'Bruch-Schoul, déi zweet Phas.

Ech ginn dem Här Sehovic eng Kéier d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir sinn op der dernière ligne-droite, fir d'Phas 1 vun den Aarbechten an der Bruch-Schoul a Maison relais ofzeschléissen. An et war eis einfach wichteg, fir do séier kënne virzefueren an dowéinst och direkt d'Phas 2 kënnen an Ugrëff ze huelen.

Bei der Phas 2 schaffe mer un engem bestoende Gebai, an och een neit Gebai. E fënnefte Fligel, dee fir d'Bruch-Schoul an d'Maison relais wäert entstoen.

Mir hunn am Gebai B eng Notzfläch vun 2.200 m2, wou mer wäerte sechs Klassesäll fir d'Schoul a sechs Raimlechkeete fir d'Maison relais an och d'Nieweraim fir d'Maison relais virgesinn. A mir hunn am zweete Gebai eng Notzfläch vun 1.800 m2, wou mer um Rez-de-chaussée eis Offer am Precoce kënne verbesseren, mat dräi neie Säll fir de Precoce an den dräi dofir noutwendegen och Rouraim.

Um éischte Stack nach eng Kéier dräi Säll Schoul, dräi Säll fir d'Kannerbetreiung. Um zweete Stack och nach eng Kéier de selwechte Programm mat dräi Säll fir d'Schoul an dräi Säll fir d'Kannerbetreiung.

Sou dass dat heiten ee vun de wichtege Projeten, wichtege Bauteprojeten ass, deen eisem Objectif, fir qualitativ héichwäertege Schoulraum op eisem Territoire unzebidden an och genuch Kannerbetreiungsplazen unzebidden. Deen heite Projet ass e wichtege Schrëtt an déi dote Richtung.

A fir den Detail vum Projet hu mer de Chef vum Service – bon, ech weess mol net, wéi de Service genau heescht. De Chef vun den Architekten, de Marc Lukas hu mer hei.

**Marc Lukas**

Merci fir d'Wuert, Här Sehovic.

Ech ginn dann eng Kéier kuerz duerch de Projet. D'Eckdaten hutt Der jo scho genannt.

Dir gesitt hei an enger éischter Vue dat Gebai, wat am Fong geholl elo scho steet, wou mer elo am Innenausbau sinn a wou mer da rechnen, dass mer am Abrëll an der Ouschtervakanz kënnen déi éischt Kanner eraplënneren, wat eis dann erlaabt, dee Fligel an der Rue Michel Lentz ofzerappen.

Do gesitt Der lénks um Bild e bëssen, deelweis verstoppt hanner dem Bam, dat ass dann dat Gebai B. Den éischten Deel also vun der Phas 2. Wat de Rank am Fong zoumécht vun dem Haaptgebai, wou d'Cyclen 2 bis 4, souwuel schoulméisseg wéi och maison-relais-méisseg herno wäerten ënnerbruecht sinn.

Hei hu mer eng zweet Vue. Do gesi mer den Agang vum zukünftege Gebai B. Mir sinn also och nach an der Rue Michel Lentz. A lénker Hand gesi mer dann dat Gebai E, wat sech wäert op de Cycle 1 konzentréieren an dat och e bëssen eng aner Bauweis huet.

D'Gebai B wäert déi selwecht Bauweis hu wéi déi aner Gebaier, mat enger Zillefassad. Eenzeg um Gebai E fanne mer dann eng Holzverkleedung erëm. Voilà, dat zur Architektur.

Dotëscht gesitt Der och nach en Deel vum Schoulhaff mat natierlech och Beplanzungen a soss Stufen. Also och e flotten Amenagement fir d'Kanner.

Hei hu mer dann eng Vue vum Schoulhaff, deen elo schonn amgaang ass, ze entstoen. Dat ass de Bannenhaff. Do gesitt Der ganz riets um Bild déi zukünfteg Entrée vum Gebai A. Dat ass am Fong ëmmer d'Haaptentrée gewiescht vun der Bruch-Schoul. Déi bleift also tel quel bestoen. Och wann aus praktesche Grënn een am Fong déi aner Säit wäert eragoen.

Do gesitt Der hannert deem Bam e bëssen am Schiet deen Eck. An déi Ecktrap, dat ass am Fong funktionell d'Haaptentreé vum Site herno. A wéi gesot, historesch hu mer dann awer och déi aner Entrée bäibehalen.

Do gesitt Der eng Rei Trapen, niewendru gesitt Der Sëtzstufen. An déi alleriewescht Stuf, déi wäert awer och als Ramp ausgeluecht ginn, sou dass een och herno e barriärfräien Zougang do zum Gebai wäert hunn, ouni e Lift ze benotzen. Mir hunn awer och barriärfräi Zougäng mat Lift. Do kommen ech dann op de Pläng drop zeréck.

Hei eng kleng Iwwersiicht. Do gesitt Der elo rout nach eng Kéier déi Gebaier, ëm déi et dann haut am Devis geet. De vertikalen Deel ass dann, wéi gesot, d'Gebai B an den horizontale Rigel uewen ass d'Gebai E.

Ënnerdrënner gesitt Der den Albau, wat mer d'Gebai A genannt hunn. An ënnen um Bild gesitt Der dann deen L, deen, wéi gesot, elo gebaut ass an deemnächst soll fäerdeg ginn: d'Gebaier C an D. Am C hu mer notamment och e groussen Turnsall dran.

Kucke mer eis d'Gebai B e bësse méi genau un. Bon, d'Gebai ass aus Iwwersiichtlechkeetsgrënn ëmmer mat op de Pläng. An och d'Spillplaz. Da gesäit een e bësse besser, wéi dat zesumme funktionéiert herno. Der gesitt do och nach eng Kéier déi Stufen an déi Ramp, déi ech elo grad ugeschwat hat.

Da gesitt Der uewe lénks déi Trapen, déi d'Haaptentrée wäerten duerstellen. An da gesitt Der och, dass do am Fong bëssen e gemeinsame Foyer entsteet, deen d'Gebaier A a B herno wäert verbannen an artikuléieren e bëssen.

Nieft deem Entréesfoyer gesitt Der e puer Büroen. Dat ass, wéi gesot, fir d'Verwaltung a fir de Portier. Da gesitt Der zum Schoulhaff hin ënnen zwee Klasseraim. An do drënner eng Garderob. Do hutt Der eng Garderob, wou d'Kanner kënnen hir Kleeder ophänken.

Vläicht kuerz Erklärung: Firwat hu mer hei Garderoben? Duerch d'Konfiguratioun vum Site hunn déi eenzel Gebairigele misse relativ schmuel gehale ginn. Well a ville Schoulen normalerweis hänken d'Mäntel an d'Jackette vun de Kanner laanscht d'Mauer direkt um Klassesall, an dat hei awer aus Plazgrënn net sou gutt méiglech gewiescht. Dofir déi Solutioun mat de getrennte Garderoben.

Lénks um Plang gesitt Der nach e puer Raim mat méi groussen Dëscher. Dat sinn déi Verwaltungsraim, déi d'Schoul brauch. Dat iewescht, dat gréisst dovun ass d'Léierzëmmer. An dann hu mer zwee Reuniounszëmmeren, déi dann och fir d'Maison relais an och fir d'Schoul, fir hir Besoinen, fir Reuniounen ofzehalen, dann do sinn.

Komme mer op den éischte Stack. Do hutt Der dann eng Verbindungspasserell am Fong, ënne lénks um Bild. An dann hutt Der och d'Trap, déi dann Geschosser matenee verbënnt.

De Lift ass par conter diagonal vis-à-vis. Dat ass de Rechteck do. Do hu mer e Lift. Dee geet och hannen eraus. Dat heescht, och do hunn ech e barriärfräien Zougang iwwer de Lift an d'Gebai.

Voilà, dann hu mer um éischte Stack nach eng Kéier zwee Klasseraim an dräi Fläche fir d'Maison relais, wou da verschidden Aktivitéite kënne gemaach ginn. An Dir gesitt och do lénks e Raum. Dat ass am Fong eng Loggia.

Dat ass dann och e Bausseraum, deen dann och ka genotzt gi vun de Kanner. Wou mer och opgepasst hunn, dass deen och gutt accessibel ass a wou een och ka mat grousse Schibeelementer grouss opmaachen, wa gutt Wieder ass. Dass een dann och kann trotzdeem, dass ee sech am Gebai befënnt, vu frëscher Loft a vum Klima dobausse profitéieren.

Da si mer um zweete Stack. Deen ass am Fong ganz ännlech, just dass hei keng Loggia vorhanden ass. An dann uewen hu mer nach eng Kéier e Büro. Dat ass dee vum Schoulpresident. An och eng kleng Reunioun, déi dozou gehéieren.

Dann hu mer de Plang vum Daach. Do hu mer natierlech elo just Technik drop mat engem klenge Cabanant. An de Rescht vun der fräier Fläch ass wäitgeeënd ausgenotzt fir Photovoltaik.

Nach kuerz de Keller. Do hu mer haaptsächlech Technikraim an awer och e puer grouss Lagerraim.

Hei gesitt Der eng Kéier d'Schnëtter, wéi dat an der Coupe ausgesäit. An dann d'Fassaden. Lénks gesitt Der dann nach eng Kéier d'Haaptentrée a riets, déi aner Säit vun der Strooss gekuckt, och d'Haaptentrée vum neie Gebai B.

Hei hu mer eng Kéier eng Vue méi global vun der Rue Michel Lentz op d'Fassad vum Gebai B. Wéi gesot, eng Architektur an och eng Finitioun aus Zillen, wéi Der se och elo scho kënnt gesinn op de Gebaier C an D, déi elo bausse quasi fäerdeg sinn.

Da komme mer op d'Gebai E, wéi gesitt, Cycle 1. D'Entrée ënne lénks am Eck. Dann hutt Der e relative grousszügege Foyer an en Trapenhaus, wou an der Mëtt eng Fläch ass, wou d'Kanner sech och kënnen op Sëtzstufen ophalen.

Da kommen no ënnen déi dräi Crupperaim fir de Precoce mat de Rouraim, déi dozou gehéieren. Et ass all Kéier e méi klenge Raum dotëscht mat der Verbindungsdier. An dann uewe laanscht hutt Der méi Sekundärraim, déi dann d'Sanitäranlagen enthalen an awer och nach e klengen Extra-Grupperaum.

Éischte Stack. Do hutt Der dann dräi Klasseraim. Dat sinn déi, déi hei mat Pult agezeechent. Ganz lénks hutt Der Maison-relais-Raim, an déi zwee Raim méi kleng tëscht de Klasseraim sinn och Maison-relais-Raim, kënnen awer och, dofir d'Verbindungsdieren zu de Klasseraim, och als Interaktiounsraim intermittent genotzt ginn.

De Raum lénks ënnen, deen ass eigentlech och geduecht, fir ze iessen. Awer net nëmmen. Dee gëtt dann och ausserhalb vun den Iesszäite genotzt fir aner Aktivitéiten.

Natierlech kënnen d'Kanner aus dem Gebai do och an d'Haaptgebai goen an do aner méi spezifesch Raim notzen. E Psycho-Motorik-Raum ass zum Beispill an dësem Gebai net virgesinn. Dat mécht och kee Sënn laut eise Leit, déi dat bedreiwen, dass mer där ze vill maachen. Dofir kënnen dës Raim dann am Haaptgebai mat genotzt ginn.

Och e Radiosraum ass elo hei zum Beispill net virgesinn. Deen hu mer am Gebai B. Dat ass, wou d'Kanner kënnen dann hir eege Radios- an och Fernseesprogrammer produzéieren. Sou e Raum gëtt et schonn an der Éilerenger Strooss an deem Gebai. Dat kënnt anscheinend ganz gutt un.

Dann zum Gank hin uewe gesitt Der nach eng Kéier e puer Fräiflächen. Do hu mer sou e Spielflur, hunn d'Architekten dat gedeeft. Dat si Flächen, déi oppe sinn, wou dann och d'Kanner kënnen, ouni elo an engem Grupperaum agespaart ze sinn, mateneen interagéieren.

Do ass den zweete Stack. Deen ass am Fong ganz änlech. Ech erklären dat elo net nach eng Kéier vu vir.

Dann hu mer d'Vue op den Daach, den Technikraum an d'Photovoltaik, wéi op den anere Gebaier och. An nach e Keller, an deem och haaptsächlech Technik ass.

Mir hunn eis och hei fir eng Deelënnerkellerung decidéiert, fir awer och d'Käschten e bëssen am Ramen ze halen. Well souwisou, Grupperaim oder sou kann ech do net maachen, dofir kréien ech keen Agrement, also kréien ech se och net ugerechent. A Lager hu mer an den anere Kellere genuch, dofir hu mer hei just eng Deelënnerkellerung gemaach.

Hei dann nach eng Kéier d'Schnëtter vun deem Ganzen. Lénks duerch d'Trapenhaus a riets dann e Standardschnëtt duerch d'Gebai.

Nach eng Kéier déi dräi wichtegst Fassaden. Uewen déi zum Schoulhaff an ënnen déi zwee Giewelen. Wéi gesot, dann hei eng Holzfassad, wéi mer der jo och schonn zum Beipsill op der Wobrécken-Schoul hunn.

Da komme mer zum Timing. Do gesitt Der d'Phas 1, wou mer amgaange sinn, déi fäerdegzemaachen. Wéi gesot, Abrëll, Ouschtervakanz versiche mer, dat sou wäit iwwer d'Bün ze hunn, dass dann d'Kanner aus där Aile, déi soll ofgerappt ginn, kënne plënneren. Do ass dann eng Schadstoffsanierung virgesinn.

An da wärend der Grousser Vakanz ass dann d'Ofrappe virgesinn, wat jo relativ vill Stëbs a Kaméidi mécht. Dofir versiche mer, dat an d'Grouss Vakanz ze leeën, fir de Schoulbetrib net ze vill ze beanträchtegen.

Da komme mer un de richtege Start vun der Phas 2. An der Rentrée, och der bauméisseger Rentrée nom Kollektivcongé am September 2025, wou mer dann natierlech ufänke mam Réibau an dann d'Clos couvert, geschlossener Rohbau. An dann Technik- an Innenausbau.

Dat ass ganzt ass virgesi bis Mee 2027, also knapp zwee Joer. An da véier Méint fir déi verschidden Abnamen an Noaarbechten, sou dass dann d'Rentrée an deem Deel, an der Phas 2, virgesinn ass am September 2027.

Duerno gëtt dann d'Sanéierung vum Albau, Bâtiment A, dann an Ugrëff geholl, wou mer och nach eng Kéier zwee Joer veranschlaagt hunn. De ganze Projet Bruch soll dann am September 2029 fäerdeg sinn.

Da komme mer zu de Käschten. Do hu mer dann déi verschidde Lousen, wat do ufält. Dann hu mer insgesamt e Montant netto Baukäschte vun 22, bal 23 Milliounen Euro. Do kommen dann d'Honorairen dobäi.

Mer hunn och eng Indexéierung virgesi vun 9 % iwwer déi zwee Joer. Et ass vläicht elo e bëssen héich, mee et weess een ni genau, wou den Index higeet. Do hu mer dann 2 Millioune virgesi fir Index-Upassungen.

Dann hu mer nach Divers et Imprévus, wéi dat heescht. Och nach eng Kéier 2 Milliounen. Och eng Reserv. An dann d'Honorairen, déi schloen och nach eng Kéier mat knapp 3,5 Milliounen zu Buch.

Da kënnt nach d'TVA dobäi, an da lande mer bei deene 35,9 Milliounen Euro, déi dann haut ze stëmme wieren.

Voilà, dat wier emol vu menger Säit alles. Wann nach technesch Froe sinn?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci fir dës Erklärungen. Ginn et nach Froen oder Wuertmelungen dozou?

Da merci, Här Lukas. A mir kënnen ofstëmmen. Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 11.1.2. Devis supplémentaire concernant la construction d'un nouveau réservoir d'eau au Gaalgebierg; décision

### 11.1.3. Devis supplémentaire concernant la Place de l'Académie – éclairage public - renouvellement; décision

### 11.1.4. Devis concernant le tronçon Rond Point Ehlerange - Rond Point Raemerich - antenne; décision

### 11.1.5. Devis concernant le tronçon Rond Point Ehlerange - Rond Point Raemerich - conduite d'eau; décision

### 11.1.6. Devis concernant le déplacement de la sirène d'alerte publique quartier Barbourg; décision

### 11.1.7. Renouvellement de l'éclairage de l'auditoire du Conservatoire; décision

### 11.1. 8. Devis estimatif pour la remise en état du local de restauration au 3ième étage du théâtre; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann hu mer en zousätzlechen Devis, wou et ëm d'Konstruktioun vum Waasserreservoir um Gaalgebierg geet.

Den éischten Devis, deen ofgestëmmt gouf, da war 2021, dee war iwwer 8,7 Milliounen. Elo kommen nach eng Kéier 4,8 Milliounen Euro dozou. Dat ass awer e wichtege Projet, wou et ëm d'Ofsécherung vum Drénkwaasser, awer zum Beispill och vum Läschwaasser hei zu Esch geet.

Kann ech mat den Devisë weiderfueren?

Dann hu mer dräi Devisen, déi allen dräi ze dinn hu mat eise Reseauen. Dat heescht, den éischten, do geet et ëm d'Place de l'Académie um Belval.

Dir wësst, dat ass elo Proprietéit vun der Stad Esch. An déi Plaz, déi mer do iwwerholl hunn, déi ass awer an eisen Aen nach net fäerdeg amenagéiert. Souwuel kann d'Gestaltung uewen nach anescht gemaach ginn, mee hei geet et elo ëm d'Reseauen ënnendrënner.

A wat mer elo proposéieren, dat ass, en Devis ze stëmmen, en zousätzlechen Devis fir d'Renouvellement vun der Beliichtung op der Plaz. Den Devis, deen ass iwwer 95.000 zousätzlechen Euro.

An da profitéiere mer vun den Aarbechten, déi Ponts&Chaussées maachen, tëscht dem Rond-point Éilereng an dem Rond-point Rämmerech, op deem Trançon, fir do dann,

wann do opgerappt gëtt, och selwer mat dra schaffen ze goen. Eng Kéier wëlle mer dann un der Antenn schaffen, un de Reseauen, déi dofir virgesi sinn. Dat ass en Devis iwwer 88.000 €

An den zweeten Devis ass iwwer d'Waasserleitungen. Deen ass iwwer 138.000 €.

An dann hu mer nach en Devis iwwer en Deplacement vun der Sirène d'alerte publique, déi um Barbourg steet. Well um Barbourg geschafft gëtt a gouf, muss eeben déi Sireen geréckelt ginn. Den Devis, dee chiffréiert sech op 30.000 €.

An dann hu mer nach zwee Devisen aus dem Kulturberäich. Dat ass op der enger Säit nei Beliichtung fir den Auditoire am Conservatoire. Den Devis hei beleeft sech op 250.000 €.

An dann en Devis fir d'Renovatiounsaarbechten uewen am Bar oder am Restaurant um drëtte Stack am Theater. Do beleeft sech den Devis op 180.000 €.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Kënne mer se zesummen ofstëmmen? Den Här Baum huet eng Wuertmeldung.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech si mat deenen Devisen a mat dësen Erklärungen, déi dozou komm sinn, sou wäit averstanen. Ech hunn awer e Problem mat engem Devis. An dat ass deen, wat de Waasserreservoir ugeet. Wou et awer ëm eng Augmentatioun vun iwwer 50 % par rapport zu dem initiale Devis ugeet.

Ech mengen, datt et duerchaus eng Pandemie an den Ukrain-Krich sécher zu enger Penurie deelweis u Material geféiert hunn, respektiv zu enger Verdeierung. Mee 55 %, dat ass awer wierklech enorm.

A virun allem, well een d'Gefill huet, et geet iergendwéi net virun am Chantier. An do wier ech awer frou, wann Der mer e puer Erklärunge kéint ginn, fir dat hei dann awer sou unzehuelen. Well 55 % ass wierklech vill.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Et ass tatsächlech wierklech vill. Bon, d'Argumentatioun ass natierlech mat der Evolutioun vun de Präisser. Ech ginn awer dem Här Zwally d'Wuert, fir den Detail ze soen.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Jo, dat huet effektiv och domadder ze dinn, dass mer eigentlech vun engem normale Kader erofgaange sinn an en anere Kader.

Dee Kader bedeit nämlech, dass mer duerch de Park gefuer sinn. An an deem Devis do ass zwar eng Ausleeung gewiescht, wat d'Käschte kënnen ausmaachen, mee da kënnt nach natierlech aner zousätzlech Aarbechten, déi ee sou direkt net konnt virgesinn.

Wann s de elo e Stroossendevis hëls, ass dat méi einfach. Dee wollte mer awer net huelen, well mer dann hätte missen déi ganz Stroosse blockéieren. A mer wësse jo, dass nëmmen eng Zoufaartsstrooss do ass par rapport zu dem Camping, Bamhaiser a sou weider. An dat ass eppes, wat net virgesi war.

An den aneren Deel ass natierlech ëmmer herno d'Verkleedung vun dem ganze

Reservoir. Dee muss jo och nach zousätzlech gestëmmt ginn. Oder respektiv ass och do mat dran.

A mir haten am Ufank gesot, mir wéilte kucken, a wat fir eng Conciliatioun mer géife goen. Mir haten am Ufank zwee blechen Triichtere virgesi fir am Reservoir selwer, awer mir sinn entre-temps op de Wee gaangen, amplaz vu 7.500 m3 op 11.000 kënnen eropzebauen. Sou dass do och vun de Konstellatiounen hier, vun der Capacitéit eng Augmentatioun komm ass. Dat ass eng vun deenen Ursaachen.

Dat anert ass, mir sinn am Timing – ech kann Iech versécheren, dass mer am Timing si vun deem, wat mer hei virgestallt hunn. Déi Aarbechte wäerten am Abräll komplett fäerdeg si wat d'Leitungen ubelaangt.

An duerno gi mer wierklech an de Bau vum Reservoir selwer. Sou dass mer da mengen, an annerhallwem Joer, zwee Joer, spéitstens 2027 wäerte fäerdeg sinn. Well da si mer eigentlech e bësse gerett, wat eis Waasserversuergung ubelaangt.

Mee 55 %, ech ginn Iech och Recht. Mee déi Prozenter, dat ass ëmmer ... wann ech 100 € hunn an ech ginn 150, hunn ech 50 % méi.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Baum, ech froen Iech elo, solle mer getrennt Devisë stëmmen. Solle mer se zesumme stëmmen? Solle mer een eraushuelen?

*(Interventioun Här Marc Baum)*

Zesummen? Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 11.2.1. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier; exercices 2019 à 2024; décision

### 11.2.2. Relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier; exercices 2020 à 2024; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Relevé et Rôle supplétif vum Impôt foncier. Dir hat d'Dokumenter am Dossier. Froen dozou? Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 12.1. Règlements communaux de circulation ; adoptions ; décision

### 12.1.1. Règlement de la circulation; modification du règlement de la circulation; Rue du Cinquantenaire; décision

### 12.1.2. Règlement de la circulation; modification du règlement de la circulation; Avenue du Rock'n'Roll; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Verkéiersreglementer. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech fanne meng Notten dozou net erëm. Dowéinst versichen dat elo einfach auswenneg opzemaachen.

Well ech mengen, ech hat zwee permanent Ännerungen um Verkéiersreglement. Eng Kéier, fir eng PMR-Parkplaz an der Rue du Cinquantenaire bäizesetzen. An eng zweet Modifikatioun, déi um Belval ass op der Avenue du Rock'n'Roll, wou mer en zousätzleche Foussgängeriwwerwee reglementéieren.

Do gëtt et zwar e Passage, eng Passerell iwwer déi Bréck, déi Der kennt, tëscht dem Plaza 1 an dem Plaza 2. Mir hunn awer de Constat gemaach, dass ganz vill Leit och ënnen iwwer d'Strooss ginn. An da wollte mer do eeben der aktueller Praxis och Rechnung droen a wäerten dowéinst do e Foussgängeriwwerwee reglementéieren.

Ech bieden ëm Är Zoustëmmung fir déi zwou permanent Ännerungen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 12.2. Confirmation des règlements temporaires de circulation ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann déi temporär Verkéiersreglementer, Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Jo, Här Buergermeeschter, do gëtt et zwou temporär Ännerungen, déi mer missten accordéiert kréie vum Gemengerot. Eng Kéier um Boulevard Prince Henri, wou de Chantier op der Voirie publique, notamment um Vëloswee an eng nächst Phas gaangen ass an dowéinst och d'Reglementatioun huet missen ugepasst ginn.

An dann eng Kéier an der Monnerecher Strooss, wou wéinst Aarbechten um Akafszentrum d'Strooss zou ass am Moment. An ech bieden de Gemengerot, fir béid temporär Changementer ze approuvéieren

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 13. Commissions consultatives ; modifications ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dann hat Der Commission-consultativen, d'Modifikatiounen de Moien hei leien, wou Der erakomm sidd.

Ech liese se elo net all vir, well souwuel d'CSV, déi Gréng maachen, mengen ech, e bëssen eng Runderneuerung a verschiddene Kommissiounen.

Dir hutt d'Dokumenter, mir kënnen ofstëmmen.

**[Vott; 17 Oui]**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Bei de Changementer hu mer 17 Mol Oui.

Da soen ech Iech Merci fir d'Sëtzung vun de Moien. Ech weisen nach drop hin, dass de Mëtteg um Monument morts um 17 Auer eng Zeremonie ass, eng Commemoratioun un d'Affer vun der Exekutioun vu Sonnenburg.

An nodeems, wat een an de leschten Deeg souwuel an der Welt gesinn huet an ëmmer erëm an de Medie gesinn huet, an awer och hei am Land op verschiddene Plazen huet sech missen unhéiere vun Äusserungen, invitéieren ech jiddereen, de Mëtteg dorun deelzehuelen, wann en Zäit huet.

Et ganz schéinen Dag a schéine Weekend.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Jean Tonnar**
LSAP



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
déi gréng



**Dejvid Ramdedovic**
CSV